

nom 11. September. An och den 11. September als solches huet mech eigentlech net dozou gefouert, fir déi kritesch Analys ze maachen, déi ech haut maachen, par rapport zu deene Virgäng, déi mer an deene leschte Wochen awer nach eng Kéier verstärkt konnte beobachten.

Wa mer et verpassen, eng kritesch Analys ze maachen, zum Beispill iwwert déi geopolitesch Machtspuller, déi an deene leschten 20, 30 Joer - an och am Moment nach, menger Meenung no - gemaacht gi sinn, da riskéiere mer, obwuel mer da vläicht an dräi Wochen oder dräi Méint oder an engem Joer kee Bin Laden oder och keen Taliban-Regime méi hunn, dass eng ähnlech Situatioun dann duerchwegs rëm an engem anere Land méiglech ass. A wann ech gesot hunn „den Nährbuedem schafen“, dann ass dat net well ech mengen, datt déi, déi d'Attentater maachen oder dee Regime, dee se ënnerstëtzt, nëmmen iergendee geringste Mérite hätten, mä da wollt ech domat soen, datt den Nährbuedem net vum selwen entstanen ass, mä duerch d'Beaflossung, duerch d'Handelen, duerch Aktiounen vun eenzelne groussen Natiounen, an do gehéieren och d'Vereenegt Staten derzou.

An ech mengen, mir müssen och de Courage hunn, dat endlech ze diskutéieren an ze thematiséieren, well soss lafe mer weider rëm de Risiko, datt mer an zéng oder fënnf Joer, oder wéini och ëmmer, nach eng Kéier müssen esou ee katastrophale Bilan zéie wéi deen, dee mer den 11. September gezunn hunn.

Et ass dat, wat eis Ulass ginn huet, fir dat haut ze soen, an ech mengen, datt och de Moment de Punkt komm ass, wou ee muss ufänken déi Saachen ze soen - well dat erlaabt eis zumindestens och, well mir jo awer als Europäer, zumindest an der Aktioun, e bësse méi Distanz hunn zu där Geschicht, wéi d'Vereenegt Staten se iwwerhaapt kënnen hunn -, datt eventuell verschidde Feeler vermidde ginn, déi soss an där ganzer Regioun riskéieren ze passéieren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Sou, ech mengen, domat wier d'Diskussioun ofgeschloss.

(Hilarité)

Dat war eng Feststellung, déi den Här Bausch, deen d'Debatt jo beantragt huet, d'Recht hat, als Schlusswuert ze maachen.

Ech weess net, ob den Här Goerens nach eppes dozou ze soen huet.

M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.- Här President, ech wëll nëmme just soen - mir schwätzen hei jo als Europäesch Unioun, jiddfereen -, dass d'Regierung soll kucken, datt d'Europäesch Unioun déi Haltung anhëlt.

Ech géing och jiddfereen invitéieren, an deenen europäesche Parteie wou en dran ass, eng eventuell Haltung unzestriewen, déi och der Kohärenz an der Europäescher Unioun, um ieweschte politesche Plang, nëmme förderlech kënn sinn.

M. le Président.- Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss. D'Motioun ass also op en Donneschden vertagt.

Da fuere mer weider mat eise Ordre du jour, an dat ass d'Diskussioun zum Projet de loi 4512, e Protokoll zum Ofkommen vu Kyoto iwwert de Klimaschutz. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Schank, Bodry, Graas, Mehlen, Gira a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

5. **Projet de loi 4512 portant approbation du Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, fait à Kyoto, le 11 décembre 1997**

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut vum Protokoll vu Kyoto schwätzen, da schwätze mer vun engem zousätzlechen Ofkommen zur Klima-Kader-Konventioun vun de Vereenten Natiounen, déi 1992 zu Rio festgehal ginn ass, an déi op der Klimakonferenz, eng Nofolgekonzferenz vum Äerdsommet vu Rio, 1997 arréiert ginn ass.

An dësem Ofkommen gi gemeinsam Regele festgehalen, wéi een d'Problematik vum Zäreneffekt kann an de Grëff kréien. Fir Lëtzebuerg huet deemools den Ëmweltminister Johnny Lahure dës minus 28%, zu deene Lëtzebuerg sech engagéiert huet, ausgehandelt.

Wa mer vum Zäreneffekt schwätzen, da schwätze mer a sech vun engem natierleche Phenomeen, deen an der Atmosphär vir sech geet, bedéngt duerch d'Zäregasen, déi een natierlech och an der Atmosphär erëmfënnt. Dat ass alles normal. Anormal ass, dass Zäregasen, déi an der Atmosphär sinn, drastesch eropginn duerch d'mënschlech Aktivitéiten, an haaptsächlech duerch d'Verbrenne vu fossile Brennstoffer bei der Produktioun vun Energie, beim Transport an och bei aneren industriellen Aktivitéiten.

Wann ee vun Zäregase schwätzt, da schwätzt een haaptsächlech vum CO₂, vum Kuelendioxid, an do kann ee soen, datt deen an der industrieller Zäit ëm 30% an d'Luucht gaangen ass.

Et kann een awer och zum Beispill vum Methan schwätzen, dee sech mat 2,5-mol multiplizéiert huet a

fir deen haaptsächlech d'Landwirtschaft verantwortlech ass.

D'Zouhuele vun dësen Zäregasen an der Atmosphär féiert zu enger méi héijer Konzentratioun vun dëse Gasen a provoziert e méi groussen Zäreneffekt, deen dann zur Konsequenz huet, datt et zu engem Klimawissel ka kommen.

D'Konsequenze vun esou engem Klimawissel kënnen éischters bedeiten, datt den Niveau vum Mier géif eropgoen. Bis ewell soll deen ëm 10-25 cm eropgaange sinn. Dee soll bis d'Joer 2100 ëm ee Meter eropgoen. Dat ass haaptsächlech doduerch bedéngt, datt d'Waasser am Mier sech dilatéiert, ausernee geet doduerch, datt et méi waarm gëtt, awer och doduerch, datt op de Polen d'Äis ofschmëlzt. Dat bedéngt dann natierlech, datt deene klengen Inselstaaten am Pazifik iergendwann eng Kéier d'Waasser bis zum Hals wäert stoen, mä datt och déi Länner, déi a Küstegebiddere leien, a Gefor geroden ënner Waasser gesat ze ginn.

Déi zweet Konsequenz ass déi, datt en Temperaturstieg kënnt. Dat bedéngt, datt Ökosystemer a Gefor geroden. Op där enger Säit riskéiert een zum Beispill, datt et zu Verwüstunge kënnt, oder datt nei Landschaften verwüst ginn. Dat bréngt natierlech erëm Problemer bei der Landwirtschaft mat sech, mä et kann och zum Beispill Problemer a Biergregionen bréngen. Elo schonn ass festgestallt ginn, datt et 20-30% manner schneit an den Alpen an datt d'Gletscher sech bis zu 30-50% zrëckgebilt hunn.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

En drëttes Problem ass deen, datt déi hydrologesch Cyclen, déi an den Ozeanen vir sech ginn, sech destabiliséieren. D'Konsequenze vun engem „El Niño“ kennt Der jo. Dat ass deen Zyklus, dee sech am Pazifik ofspillt. D'Verännerunge vun deenen Cyclen bréngen mat sech, datt op där enger Säit méi Stuerm ka kommen, op där anerer Säit reent et méi oder et gëtt méi dréchen, wat zu Dürre ka féieren. Déi Cyclen sinn och dann net méi esou regelméisseg, a villméi dacks. Wann déi fréier all 20 oder 30 Joer komm sinn, ass erausfonnt ginn, datt déi an Zukunft all fënnef Joer kënnen erëmkommen, an datt mer dann all fënnef Joer där Katastrophe begéinen, esou wéi mer se an deem Raum do kennen.

Wat fir en Afloss de Klimawissel op de Gulf Stream huet, deen Zyklus, dee fir den europäesche Kontinent Heizung spillt, entzitt sech haut eiser Kenntnis. D'Wëssenschaftler hunn doriwwer nach net genuch studéiert, fir dat kënnen ze soen.

Och wa mat leschter Sécherheet net ka festgestallt ginn, datt den Zäreneffekt, dee provoziert gëtt duerch mënschlech Aktivitéiten, eppes mam Klimawissel ze dinn huet, esou geet awer de Gros vun de Wëssenschaftler, déi an dem IPCC (International Panel of Climate Change) regroupéiert sinn, dovun aus, datt eng Relatioun besteet tëschent dem Zäreneffekt an dem

Klimawissel. Den IPCC ass am Fong eng Ënnerorganisatioun, déi vum Programm vun de Vereenegten Natiounen fir d'Ëmwelt an d'Liewe geruff ginn ass, an dat eréischt 1988, fir sech dëser Problematik unzuhuelen an erauszefannen awéiwäit den Zäreneffekt eppes mam Klimawissel ze dinn huet. D'IPCC ass sech zimlech sécher, datt d'Konzentratioun vun den Zäregasen duerch mënschlech Aktivitéiten eropgeet an datt d'Temperatur am leschte Joerhonnert ëm 0,3-0,6° eropgaangen ass.

D'Wëssenschaftler si sech allerdéngs net alleguer eens doriwwer, mä et kann een awer soen, datt 90% vun de Wëssenschaftler dës Meinung deelen. Eng 10% deelen dës Meinung net a behaapten, et géif keng Relatioun domadder bestoen. Wat déi soen, kënnt Der um Internet noliesen. Do kënnt Der IPCC bei deene verschiddene Programmer drécken, zum Beispill bei Yahoo. Da kommen 2.570 Säiten. Do ass dann awer nëmmen all Honnertsten ongeféier, dee vum Contraire vun dëser Situatioun schwätzt.

Wéi gesot, wa mat leschter Sécherheet net bewisen ass, datt do eng Relatioun besteet, esou soll een awer dovun ausgoen, datt dat méiglech kënnt sinn. Dat hunn och all déi Leit gemaach, déi sech 1992 um Sommet vu Rio vereenegt hunn. Déi si vum Vorbeugeprinzip ausgaangen an hunn dat och deemools an der Klima-Kader-Konventioun am Artikel 2, Alinéa 3 festgehalen, wou drasteet, datt, och wann déi lescht wëssenschaftlech Sécherheet feelt, dat een net dierf dovun ofhalen, fir Virsichtsmoosnamen ze huelen. Dofir ass dann och an där Kader-Konventioun festgehalen ginn, fir d'Zäregasen am Joer 2000 um Niveau vun 1990 ze stabiliséieren.

Leider konnte sech zu där Stabiliséierung nëmmen déi industrialiséiert Länner engagéieren. Well déi industriell Länner duerno awer gemengt hunn, dat Zil wier vill ze vill zaghaft, hu se sech an enger Partie Nofolgekongressen zesumme gedoen, fir chiffriert Objektiv festzesetzen, zu deene se sech da géifen engagéieren. Dëst ass dunn 1997 zu Kyoto, op där drëtter Nofolgekongress „des Parties“ geschitt. Et ass do decidéiert ginn, d'Zäregasen, oder déi Gasen, déi verantwortlech si fir den Zäreneffekt, ëm 5,2% ze reduzéieren par rapport zu 1990 an dat vum Joer 2008 bis 2012. Domat waren d'Dieren dann opgemaach, fir de Problem vum Zäreneffekt an de Grëff ze kréien.

Et kann een hei och net vun engem ambitiösen Zil schwätzen, wann ee weess, datt bis d'Joer 2050 dës Gasen ëm 50% misse reduzéiert ginn. Mä ëmmerhi kann ee scho bal zefridde sinn, datt et zu engem Accord komm ass, an et kann ee soen, besser e schlechten Accord, wéi iwwerhaupt keen Accord, wann ee weess, wéi déi international Diplomatie funktionéiert.

Ech géif hei als Beispill mech op d'Problematik vun der Ozonschicht referéieren, wou och eréischt 1985 am

Protokoll vu Wien éischt Absichten dra stongen, déi du bei der Konferenz vu Montréal festgehalen gi sinn, wou d'Länner sech engagéiert hunn d'CFCen ze reduzéieren. Ech mengen, bei eis an der Chamber ass dat Gesetz 1989 gestëmmt ginn, dat sougenannt „Spraydouse-gesetz“. Et muss een awer soen, datt déi Konferenz vu Montréal hire Wee gaangen ass an datt een an der Problematik vun den CFCen awer iergendwéi un d'Enn gesäit.

Wann d'Zil net ambitiéis ass, da gëtt et och net méi ambitiéis doduerch, wann ee weess, datt d'Entwécklungslänner net wollte matmaachen. Si si wuel um Kyoto-Protokoll bedeelegt, hu sech awer net dozou duerchgerongen, fir Reduzéierungsziler matzedroen. Si sinn der Meenung, datt si och e Recht op Entwécklung hunn, an datt déi industrialiséiert Länner fir d'éischt emol solle mam gudden Beispill virgoen, ier si sech zu Reduktiounen engagéieren. Et ass awer esou, datt et ënnert den Entwécklungslänner och grouss Ënnerscheeder gëtt, an Dir kënnt lech virstellen, datt déi grouss Inselstate fir Reduzéierungsziler sinn. Dogéint sinn d'OPEC-Länner ganz bestëmmt net dofir.

Déi industrialiséiert Länner hu bal alleguer de Kyoto-Protokoll ënnerschriwwen. Leider ass et awer esou, datt et elo, wou et driwwer hiergeet, ee Land, wéi d'Veereenegt Staten, ënnert der Regierung Bush, dese Protokoll net méi wëllt ratifizéieren. Et kann een dat nëmme bedauern, well d'Veereenegt Staten, mat hiren zwar nëmme 5% Leit vun der gesamter Welt-populatioun, et awer fäerdeg brénge verantwortlech ze si fir 25%, dat heescht ee Véirel, vun den Emissiounen vun allen Zäregasen. Si maachen dat aus dräi Ursaachen eraus.

Déi éischt Ursaach ass déi, datt se net domat d'accord sinn, datt d'Entwécklungslänner net wëlle matmaachen a referéiere sech do op Länner wéi China an Indien, déi a 50 Joer wahrscheinlech ëm déi 38% vun den Emissiounen duerstellen.

Si zweifelen och d'wëssenschaftlech Sécherheet un. Si stellen déi iwwerhaapt ganz a Fro, grad esou wéi se d'Nohaltegkeet am groussen Ganzen a Fro stellen. Et kann engem bal baang gi fir deen nächsten Äerdsommet, deen d'nächst Joer zu Johannesburg statfënnt. An net zulescht menge se, et géif hirer Ekonomie schueden. Dat heescht, alles dat, wat duerch déi erneierbar Energie kënnt beweegt ginn, huele se iwwerhaapt net a Considératioun.

Zu Den Haag, op der sechster Nofolgekonferenz, hu se dann och bestätegt, datt se dese Protokoll net wäerte ratifizéieren. Dat alles wier net esou schlëmm, wann de Protokoll érischt géif a Kraaft triede wa 55 Länner deen ënnerschriwwen hätten. Dat ass a sech nach mat Liichtegkeet ze errechen, mä wat méi schwéier ze errechen ass, wann et net 55 Länner sinn, déi 55% vun den Emissiounen vun den Zäregasen ausmaachen. Do

kënnt Der lech jo virstellen, wann d'Amerikaner mat hire 25% net matmaachen, datt dat ëmsou méi schwéier gëtt.

Glécklecherweis konnt awer dunn op der Nofolgekonferenz zu Bonn op d'mannst an enger éischter Phase de Schued a Grenze gehale ginn an deem Sënn, datt déi sougenannt „Umbrella-State“ konnten am Boot gehale ginn. D'„Umbrella-State“ si State wéi Japan, Australien, Neuseeland a Kanada. Déi konnten awer iwwerzeegt ginn, trotz dem Refus vun den Amerikaner, matzemaachen, an déi wëlle sech dann och weider um Kyoto-Protokoll bedeelegen.

Et sinn nach net ganz vill Länner, déi de Kyoto-Protokoll ratifizéiert hunn. An Europa si mir dat drëtt Land. Bis ewell sinn et d'Fransousen, déi e ratifizéiert hu wéi se d'Présidence haten, an Dänemark huet e ratifizéiert.

Mä et huet näischt ze soen, wa mir dee Protokoll ratifizéieren, well fir datt eisen Engagement zielt, mussen déi 15 Länner vun der Europäescher Unioun e ratifizéiert hunn, ganz einfach well mir als Europäesch Unioun e gemeinsamen Engagement vu minus 8% geholl hunn.

Ech wëll dann elo emol op eng einfach Aart a Weis soen, wat esou am Kyoto-Protokoll drasteet.

Dat éischt ass, datt dee chiffrierten Objektiv minus 5,2% Zäregasen ass. Et ass, wéi gesot, net nëmme den CO₂, mä et sinn och aner Gase wéi de Methan zum Beispill, an de Stickstoff. Et géif ze wäit féieren, fir déi elo alleguer hei ze nennen.

Wann et minus 5,2% ass, dann deelen des minus 5,2% sech awer ënnerschiddlech op déi verschidden Industrielänner op, déi de Kyoto-Protokoll signéiert hunn. Esou hunn déi 15 Länner vun der Europäescher Unioun sech gemeinsam engagéiert fir minus 8%, d'USA hate sech fir minus 7% engagéiert, Russland huet sech zu näischt engagéiert, dat heescht 0%, an e Land wéi Island huet sech nach e Plus vun 10% erausgeholl, dëst all Kéier par rapport zu den Emissiounen vun 1990.

Wéi gesot, d'Europäesch Unioun huet minus 8%. Dat ass méiglech innerhalb vum „burden sharing“, deen och am Kyoto-Protokoll virgesinn ass. Dat gëtt op franséisch „le système des bulles“ genannt, an innerhalb vun der europäescher „bulle“ huet Lëtzebuerg sech dann engagéiert, fir hir Zäregasen ëm 28% ze reduzéieren. E Land wéi Frankräich ass zum Beispill eng Null-Reduktioun agaangen, ganz einfach doduerch, datt et déi Problematik net huet duerch den Nucléaire, deen et massiv gebraucht, bis hin zu Portugal, wat nach zougestane kritt huet seng Emissiounen ëm 27% eropzesetzen.

Wéi gesot, innerhalb vun der Europäescher Unioun ass dat e Kompromëss, an Dir verstitt, datt elo iwwer eng Partie Direktiven, dat och innerhalb vun der Euro-

päescher Unioun, gehandhabt gëtt. Ech hu gelies, datt deen nächste Conseil Environnement sech mat dëser Problematik befaasst. De Statssekretär kann eis vläicht soen, ëm wat datt et geet.

Fir dës Ziler ze erreechen hunn d'Industrielänner zwou Méiglechkeeten. Keng vun den zwou Méiglechkeeten ass den Invest an den Nucléaire a kann net dat sinn. Et ass ganz einfach esou, datt d'Länner sech engagéiert hunn, dat wat se un CO₂-Gewënn hunn, wa se géifen an den Nucléaire investéieren, sech net kënne guttschreiwe loossen. Datselwecht gëllt fir déi nuklear Investitiounen, déi se géifen an Drëttlänner tätigen.

Déi zwou Méiglechkeeten, déi et ginn, sinn national Mesuren op där enger Säit. Dat geet vum Energiespuere bis iwwert d'rational Notzung vun der Energie, bis hin zu den erneierbaren Energien, déi se kënne gebrauchen, fir hir Ziler ze erreechen.

Ursprünglech hat d'Europäesch Unioun gemengt, si kënnt proposéieren, datt am Kader vun deenen Nofolgekonferenze géif zréckbehale ginn, datt misste 50% vun de Reduktiounen mat nationale Mesuren duerchgesat ginn. Ech mengen, dat schéngt mer awer zu Bonn dem Kompromëss zum Affer gefall ze sinn.

Aner Méiglechkeete sinn déi flexibel Mechanismen. Där ginn et der dräi:

1. Handelszertifikater. Dat wëllt soen, datt een industrialiséiert Land bei engem aneren industrialiséierte Land a sech ka waarm Loft kafen. Et ka sech dat dann zegutt schreiwen an dat aanert Land gëtt domat belaauscht.
2. Den Joint implementatioun. Dat heescht, datt een Industrieland bei engem aneren Industrieland kann a Projeten investéieren, déi eng Reduktioun vun CO₂ zum But hunn. Da kann et sech dat och a sengem Land zegutt schreiwe loossen.
3. D'CDMen, „Clean Development Mechanism“, wou Industrie- an Entwécklungslänner kënne a Projeten investéieren, déi zum But eng CO₂-Reduktioun hunn an da kënne se déi och bei sech am Land guttschreiwen, oder awer si kënne se op „die hohe Kante“ leeën. Dat heescht, vum Banking-System profitéieren, deen och am Kyoto-Protokoll virgesinn ass, fir esou, wa se eng Kéier a Schwieeregkeete kommen, hiert Zil ze erreechen, fir dann dorop kënne zréckzegräifen.

Et sief hei och ënnerstrach, dass all déi Investitiounen an d'Entwécklungslänner net kënne gerechent ginn, fir op déi 0,7% vum Bruttoinlandsprodukt ze kommen, wat d'Entwécklungshëllef ugeet. Si kënne och nëmmen additionell zu den nationale Reduktiounen geholl ginn, dat heescht, et gëtt eng sonner Kontabilitéit doriwwer gefouert.

Da gëtt et och nach d'Méiglechkeet, fir iwwer Sinks sech CO₂-Reduktiounen guttschreiwen ze loossen. Dat sinn

déi CO₂ déi duerch d'Photosynthese, haaptsächlech duerch d'Bëscher kënne gebonne ginn. Dat ass esou eng Geschicht, wou nach net gekläert ass, wéi dat kontabiliséiert gëtt a wéi dat ka gerechent ginn. D'Kritiker soen, dass ee mat flexible Mesurë seng Ziler kann erreechen, ouni dobäi effektiv a sengem Land iergendee Jota vu Reduktiounen mussen ze maachen.

D'Befürworter soen, dass ee soll Investitiounen a Projete vun CO₂-Reduktiounen maachen, wou se am käschtegëschte sinn. An der Zwëschenzäit, a schonn ier de Kyoto-Protokoll a Kraaft ass, war hei e milliardeschwéiere Marché entstanden, wat déi flexibel Mechanismen ugeet.

Wat net am Kyoto-Protokoll festgehale ginn ass - dat wëll ech och soen -, dat ass, dass d'Entwécklungslänner net wëlle matmaachen an dat, wann ee bedenkt, dass China an Indien am Joer 2050 fir 38% vun CO₂-Emissiounen verantwortlech sinn.

Et ass och keng nei Institutioun erakomm, déi dat Ganzt soll kontrolléieren. Et geet einfach op de „good-will“ vun de Staten, déi sech hei engagéieren. Et sinn och keng finanziell Sanktiounen virgesinn, obschonn doriwwer zu Bonn diskutéiert ginn ass a wou dann och d'iwwernächst Woch zu Marrakesch an der siwenter Nofolgekonferenz vun de Parteien nach eemol soll doriwwer diskutéiert ginn.

D'Situatioun zu Lëtzebuerg ass net besser wéi weltwäit. Och bei eis huet d'Temperatur, opgrond vun Donnéeën, déi mir vun der ASTA hunn, eng ähnlech Entwécklung matgemaach wéi anerwärts. Et soll méi reenen. De Ree soll méi ongläich kommen an Iwwerschwemmungen, gëtt gemengt, hätt mer der och méi.

Da gëtt drop higewisen, dass Lëtzebuerg e klengt Land ass. Prozentual ausgedréckt fält effektiv Lëtzebuerg bei den CO₂-Emissiounen net an d'Gewicht. All Joer solle 27 Milliarden CO₂ weltwäit an d'Luucht geblose ginn. Lëtzebuerg kënnt op 6 Milliounen CO₂, dat géif ongeféier 0,00026% ausmaachen. Dat mécht net alles aus. Wann een d'Lëtzeburger Populatioun allerdings hält par rapport zur Weltpopulatioun, da kënnt awer eng Null méi hannert de Komma. Dat beweist, dass Lëtzebuerg awer e ganz héijen CO₂-Emittent ass. Lëtzebuerg ass no Amerika deen zweethöchsten CO₂-Emittent weltwäit, mat 17 Tonnen CO₂-Emissiounen op de Kapp. A wann een den Tanktourismus géif ewechrechnen, da géife mer nach ëmmer op der zweeter Plaz bleiwe mat 13 Tonnen. A wann een déi géif ewechrechnen, da misst ee fairerweis awer och déi CO₂-Emissiounen, déi bei der Stroumproduktioun entstinn, déi gréisstendeels am Ausland entsteet, erëm derbäi rechnen.

A wann ech vun enger atypescher Situatioun hei zu Lëtzebuerg schwätzen, da wëll ech dat absolut net maachen, fir d'Situatioun ze verschéieren, ze

verharmlosen oder Lëtzebuerg ze entschëllegen, da wëll ech einfach soen, dass dat awer eng Explikatioun huet, dass mir esou héich CO₂-Emissiounen pro Kapp hunn. Dat ass haaptsächlech doduerch bedingt, dass mir e klengt Land sinn, e klengt Land, wat eng performant an attraktiv Economie huet an eng Gesetzgebung, déi méi unzitt wéi ofstéisst. Dat bedingt eng héich Konzentratioun vun Aktivitéiten op engem relativ klengen Terrain.

Et muss een de Leit awer och kënnen dobaussen explizéieren, firwat dass Lëtzebuerg en Engagement vu minus 28% kann agoen. Dat huet ganz einfach dermat ze dinn, dass 1997, wéi de Kyoto-Protokoll ausgehandelt ginn ass, Lëtzebuerg schonn e Minus vun 32% erreecht hat, bedingt doduerch dass d'Stolindustrie sech ëmstrukturéiert hat op eng elektresch Filière an dass doduerch kee Koks a keng Kuel méi importéiert an hei verbrannt gi sinn. Dat wäert awer an Zukunft erëm liicht änneren, nodeem zu Esch déi Turbine gaz-vapeur a Kraaft geholl ginn ass, déi een Drëttel vum nationale Strom wäert produzéieren an op Gas fonctionnéiert. Doduerch wäerten eis Emissiounen natierlech eropgoen. Déi minus 28% wäerten eis et an Zukunft onméiglech maachen, dass mer nach eng Kéier en industrielle Betrib zu Lëtzebuerg kënnen ophalen, deen e groussen CO₂-Emittent ass. Et ass och dat, wat a sech d'Chambre de Commerce an hirem Avis gefaart huet.

Wa mer eist Zil haut erreecht hunn - an der Zwëschenzäit leie mer op minus 30% -, da soll een d'Hänn awer net an de Schouss leeën, well et ass emol nach guer net sécher, dass mer an de Joren 2008 bis 2012 eis un déi minus 28% kënnen halen. An deem Sënn ass et gutt, dass d'Regierung d'Äerm eropgestrépft huet, e Strategie-Pabeier ausgeschafft huet an och schonn aktiv ginn ass an deem Sënn, dass, zum Beispill opgrond vum 1994er Energiegesetz, zwee Reglementer geholl ginn, eent fir d'Subsidiéierung vun de Privatpersounen, dat anert fir ee gudden Aspeisetarif ze gewähre bei der Produktioun vu Strom opgrond vun erneierbaren Energien.

Et ass eng Elektresch-Tax agefouert gi bei der Stromliberaliséierung. Et ass e Kompensatiounsfong an d'Liewe geruff ginn. Grouss Potentialer gëtt et natierlech beim Energiespueren, wann ech dat richteg gelies hunn. De Statssekretär kann eis jo doriwwer Opklärungen ginn. Aspierungen bis zu 30% sinn dran. Hei soll och dee sougenannten Energiepass am Kader vum Carnet de l'habitat kommen.

Beim öffentlechen Transport ass e Gesetz an der Chamber gestëmmt ginn, wat der Regierung et erméiglecht, iwwer 12 Milliarden an den öffentlechen Transport ze investéieren. Dat wäert alles nach laang net duergoen, mä ech géif der Regierung, déi jo zwee Vertrieeder hei huet, et iwwerloossen, eis ze soen, wat se do nach wëlles huet.

Fir mech perséinlech a fir eis Kommissioun géif ech mengen, dass Kyoto e gudden Ufank ass, fir d'Zätreproblematik an de Grëff ze kréien. Et ass ganz sécher keen Ofkommen, wat komplett ass, wat perfekt ass, scho guer net definitiv ass, mä wat eis, wéi ech hoffen, et erlaabt, dass déi 55% Länner et kënnen ratifizéieren mat deene 55% Emissiounen a mer endlech an deem Prozess ukommen. An deem Sënn géif ech lech invitéieren, deem Gesetz Är Zoustëmmung ze ginn an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Schank als éischten Diskussiounsriedner.

Discussion générale

M. Marco Schank (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem honorable Kolleg Emile Calmes merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Trotz dem amerikanesche Boykott konnten d'Klimaschutzverhandlungen zu Bonn, wéi Dir wësst, mat engem Kompromëss ofgeschloss ginn. Domat ass no der Klimakonferenz vu Rio 1992, de Konferenz vu Berlin, Genf, Kyoto, Buenos Aires an Den Haag, de Wee fräi, fir dass Lëtzebuerg, wéi aner europäesch Länner, och dat modifizéiert Klimaofkommen ka ratifizéieren.

Zur Erënnerung: D'Industriestaten engagéieren sech hir Treibhausgasemissioune am Duerchschnitt vun de Joren 2008 bis 2012 an der Moyenne ëm 5,2% ze reduzéieren, dat vis-à-vis vum Referenzjoer 1990.

Et ass gesot ginn: D'Virgäbe fir d'EU leie bei 8%. Lëtzebuerg huet sech verpflichtet fir 28% vun den Zäregasen ze reduzéieren bis 2010, mä souguer dat ass aus globaler Siicht gesinn nach ëmmer nëmme e relativ bescheidenen Objektif, wann ee kuckt, wat noutwendeg wier a wat op där anerer Säit méiglech ass erreecht ze ginn.

Bindend ass de Kyoto-Protokoll vun deem Moment un - dat ass och gesot ginn -, wou e vun där noutwendeger Zuel vu Staten, dat heescht, mindestens 55 Vertragsstaten am Zesummenhang mat deene 55% Zäregasen, ratifizéiert ginn ass.

Wat ass den Enjeu an där Geschicht hei? Et ass deelweis scho vu mengem Virriedner gesot ginn. Dee leschten UN-Rapport huet eis alleguer e bëssen opgerëselt, dee vun der IPCC, wat 123 héichrangeg Wëssenschaftler sinn, déi festhalen, dass eng vill méi séier a potentiell katastrophal global Erwärmung an deem Joerhonnert stattfanne wäert, an dat tëscht 1,4 bis 5,6 Grad. Bis ewell ass ee vu vill manieren ausgaangen, an zwar vun 1 bis 3,5 Grad bis d'Joer 2100.

Virun zwou Wochen huet ee gelies, dass amerikanesch Wëssenschaftler vun dem US-Zentrum fir national Klimadaten nach vu méi ausginn, dat heescht, si behaupten, dass d'Erwärmung vun der Äerd nach zum

Deel wäit iwwer 6 Grad kënn leien. Doriwwer eraus géif de Mieresspiegel bis 90 cm, et gëtt souguer geschwat vun 1 m, steigen.

Ech wollt nach eng Kéier kuerz, wann Der erlaabt, op dëse Klimarapport vun der UNO agoen, well dobaussen nach ëmmer dacks gesot gëtt: Fréier sinn et och grouss Schwankunge beim Wieder ginn. Dat ass alles net esou schlëmm. Wat et fréier ginn huet, dat waren effektiv kuerz a punktuell Extremer. Wann een am „Lëtzebuerger Wort“ vun 1853 kuckt, ...

(Interruption)

Ech liesen dat heiansdo no, Här Gira!

...do goufen am Dezember Äerdbier gepléckt. Dat ass virkomm, mä et ware selbstverständlech eenzel punktuell Schwankungen. Wat awer nei ass, an et ass dat, wat éischter katastrophal ass, dat sinn déi Saachen, déi een elo scho mam blousen A gesäit, ouni dass ee muss Professer sinn. Zum Beispill dat arktescht Äis ass ëm méi wéi 10 bis 15% zrëckgaangen. D'Äisschichten op Flëss, op Séier schmelzen an der Moyenne zwou bis dräi Woche méi séier, wéi dat nach virun 150 Joer de Fall war. An Europa - elo schwätzt de Gaardemënsch - bléien d'Gaardeplanze ronn 11 Deeg méi laang wéi viru 35 Joer. Och beim Här „Roga“ am Gaart. D'Zuchvigel fléie méi spéit a waarm Länner, wéi dat bis elo de Fall war, a kommen éischter zrëck. Och dass am Wanter vill manner Schnéi fält wéi viru 40, 50 Joer, ass jiddferengem opgefall.

Natierlech kënn een elo soen, dat ass eng gutt Saach fir den Norddeel vun eiser Hemisphär, Nordeuropa. D'Heizkäscht ginn erof, d'Récoltë gi besser, mä insgesamt iwwerweie bei wäitem déi negativ Konsequenzen. Den James McCharthy, President vum UNO-Gremium fir Klimaverännerungen, huet gesot, dass déi meescht Mënschen op der Verléierersäit sëtze wäerten. Et gëtt zum Beispill gesot, dass 200 Milliounen Mënsche méi menacéiert wäerte si vu verheerende Küstestierm, wéi dat bis elo de Fall war.

Besounnesch an den Entwécklungslänner, déi scho manner Suen zur Verfügung hunn, ginn d'Récolten elo schonn zrëck. D'Dränkwaasser wäert knapp ginn. Cholera a Malaria wäerte sech ausbreeden a méi Leit stierwen u Kränkten, déi mat der Hëtzt direkt am Zesummenhank stinn.

Esou eng Situatioun huet natierlech seng Ursaachen. International renomméiert Expäre ginn dovun aus, dass et däitlech Verbindunge gëtt tëschent de Klimaverännerungen an der Konzentratioun vun Zäregasen an der Atmosphär. Obwuel, an dat ass och vu mengem Virriedner gesot ginn, dës Gasen en natierleche Phänomeen sinn, gi se enorm verstärkt duerch mënschlech Aktivitéiten, haaptsächlech duerch Energieproduktioun, Transport, Industrie, Landwirtschaft an Ofholze vu Bëscher.

Et ass kee Geheimnis, dass Lëtzebuerg zum Krees vun de Länner op der Welt gehéiert, déi mat knapps 20 Tonnen CO₂ pro Awunner a Joer am meeschten CO₂-Emissiounen produzéieren. Fir d' CO₂-Emissiounen op en zukunftsfaegen Niveau anzependelen, dat heescht eng nohalteg Form vu Wirtschaften a Liewen ze entwéckelen, misste mir eis Bedürfnisser op ongeféier 2 Tonnen CO₂ zrëckschrauwen, also zéngmol manner wéi bis elo.

Selbstverständlech hu mir zu Lëtzebuerg een internationalt Stroossenetz mat engem extrem héije Verbrauch un Treibstoff. Selbstverständlech hu mer och eng Wirtschaftssituatioun, déi een als disproportionnéiert kann ugesi vis-à-vis vun eiser demographescher Situatioun.

Näischt desto trotz ass all Land fir sech gefuerdert, an dat am Kader vu senger jeweiliger internationaler Communautéit, fir ze handeln. Den Enjeu ass enorm. Et geet ëm net manner, wéi déi wirtschaftlech Entwécklung mat dem Erhale vun eiser natierlecher Ëmwelt ze conciliéieren. An et geet drëm d'Iddi vum Prinzip vun enger nohalteger Entwécklung konkret an d'Praxis ëmzesetzen, dat heescht eng ganz Rei vu Saachen.

Mir wäerten eis an deenen nächste Méint nach hei an der Chamber mam Thema Nohaltegkeet am Kader vun enger Orientéierungsdebatt auserneesetzen. Fir mech muss den Hauptcréneau bei der Integratioun vun der Nohaltegkeet an déi verschidde sektoriell Politike leien. Dat ass vläicht dat Wichtigst, wat an Zukunft muss geschéien.

Am Protokoll vu Kyoto, deen den 19. Dezember 1997 ënnerschriwwen ginn ass, spillt d'Philosophie vum Principe de précaution eng ganz wichteg Roll an dat ass e wesentlecht Element fir iwwerhaupt kënnen eng nohalteg Entwécklung ze realiséieren.

Bei Kyoto geet et prioritär ëm eng Reduktioun vun Zäregasen. Och bedeit Kyoto e Fortschrëtt par rapport zu deene Konferenzen, déi virdru stattfonnt hunn, well fir déi éischte Kéier prezis Objektiv chiffréiert goufen, och wa se net besounnesch ambitiéis sinn. Op där anerer Säit ass et awer net ze contestéieren, dass et och e Fortschrëtt bedeit zur Convention-cadre iwwert d'Klimaverännerungen, well dësen Text eigentlech nëmmen eng Stabilisatioun vun den Treibhausgasen zum Objektiv hat.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et muss ee selbstverständlech de Protokoll vu Kyoto ganz realistesch kucken, net nëmme mat deene Stärkten, déi en huet, mä virun allem och mat senger Schwächen.

De Protokoll vu Kyoto ënnerscheet tëschent dräi Kategorie vu Staten: déi industrialiséiert Staten, d'Entwécklungslänner an déi sougenannt Transitiounsstaten.

D'Entwécklungslänner sinn net un déi chiffréiert Objektiv gebonnen, dat heescht awer net, dass se net sollen national Programmer iwwert d'Treibhausgaser entwéckelen. D'Industriestaten dergéint sinn un déi chiffréiert Objektiv gebonnen, awer innerhalb vun deene Länner gëtt et Ënnerscheeder, wat zum Beispill déi verschidden Tauxe betrëfft. Si hunn och d'Méiglechkeet, fir sech zesummen ze dinn, fir hir Engagementer ze erfëllen an dat a sougenannte „systèmes de bulles“ - wat de Rapporteur kuerz erkläert huet -, dat heescht, si kënnen eng Redistributioun vun de Quoten ënnert sech ausmaachen, déi sech dann anescht opdeelen, wéi et am Protokoll virgesi gouf.

D'EU-Staten hunn dat gemaach. Si hu sech an esou engem Système de bulles zesummegedoen an d'EU engagéiert sech fir Reduktiounen vun 8% ze realiséieren. Lëtzebuerg huet sech och, wéi Dir wësst, engagéiert, fir 28% un Emissiounen ze reduzéieren. Mat dësem ambitiësen Zil befanne mer eis dann och nees am Spëtzeloton. Wa mer eis an der Produktioun am Spëtzeloton befannen, därefer mer eis och bei der Reduktioun do befannen. Et muss een natierlech soen, fir dat Zil ze erreechen, wat ambitiëss ass, musse mer awer hei Heem ganz seriö eis Hausaufgabe maachen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Opground vun deene groussen Ënnerscheeder tëscht de Staten, wat déi wirtschaftlech Situatioun betrëfft, ass et verständlech, dass een Drëttwëltlänner net d'selwecht behandelte ka wéi déi méi räich Staten, och wann domat een Deel, dat ass klor, vun der Effikassitéit vum Protokoll verluer geet.

Eng Schwächt vum System, déi ech nach wëll ernimmen, ass déi, dass net all Land ënnerschriwwen huet. Dat ass vu mengem Virriedner gesot ginn. Ech ginn net weider drop an. Ech viséiere selbstverständlech domat d'Vereenegt Staten, déi bekanntlecherweis refuséiert hunn, fir bei Kyoto matzemaachen, wat jo op internationalem Plang zu enger ganzer Partie vu Protester an Opreegunge gesuergt huet. A mengen Aen zu Recht.

De Rapporteur huet déi Argumenter kuerz ernimmt, firwat d'Amerikaner mengen, si sollten net matmaachen. Dee wichtegste Punkt war deen, dass se gesot hunn, Kyoto wier schlecht fir déi amerikanesch Wirtschaft. Dat ass relativ kuerzsiichteg déi Saach gekuckt. Déi Argumenter, déi d'Amerikaner virbruecht hunn, och wat d'Effikassitéit vum System an esou weider ubelaangt, si vum Sekretariat vun der UNO-Kader-Konventioun och refuséiert ginn. Ech deelen hei d'Positioun vun dëser UNO-Institutioun. Et muss een zu déifst d'Haltung vun den Amerikaner bedauern, well se fir eng Rei aner Länner falsch Signaler setzen. Et muss een awer derbäi soen, dass déi haart amerikanesch Haltung am Kontext Kyoto net eleng vum President ausgeet. Och ënnert den Demokraten am Kongress gëtt

et vill Deputéiert, déi deem Kyoto-Protokoll ganz kritesch géinteniwwer stinn. Et muss een dovun ausgoen, dass nach esoubal keng Majoritéit am amerikanesche Kongress wäert zesummekommen.

En effektive Schwaachpunkt vum Protokoll sinn déi flexibel Mechanismen. Dir wësst, wann d'Länner Schwierigkeeten hunn, fir hir Emissiounsquoten ze respektéieren, hu se e puer Méiglechkeete fir sech zréckzekafen. Si kéinten zum Beispill sougenannt Emissiounsrechter mat anere Staten échangéieren, Projeten an Entwécklungslänner finanzéieren. An deem Kontext begrëssen ech d'Ausso vun eisem Entwécklungs- an Ëmweltminister eben net op déi flexibel Mechanisme vum Kyoto-Protokoll zréckzegräifen.

(Interruption)

Ech hunn dat héieren.

Schwierigkeete gëtt et beispillsweis, wat den Echange vun de Permis d'émissions négociables ugeet. Et gëtt nämlech keng onofhängeg international Instanz, déi de korrekten Handling vun deene Permis négociables evaluéiert a kontrolléiert. Dee gréisste Schwaachpunkt läit a mengen Aen op institutionellem Niveau, well ebe Kyoto keng eegestänneg Institutioun an deem Kontext geschafen huet. Et gëtt nëmmen op déi Organer zréckgegraff, déi duerch d'Kaderkonventioun geschafe goufen. D'Conférence des parties ass just eng Concertatiounsinstanz, net méi. Si huet weder Kontrollkompetenzen nach ka se Sanktiounen vis-à-vis vun engem Memberland huelen. Dës Lacunë kënnen dozou féieren, dass d'Ëmsetzung vum Protokoll vu Kyoto méi oder manner vum Gutdünke vun deenen eenzelne Länner ofhänkt.

D'Länner mussen am Joer 2005 e Compte rendu ofliwweren an dat iwwert déi Efforen, déi gemaach goufen am Kontext vun der Reduktioun vun den Zäregasen. Si mussen och all Joer en Inventar iwwert dës Emissiounen maachen a regelméisseg national Mesurë viruginn, wéi se se arrétéiert hunn. Dës Elementer ginn da vun engem Grupp vun Expären evaluéiert, dee sech aus Membre vun dem Sekretariat a vun de verschiddene Memberlänner zesummesetzt.

Ech mengen awer, dass déi Aarbecht vun dësen Expären relativ problematesch kéint ginn, well se nëmmen CO₂-Emissiounen kënnen evaluéieren a well déi aner Donnéeën exklusiv vun de State virugi ginn. Eng korrekt Analys géif viraussetzen, dass een Donnéeën huet, déi vergläichbar, transparent an och kontrolléierbar wieren.

Wéi ech et schonn ugedeit hunn, huet de Protokoll vu Kyoto keng effektiv Kontroll- a Sanktiounsinstrumenter. Et gëtt zwar vagement vum Prinzip vu Kontroll a Sanktioun geschwat, mä déi praktesch Modalitéiten sinn nach wie vor net definéiert. Et ass awer geplangt - dat kann een noliessen -, dass dës Modalitéiten de Géigestand vu spédere Verhandlungen wäerte sinn. Ech hoffen, dass

dat esou séier wéi méiglech passéiert an an deem Kontext zefriddestellend Léisunge fonnt ginn. Et geet ganz däitlech hei ëm d'Crédibilitéit vum Protokoll.

Am leschten Deel vu menger Interventioun wëll ech nach op d'Hausaufgaben zrëckkommen, déi mer hei Heem misste maachen. Een, zwee Beispiller erausgegraff: Dir wësst, dass de Protokoll u sech am Artikel 2 eng Lëscht virgesäit vu méigleche Mesuren, déi national kënnent ëmgəsət ginn. Ech huelen do just dräi Beispiller eraus:

- De Schutz an d'Konsolidéierung vun den Treibhausgasreservoirén.
- Eng entsprecheend Subventiounspolitik mat fiskaleschen Incitatiounen.
- D'Reduktioun vun den Emissiounen am Transportwiesen.

Do sinn ech erëm bei mengem „ceterum censeo“. Wann een de Verkéier kuckt an et liest een de leschte Rapport vun der europäescher Ëmweltagence, da gëtt däitlech, dass d'Ëmweltbelaaschtungen an Europa, trotz politesche Programmer an Absichtserklärungen, weider zouhuelen. Besonnesch spillen an deem Kontext de Stroossen- a Flugverkéier eng maassgeblech Roll.

Den Direkter vun dëser EU-Administratioun huet gesot, dass de Verkéier déi gréissten Erausforderung an deem Kontext wäert bleiwen a fuerdert EU-wäit eng Besteuerung vum Bensin a Kerosin. An deem Rapport heescht et ënner anerem, d'Nofro vu Sprit fir de Verkéier géng wesentlech méi séier steige wéi déi global Nofro no Energie.

Ech wollt nach eng Kéier drop hiweisen, dass den öffentliche Transport érischt dann eng éierlech Chance kritt, fir realiséiert ze ginn, wann déi reell Käschte vum Stroossen- a Loftverkéier unerkannt ginn. De Moment sinn d'Käschte fir Accidenter, Beeinträchtigung vun der Gesondheet duerch Kaméidi a Pollutioun an eben och d'Suite vum Klimawandel, vun deem mir elo schwätzen, net am Präis vum Sprit berücksichtegt. Viraussetzung fir eng verantwortlech Mobilitéit wier eng Internaliséierung - dat hunn ech schonn hei gesot - vun dësen externe Käschten.

Ech erënneren drun, dass tëschent 1990 an 1998 zu Lëtzebuerg d' CO₂-Emissiounen duerch de Stroosseverkéier ëm 42,5% zougeholl hunn. Wat enorm ass an där kuerzer Zäitspann. Wann een den Tanktourismus derbäi hält, sinn et souguer 49%.

Wat mer fir Lëtzebuerg brauchen, ass eng nohalteg Mobilitéit. Dee wichtigste Bestanddeel - an ech widderhuele mech och do - ass e Verkéiersverbond, deen deen Numm verdingt, wou déi eenzel öffentliche Transportmëttel openeen optimal ofgestëmmt ginn.

Ech maache mer d'Freed, fir mech nach eng Kéier ze widderhuelen, dass mer och e BTB-ähnleche System

bréichten, en onerlässleche Bestanddeel vun engem Verkéiersverbond.

(Interruptions diverses)

Ech wëll och deem „ceterum censeo“ derbäifügen, dass et ouni schinnegebonnene flexible System an Zukunft net wäert goen. Et ass eng Fro vun der Zäit, dass mer dat alleguer erkennen.

(Interruption)

All Dag mécht een ëmmer erëm Iwwerzeegungsaarbecht, Här Zanusso.

Dat ass, a mengen Aen, een Deel vum A an O vun engem wierksamen öffentliche Transport. Ech verrieden nach wie vor d'Meenung, dass d'Verbindung tëschent den Eisebunnslinnen an dem Stadkär wesentlech ass.

Ech sinn och der Meenung, Här Fayot, dass d'Regiounen ronderëm d'Stad, den Norden, den Osten, de Süden nees ze kuerz komme wäerten, wann een dee Projet net realiséiert.

Da wollt ech nach op een Instrument agoen, wat och am Rapport vum Rapporteur dra steet. De BTB ass iwwregens och do dra fixéiert, och wann et net expressis verbis de Fall ass.

Une voix.- En ass éischer ëmschriwwen.

M. Marco Schank (CSV).- En ass excellent ëmschriwwen, muss ech soen.

D'Mobilitéitszentral ass en anert wichtegt Instrument. Ech géif och mengen, dass d'Mobilitéitszentral eng Plaz wier, wou an Zukunft all d'Fiedem kënnent zesummelefen mam Thema Ëmweltverbond, wéi ech et virdru proposéiert hunn, also eng Ulafstell fir d'Leit, déi a puncto öffentliche Transport Initiative weisen an anengems och eng Instanz, déi Berodung mécht am Kontext vu kreativen an och neien Initiativen am öffentlichen Transport.

Ganz positiv si selbsterständlech déi héich Subventiounen vum Ëmweltminister am Beräich vu private Solaranlagen. Wichtig ass awer hei, an ech soen dat däitlech, dass an Zukunft och d'Entreprise intensiv Solarenergie mussen notzen. Wichtig ass weider, dass déi enorm grouss Potentialer, déi et nach gëtt, duerch déi modern Technik genotzt ginn am Kontext vum Energiespueren, wéi zum Beispill niddreg Energie a passiv Haiser, energetesch Albausanéierungen - e ganz wichtigen Thema an deem Kontext - an och energiespuerend Haushaltsgeräte.

Greenpeace huet zesumme mat der europäescher Fotovoltaik-Vereenegung ausgerechent, dass bis d'Joer 2020 déi järelech weltwäit Produktioun vu Solaranlage vun elo 270 Megawatt kéint ëm dat Zweehonnertfacht steigen, op net manner wéi 54.000 Megawatt. Dat géife

ronn 2 Milliounen Aarbechtsplazen an der Solarbranche ausmaachen. Also e ganz wichtige Wuesstumsmaart, och ekonomesch gesinn.

Am Rapport ass eng Aktioun ernimmt, déi ganz wichteg ass, wat eng BOTTOM-UP-Initiativ ass, déi d'Gemengen aus dem Klimabündnis leeschten, déi zum Deel vill méi wäit geet, wéi dat zu deem Lëtzebuerg sech als Land am Kader vu Kyoto verpflichtet huet. Am Moment hu 17 Gemengen aus dem Grand-Duché, déi ronn 1/3 vun der Bevölkerung ausmaachen, sech virgeholl d'CO₂-Emissiounen ëm 50% ze reduzéiere bis d'Joer 2010 a gläichzäiteg och d'Ënnerstützung vun der Bevölkerung aus Drëttwëltlänner, wat ee ganz flotten Atout ass. Déi kreativ Vielfalt un Aktivitéiten, déi déi Gemenge leeschten ass derwäert fir hei erausgestrach ze ginn.

Zum Schluss wëll ech soen, dass insgesamt een der Iwwerzeugung ka sinn, dass dëse Protokoll, trotz verschiddene Schwaachpunkten, e Schrack an déi richteg Richtung ass an domat och e Schrack an d'Richtung Nohaltegkeet bedeit. Et ass fir mech eng klor Basis, fir op internationalem Plang weiderzeschaffen, an dowéinst muss een och e konsequente Suivi vu Kyoto ustriewen.

Ech sinn der Iwwerzeugung, dass Lëtzebuerg dëse Protokoll muss approvüieren a ratifizéieren, an ech géif deemno, Här President, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi iwwert de Protokoll vu Kyoto ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat der Ratifikatioun vum Kyoto-Protokoll setzt d'Chamber haaptsächlech e politeschen Akt, e fermt Bekenntnis zur Noutwendegkeet, fir am Klimaschutz Eescht ze maachen, fir de Klimaschutz virunzedreiwen, aus der Iwwerzeugung eraus, datt de Virsuergeprinzip esou eng Aktioun indispensable mécht, awer och aus dem Gefill vu Solidaritéit eraus géintwärt aneren, fir ze weisen, datt en nationale Beitrag och vun deem klengen Lëtzebuerg néideg ass.

Leider bleibt et virleefeg a vläicht esouguer fir éiweg bei engem politeschen Akt, dee mer haut setzen. Juristesches verbindlech ass dee Protokoll vu Kyoto nach net. E muss fir d'éischt emol vu 55 Länner ratifizéiert ginn. Mir si wäit vun deem Quorum ewech, an déi zousätzlech Hürd, déi 55 Länner müssen och nach 55% vun den Emissiounen duerstelle vun de Länner vun der Lëscht 1, dat heescht also vun den Industrielänner. Wann ee weess, datt eleng Amerika gutt 25% duerstellt, da gesäit ee wéi schwéier déi zwou Hürden do ze huele sinn.

A souwisou bréngt de Kyoto-Protokoll och juristesches wéineg Verbindlech, well en eigentlech, e bësse méi detailléiert wéi d'Rio-Kaderkonventioun, awer nach

nëmmen eng Rumm duerstellt, déi no an no muss vervollstännegt ginn an dofir brauche mer net nëmmen eng Ratifikatioun vu Kyoto, well mir gesi scho wéi schwéier, datt dat ass, mä mir brauchen esou schnell wéi méiglech a parallel zu deem dote Prozess Zousazprotokoller, déi Berechnungs- a Kontrollmechanismen aféieren. Mir brauche finanziell Stützmoossname fir d'Ëmsetzung vun deenen Engagementer. Mir brauchen international Sanktiounen, déi wierksam sinn.

D'Konferenz vu Bonn huet do éischt kleng Fortschrëtt bruecht, mä Amerika ass nach wie vor net am Boot mat dran, an dat riskéiert och weiderhin op déi nächst Méint, vläicht op déi nächst Joren, dee ganze Prozess vu Rio, d'Konferenz vu Kyoto dach awer grondlegend a Fro ze stellen, esou datt een, mengen ech, muss hei an aller Klorheet, an aller Nüchternheet feststellen, datt mer néng Joer no der Rio-Konferenz, déi dach awer eng gewëssen Opbrochstëmmung am internationalen Ëmweltschutz duergestallt huet, net um Enn vun engem laange Wee ukomm sinn, mä datt mer eréischt nach wie vor am Ufank vun engem laangen a beschwéierleche Wee stinn, fir méi Solidaritéit am Sënn vun Entwécklung an Ëmweltschutz hei op der Welt ze kréien.

Mat där Ratifikatioun allerdéngs - dat schéngt mer aus nationaler Siicht wichteg ze sinn - bestätege mer awer och als Chamber nach eng Kéier implicite déi Reduktiounsziler, wou den Engagement ënnert där viregter Regierung geholl ginn ass.

Lëtzebuerg, dat sech am Kader vun där europäescher Bulle engagéiert huet fir seng CO₂-Emissiounen ëm 28% ze reduzéieren am Horizont vun 2008-2012, an dat op Grond vun der Ausgangsbasis vun 1990.

Fir Kyoto louche mer mat enger Absichtserklärung vun 30% do. Nodeem och Kyoto fir d'Industrielänner allgemeng an och fir d'EU manner Reduzéierungen insgesamt bruecht huet wat d'Zilsetzung ugeet, ass schlussendlech eng nei Distributioun vun de Kaarten innerhalb vun den EU-State gemaach ginn. Ech selwer hat am Juni 1998 den Engagement geholl, fir op minus 28% erofzagoen, an engem Moment wou sengerzäit Zuelen um Dësch louchen, déi een, zwee Joer méi al waren, wou mer scho bei minus 26% waren. Haut wësse mer, datt mer duerch d'Stolindustrie scho méi wäit erofkomm waren, wéi déi minus 26%.

Dofir muss ech ëmmer erëm betounen, datt ech eigentlech déi allgemeng Aschätzung, Lëtzebuerg hätt e besonnesch ambitiéis Zil, méi ambitiéis wéi verschidden aner Länner, an deem Sënn net kann deelen. Mir sinn an enger atypescher Situatioun a villen Hinsichten hei zu Lëtzebuerg, mä sécherlech och an där Hinsicht, datt wéineg Länner an den 90er Joren iwwer eng wirtschaftlech Ëmstrukturéierung an déi glécklech Situatioun komm sinn, datt d'Emissiounen vun CO₂ drastesch erofgaange sinn. Kee Land kann eng ähnlech Reduktioun opweisen. Dat war net eng grouss politesch

Strategie, mä dat war en Nieweneffekt vun där wirtschaftlecher Ëmstrukturéierung, déi d'Stolindustrie gemaach huet.

Mir müssen also do ganz kloer sinn. Dofir hei net eng Iwwerbewäertung vun deem Engagement maachen, dat geholl ginn ass. Dat Engagement ass bestëmmt net méi héich wéi dat, wat Däitschland zum Beispill geholl huet, net vun deem ze schwätzen, dat e Land wéi Dänemark geholl huet. Et ass ze vergläiche mat deem Engagement, dat Frankräich geholl huet, dat eng Stabiliséierung festgehalten huet. Holland muss sécherlech och net manner maache wéi Lëtzebuerg an deenen nächste Joren.

Also, mir sinn do an engem Peloton mat dran. Mir sinn net dat hënnescht Rad, mä mir sinn awer och net d'absolut Spëtzt wat d'Ambitioun vun eisen Ziler ugeet an ech stellen och fest, datt bis elo aus dëser Debatt keen erausgaangen ass, dee gesot huet, mir missten eng Revisioun vun eise Reduzéierungsziler maachen. Dat fannen ech eigentlech schonn eppes ganz Positives an dëser Diskussioun.

1999, no deenen Zuelen, déi eis virleien, läit Lëtzebuerg par rapport zu 1990 bei minus 30,5%.

Ech woen awer och ze behaupten, datt mer haut, 2001, sécherlech schonn erëm méi no si bei minus 28%. Dat heescht, datt en Deel vun deem, wat reduzéiert ginn ass, schonn opgefriess ginn ass duerch déi Entwécklung, déi Lëtzebuerg gemaach huet an deene leschte puer Joer.

Et ass also schrecklech wichteg, datt mer ewechkomme vun enger „business and politic as usual“-Haltung, déi sech zu Lëtzebuerg ganz gär breet mécht, an datt mer wierklech gemeinsam den Engagement huelen, egal op wat fir enge politesche Bänken dass mer sëtzen, datt mer eis och musse bewusst sinn, datt eleng mat Subventiounen, eleng mat Zocker, mer wahrscheinlech net wäerte kënnen eist Reduktiounszil realiséieren, mä datt och uerdnungspolitesch Moosname parallel zu de Subventiounen musse geholl ginn. Ech géif och warnen hei eng Politik opzebauen, an där Strategie vun Ëmsetzung vun eise Reduzéierungszil, déi praktesch eleng op d'Suen opgebaut war. Jo, d'Sue sinn elo do, mä wie ka soe wéi d'Lag a fënneg, jo souguer an zéng Joer ass? Wie kann déi Projektioun maachen?

Dofir loosst mer also och op aner Instrumenter setzen, net eleng nëmmen op Subventiounen a virun allem net op déi sougenannt flexibel Mechanismen, och wann dat et e bësse méi licht ausgesäit, fir dat ze maachen, well momentan, wann een d'Plus-valuë vum leschte Joer kuckt, déi héchstwahrscheinlech och deemnächst wäerten erfalen, da kann ee vläicht e bëssen tentéiert sinn, fir op dee liichte Wee ze goen.

Lëtzebuerg huet ëmmer, a mat Recht, an aneren Diskussiounen, an der internationaler Sécherheetsdiskussioun, drop gepocht, datt mer eis net kënnen mat

engem Scheckheft lasskafé vun eise politesche Verflüchtungen, déi mer hunn. D'Solidaritéit léisst sech net nëmme mat Suen abgelen an dofir schéngt et fir eis Fraktioun immens wichteg ze sinn, datt ee wierklech prioritär an och ganz kloer de meeschten Effort mécht bei de sougenannten nationale Moosnamen, wou mer jo och wëssen, datt ënnert déi national Moosnamen net nëmme reng Lëtzebuerger Moosname falen, mä och Moosnamen, déi um Niveau vun der Europäescher Unioun gemeinsam mat eise Partner géifen decidéiert ginn. All aner Mechanismen, déi op Drock vun den Amerikaner an anere Länner mat an dee Protokoll iwwerholl gi sinn, sinn eigentlech net tauglech, féieren dozou, datt een tentéiert ass fir näischt ze maachen, fir sech e bëssen no hannen ze leeën an ze kucke wat geschitt, well ee jo weess, mir hu genuch Suen, fir eis herno kënnen iwwer en anere Wee fräizekafen.

Et ass fir eis schrecklech wichteg, datt mer dat do am A behalen an datt mer vun deem Prinzip net ofréckelen. Ech mierken awer, datt mer vun Diskussioun zu Diskussioun hei an der Chamber op Regierungssäit ëmmer méi ofgleiten op dee Wee, fir dach awer op déi flexibel Mechanismen zrëckzegräifen. Dazou gehéiert fir mech och dee vum sougenannte „clean development“, well ech mengen, datt dat eigentlech och net kann d'Léisung vun eise Problemer sinn.

Wat den Transportsektor ugeet, ass et fir mech esou, datt dee ganze Verkéiersberäich de Schlësselsektor wäert gi beim Anhalen oder Net-Anhale vun deenen Zilsetzungen, zu deene mer eis als Lëtzebuerger Land verflücht hunn. A grad do ass jo momentan de Schwaachpunkt. Den Här Schank, als Majoritéitsriedner, huet dat och ganz kloer hei däitlech gemaach. Dat ass de Schwaachpunkt vun all deenen Iddien, vun all deene Moosnamen, déi geholl gi sinn oder zumindest an der Diskussioun sinn. Alles dat wat fir den Transportsektor virgesinn ass geet net duer. Wat mer am Transportsektor brauchen ass wierklech e komplett Ëmdenken. Dat ass net d'Futtimaache vun Iddien, un deene jorelaang geschafft ginn ass, wou Konzepter fäerdeg um Dësch leien, wou den Här Schank dann heihinner kënnt, fir am Numm vu senger Fraktioun ze erklären, dee BTB-Projet misst realiséiert ginn, an déiselwecht Partei huet mat der DP decidéiert, wéi se ugefaangen hunn, de BTB-Projet géif op jidde Fall net realiséiert ginn.

Op engem Koup Schierbelen ass déi ganz Strategie am Verkéierssektor opgebaut. Mir brauchen e flotten, en attraktive grouse Projet wat den öffentlechen Transport ugeet. Mir brauche kee Geplëschters a kee Gepiddels an deem dote Beräich, wa mer wëllen en Ëmdenke kréien, wat mer alleguer politesch ëmmer deklaréieren, mä wou mer eis selwer d'Mëttel aus der Hand ginn, déi do waren, fir dat och kënnen ëmzesetzen.

Ech géif och wëllen ënnersträichen, datt wa mer vun 2008-2012 wëllen eis Reduktionsziler ëmsetzen, datt

mer elo mussen handeln. Déi heite Period, 2001-2002, ass a mengen Ae kruzial fir d'Weichstellung an der ganzer Ëmsetzung vun eisen Engagementer, net eréischt no 2005 wann den Tëschebilan gezunn ass. Da gëtt et ze spéit, wann ee weess wéi laang datt mer zu Lëtzebuerg brauche bis Moosnamen emol décidéiert sinn an dann nach d'Ëmsetzung, a bis déi dann eréischt gräifen ass et evident, datt mer net nach kënnen dräi bis véier Joer waarden ier mer dat do maachen. Et ass also wichteg, datt mer elo do duerchgräifen, och einschneidend Moosnamen huelen an net nëmme kucke fir d'Geld ënnert d'Leit ze bréngen.

Mir wäerte selbstverständlech als sozialistesche Fraktioun dee Kyoto-Protokoll hei stëmmen. En ass och vu Lëtzeburger Säit aus matverhandelt gi vum Johny Lahure, dee sengerzäit d'Präsidenschaft ausgeübt huet vun den EU-Ëmweltminister, dee vill Luef kritt huet an de Reie vu senge Kollege fir dee Match, deem hien do fir d'EU gemaach huet. Mir stinn also hannert deem Protokoll, deem deemools kritiséiert ginn ass vun Ëmweltsäit, e géif net wäit genuch goen, mä wou een awer ganz kloer muss soen, datt wann ee gesäit wat duerno nach komm ass, dat nëmme nach higaangen ass a Verwässerung vun deem Protokoll vun deemools, datt en eigentlech esou schlecht net ass. Ech mengen, mir wieren zu vill hei frou driwwer, wann en hätt kënnen an deem dote Sënn oprecht gehale ginn.

Mir hunn eis an der Kommissioun beim Rapport enthalen, net datt mer mat de Konklusiounen vum Rapport Schwierigkeete gehat hätten. Dee Rapport ass och eng komplett Bestandsopnam vun deem wat ass. Et ass en interessante Historique an eng Beschreiwung vun de Mechanismen an deem dote Beräich, mä wat eis felt, dat ass eigentlech eng e bësse méi kritesch Beuerteelung vun deem wat ass, wéi mer haut do stinn, och hei zu Lëtzebuerg, a wat d'Impulser si fir d'Zukunft. Ech hunn den Androck, datt d'Chamber iwwert dee Rapport zevill eng passiv Haltung an där ganzer Diskussioun anhëlt, iergendwéi seet, et ass d'Affär vun der Regierung fir d'Ëmsetzung ze maachen.

Neen, ech sinn der Meenung, wa mer wëllen, datt et virugeet, datt et méi schnell virugeet wéi dat sech elo ofzeechent, da muss Drock gemaach gi vu baussen, et muss och Drock gemaach gi vun der Chamber selwer, an et ass dat Element vun enger méi kritescher Beuerteelung, vun e puer méi zukunftsweisenden Iddien an deem ganzen Deel, deem eis felt. En einfache Verweis op d'Regierungserklärung vun 1999 geet net duer wat d'Contributioun vun der Chamber an där Diskussioun do ugeet.

Et ass also schrecklech wichteg, datt mer eis elo, nodeem mer dat Dokument ratifizéiert hunn, och gläichzäiteg d'Instrumenter ginn, fir d'Ëmsetzung vun eise Engagement an d'Wee ze leeden an och ëmmer erëm ze kontrolléieren an ze ajustéieren an deem wat mer maachen.

Dofir brauche mer net nëmme en allgemengt Reduzéierungszil fir 2010. Mir brauche kloer Zilsetzung pro Sektour. Mir brauchen doniewent Indikatoren, zolidd Miessinstrumenter, fir dat kënnen ze begleeten. Mir brauchen e präzise Programm mat Moosnamen, mat engem Zäitplang an natierlech och e Programm, deem net nëmme den Ëmweltministère verflucht, un deem senge gudden Absichten ech kee Moment zweifelen, mä een deem och en Engagement in globo vun der ganzer Regierung muss duerstellen.

Dat ass bis elo net de Fall. Dat soll ee ganz kloer soen. Bis elo hu mer e Regierungsprogramm, dee sech an zwou Zeile mat där doter Problematik beschäftegt, dee vun engem Programme pluriannuel schwätzt, deem nach net virläit. Mir hunn ee sougenannte Strategie-pabeier vum Mee vum leschte Joer. Dat ass kee präzise pluriannuelle Programm, deem och chiffriert wier iwwert déi nächst Joren.

Et ass virun allem net dofir gesuergt ginn - an dat ass e Makel -, dass am Virfeld vun der Ausaarbechtung vun esou enger Strategie och d'Chamber mat implizéiert gi wär.

An deem Sënn wëlle mer dann eng Motioun abréngen ulässlech vun där Debatt, wou mer froen, datt all Joer soll den nationalen Inventaire vun den Emissiounen vun Zäregaser publizéiert ginn, datt an deemselwechte Rhythmus och soll informéiert ginn iwwert de Stand vun der Ëmsetzung vun eise Reduzéierungszil.

Mir sinn der Meenung, datt mer dee Strategiepabeier onbedéngt mussen weiterentwéckelen. An deem Sënn menge mer, datt et 2002 héich Zäit wier, fir e wirklechen nationale Programm, deem detailléiert a chiffriert wär wat de Klimaschutz ugeet, an datt et och wichteg wier, datt, ier d'Regierung dee Programm als Ganzt géif unhuelen, e virdrun hei an der Chamber sollt diskutéiert ginn.

A schliesslech fuerdere mer och d'Regierung op, datt se dofir soll suergen, datt déi Reduktiounszilsetzung vu Lëtzebuerg solle prioritairement a fir de gréissten Deel iwwer national Moosnamen ëmgesat ginn.

Dat ass dat wat mer froen, well mer einfach der Meenung sinn, datt mer mussen vun deenen Absichtserklärung vum Ëmweltministère erauskommen, datt muss en Engagement komme vun der ganzer Regierung, datt mer méi präzis mussen ginn an deem ganze Beräich, datt mer e regelrechte Programm brauchen, wou och d'Chamber soll mat associéiert sinn.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que le Luxembourg est sur le point de ratifier le Protocole de Kyoto sur le changement climatique;*

- *considérant que le Luxembourg s'est engagé à réduire ses émissions de gaz à effet de serre pour 2008-2012 de 28% par rapport à l'année de référence 1990;*

- *considérant l'article 10 du Protocole de Kyoto, qui prévoit l'élaboration et la mise à jour régulière de programmes nationaux de lutte contre le changement climatique;*

invite le Gouvernement

- *à publier annuellement un inventaire national complet des émissions des gaz à effet de serre et de rendre régulièrement compte de l'état d'avancement de l'engagement de réduction pris par notre pays;*

- *à arrêter pour 2002 un premier programme national détaillé et chiffré de lutte contre le changement climatique, soumis préalablement à la Chambre des Députés;*

- *à veiller à ce que l'objectif de réduction du Luxembourg soit réalisé prioritairement et pour la plus large partie par des mesures nationales.*

(s.) Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Marc Zanussi.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer op kee Fall kënnen denken, datt mer 2010 vun deem Problem do befreit wieren. 2010 ass nëmmen eng Tëschenetapp a virun 2010 ginn nei Reduzéierungsziler vereinbaart an et ass also wichteg, datt mer an där Hinsicht elo schonn déi richteg Weiche stellen.

Mir sinn also fir dee Protokoll. Mir sinn awer ganz kloer kritesch géintwuer deem wat bis elo an der Ëmsetzung geschitt ass. Mir hunn och eng gewësse Resignatioun wat dee ganze Rio-Prozess ugeet, dee gebrach ass duerch d'Haltung vun den USA a wou een eigentlech net méi richteg weess, wou et dach awer an deenen nächste Joren higeet, a mir hunn och eng gewësse Skepsis, wat de Respekt vun de Lëtzebuerger Engagementer ugeet.

Ech géif mer wënschen, datt déi Resignatioun an déi Skepsis net berechtigt wieren.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Mëtteltemperatur vun der Äerd ass an deene leschten 100 Joer ëm en halwe Grad geklommen. D'Atmosphär iwwert den tropeschen Ozean ass ëm 16% méi ficht ginn, well eben d'Waasser méi schnell verdonst.

Och hei zu Lëtzebuerg hu mer festgestallt, besonnesch déi lescht 20 Joer, datt d'Chutes de neige vill méi geréng gi sinn. Dat konnte mer och am Rapport vum Här Calmes noliesen.

Da stellt ee sech natierlech Froen. Firwat sinn eis Wanteren net méi esou streng wéi fréier? Firwat falen d'Temperaturen net méi esou oft ënner Null? An da sicht een natierlech no Erklärungen.

Och wann de Klima op der Welt an de Jorhonnerten ëmmer op eng natierlech Manéier geännert huet, esou ass sech dach awer haut déi grouss Majoritéit vun de Wëssenschaftler eens, datt tëschent dem Treibhaus-effekt an de mënschlechen Aktivitéiten dach eng direkt Relatioun besteet.

1995 hat schonn den zweete Rapport vum Groupe intergouvernemental d'experts sur l'évolution du climat festgehalten, datt d'mënschlecht Wierken effektiv de Klima géing beaflossen. Leschten Estimatiounen no soll jo d'Iwwerflächentemperatur bis d'Joer 2100 ëm 1,4 bis 6° klammen. Dat wier u sech dee séierste Changement vun der Temperatur zënter der leschter Äiszäit. Am selwechten Zäitraum gëtt och prognostizéiert, datt d'Mierer sollen ëm 15 bis 95 cm klammen.

Wann een da bedenkt, datt all Joer ongeféier 27 Milliarden Tonnen CO₂ fräigesat ginn, a wann näischt geschitt, da rechent d'AIE (Agence Internationale en Energie), datt dësen Tonnage bis d'Joer 2030 op 31 Milliarde wäert klammen.

Vläicht nach eng aner interessant Statistik. 1993 war den Energieverbrauch op der Welt scho 50% méi héich wéi am Joer 1973, an et gëtt gerechent, datt dëse Verbrauch sech bis d'Joer 2050 wäert verduebelen.

Souguer an der Hypothese, wann tëschent der Äerderwiermung an dem Ausstouss vun de sougenannten Treibhausgase wéi CO₂, Methan, Stickoxider oder Kuelemonoxid keng Verbindung wär, da missten awer trotzdeem dës Zuelen och de gréisste Skeptiker ze denke ginn.

An dann däerf een och net vergiessen, dass d'Verbrennung vu fossile Brennstoffe jo awer Mikro-particulë fräisetzt, déi ganz geféierlech fir eis Gesondheet sinn. Schätzung vum der OMS no stierwen all Joer an Europa 100.000 bis 300.000 Leit un dëse Particulen. Besonnesch geféierlech sinn déi Mikroparticulen, déi méi kleng si wéi 2,5 Dausendstel Millimeter, well se eben direkt vun de Longen opgeholl ginn.

Wéi gesot, all déi Zuelen an all déi Statistike misste jo awer trotzdeem ze denke ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'nächst Joer sinn et zéng Joer hier, datt zu Rio d'Konferenz iwwer Ëmwelt an Entwécklung vun de Vereenten Natiounen war. Dës Konferenz war net onbedéngt e rusege Succès, mä et muss een awer trotzdeem zegutt halen, datt vun där Konferenz sech awer e gewëssend Ëmdenke breet gemaach huet.

De Protokoll vu Kyoto, dee mer haut hei ratifizéieren als eent vun den éischten europäesche Länner, baséiert jo

op där Konventioun an ass mat Sécherheet deen éischte groussen Effort vun der internationaler Communautéit, fir de Risiko vun de Klimaverännerungen ze reduzéieren.

Eent vun den Haaptelementer vun deem Protokoll sinn déi sougenannt Flexibilitäitsmechanismen, iwwert déi scho munches hei gesot ginn ass, a mir sinn der Meenung, datt déi allerdéngs sollen hir Grenze gesat kréien.

E ganz grouse Problem vun der Treibhausproblematik ass natierlech deen, datt d'Entwécklungslänner an deenen nächste Jorzéngte wäerten nach villméi Energie verbrauchen, wat dann och mat sech bréngt, datt besonnesch déi industrialiséiert Länner duebel gefuerdert sinn. Engersäits musse se op hirem Territoire hiren Obolus leeschten, anerersäits si se awer och gefuerdert hiren Know-how an hir Finanzkapazitéiten an d'Entwécklungslänner mat ze exportéieren.

De Succès vum Protokoll vu Kyoto ass selbstverständlech och ofhängeg vum Rôle vun Amerika, e Rôle, dee méttlerweil bekannt ass. Mir wëssen, datt zu Den Haag am November 2000 d'Amerikaner sech quiesch geluegt hunn. Mir wëssen och, datt de President Bush am Mäerz vun dësem Joer sech géint d' Ratifizéierung vum Protokoll vu Kyoto ausgeschwat huet. Natierlech däerf een net vergiessen, datt d'Amerikaner fir ronn 25% vun de gesamten CO₂-Ausstéiss responsabel sinn. An an der Hypothese, datt eng aner gréisser Natioun, wéi Japan zum Beispill, net géing matmaachen, da wier natierlech de Protokoll vu Kyoto a Fro gestallt.

Hoffentlech kënnt bei den Amerikaner nach en Ëmdenken. Selbstverständlech muss een och Verständnis dofir hunn, datt no den Événement vum 11. September d'Amerikaner de Moment aner Suergen hunn, mä ech mengen awer, si dierften dës Problematik net aus den Ae verléieren.

Sollt effektiv de Protokoll vu Kyoto net eng Kéier kënne Wierklechkeet ginn, da mengen ech awer, datt et wichteg wier, datt d'Europäer sech hirer Verantwortung bewusst wieren an datt se och gegebenenfalls ouni de Protokoll vu Kyoto versiche géingen hir Objektiver ze errechen.

En Nodeel vun deem Protokoll ass natierlech, datt keng Sanktioune virgesi sinn. Dat ass mat Sécherheet en negatiivt Element, mä och hei muss versicht ginn an Zukunft vläicht Verbesserungen unzestriewen. An ech kënnt mer gutt virstellen, datt an enger éischter Phas géinge Geldstrofen agefouert gi fir déi Länner, déi hir Objektiver net realiséieren an datt déi Gelder dann deenen dräi ze schafende Fonge géingen zoufléissen.

Wa mer déi Debatt hei féieren, da komme mer awer net derlaanscht fir och e Wuert iwwert d'Nuklearenergie ze verléieren, well et gëtt jo net wéineg Leit, déi mengen, datt d'Notzung vun der Atomenergie eng seriö Alternativ wier, fir den Treibhauseffekt ze bekämpfen.

Et däerf een och net vergiessen, datt ronn 1/5 vun dem produzierte Stroum weltwäit aus Atomzentrale kënnt.

Op den éischte Bléck kënnt ee mengen, datt d'Notzung vun der Atomenergie u sech eng echt Alternativ wier, fir d'Ausstéiss vun CO₂ ze reduzéieren. Mä et däerf een awer net vergiessen, datt déi Energie mat enger Rei vun negative Konsequenze ka behaft ginn. Ech denken natierlech un Akzidenter, déi kënnen an Atomzentrale passéieren. Hei ass Tschernobyl engem nach ëmmer a ganz schlechter Erënnerung.

Dann däerf een och net vergiessen, datt duerch déi radioaktiv Offäll zousätzlech Problemer entstinn, déi d'Mënschheet während Jorzéngten ouni Zweifel wäerte weider beschäftegen.

En anert Element, dat géint d'Notzung vun der Atomenergie schwätzt, ass natierlech erëm eng Kéier d'Événement vum leschten 11. September, well ebe grad elo Atomzentralen, leider méi wéi jee, och d'Zilscheif vun engem Ugrëff vun Terroriste kënne ginn. All déi Argumenter schwätzen dergéint, datt d'Atomenergie an Zukunft soll nach méi genotzt ginn. Mä datt mer op deem Punkt do net all enger Meenung sinn, muss een ëmmer erëm feststellen.

Ech wëll nëmmen drop hiweisen, datt zum Beispill um Niveau vum Conseil de l'Europe et zwou Kommissiounen gëtt, déi sech mam Rapport vu Kyoto befaasst hunn. Déi eng war d'Commission de la Science et des Technologies, déi sech ganz kloer fir d'Notzung vun der Atomenergie ausgeschwat huet. Op där anerer Säit hu mer d'Commission de l'Environnement et de l'Agriculture, déi sech kategoresch dogéint ausgeschwat huet, sou datt, wéi gesot, op deem Niveau do net ëmmer Eenegkeet herrscht.

Ech wëll drop hiweisen, datt déi meescht europäesch Länner sech kloer géint eng weider Notzung vun der Atomenergie ausgeschwat hunn an dat ass och d'Meenung vun der OECD.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si mat Sécherheet alleguer gefuerdert, fir um nationale Plang eis Strategien ëmzesetzen. Et ass gewosst, datt d'Energie ee vun deene wichtigsten a fundamentale Faktore vun eiser moderner Gesellschaft ass. Natierlech kann och esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg sech senger Verantwortung net entzéien.

Lëtzebuerg huet sech jo virgeholl, fir an der Period vum 2008-2012 en CO₂-Réckgang vun 28% unzestriewen. Dat ass awer, och wann hei aner Leit de Contraire behaupten, en zimlech ambitiööst Zil. Och wa mer dat de Moment schonn erreecht hunn duerch déi bekannten Ëmstänn, esou soll eis dat awer net dozou verleeden, fir eis Hausaufgab an Zukunft net nach verstärkt ëmzesetzen.

Et wier also falsch eis speziell Situatioun dozou ze notzen, fir elo manner Ustrengungen ze maachen. Et ass

och dofir luewenswäert, datt dës Regierung sech eeschthaft mam Problem auserneesetzt an och gewëllt ass eng ganz Rei vu Mesuren an d'Wee ze leeden. Eng Rei vun Haaptpisten, op déi ech nach kuerz wëll agoen, muss awer an Zukunft nach méi staark suivéiert ginn.

leuescht Gebot ass ouni Zweifel d'Energie méi rationell ze notzen a virun allem, wéi gesot, och manner Energie ze verbrauchen. Dat geet natierlech bei deem Eenzelnen un. Jiddereen ass do ouni Zweifel gefuerdert an et ginn och nach vill Potentialer. D'Technik wäert an Zukunft dee beschte Guide sinn an dee muss nach méi verstärkt genotzt ginn.

Wa mer natierlech wëllen hunn, datt de Particulier, datt d'Betribler sech sollen e positivt Handeln uneegnen, dann ass et awer och wichteg, datt mer e fiskalesche Kader setzen, fir datt e gewëssenen Ureiz do ass an et mussen ouni Zweifel nach munch Verbesserungen ugestriift ginn.

Ech wëll nëmmen ee klengt Beispill hei zitëieren. Ech bedauern et nach wie vor, datt 1995 e Reglement ofgeschaaft ginn ass, datt wann een normal Fënsteren duerch Fënster mat dueblem Glas ersat huet, da krut een deemools eng gewësse Subventioun. Dat ass suppriméiert ginn.

Nach eng Kéier, wa mer wëllen en Ureiz schafen, da komme mer net derlaanscht, fir gewësse fiskalesch Mesuren an d'Wee ze leeden, fir och deem Eenzelnen unzehalen, déi Investissementer virzehuelen.

Och de Stat an d'Gemeenge mussen ouni Zweifel mam gudden Beispill virgoen. De Stat muss virun allem de Reflex hunn, wann en neit Gebai realiséiert gëtt, datt d'office och do Alternativennergie mat agebaut gëtt. Mir hu jo an deene leschte Wochen e puermol hei erlieft, datt dat net ëmmer de Fall ass.

Wa mer vu méi rationeller Notzung vun Energie schwätzen, da komme mer natierlech net derlaanscht fir e Wuert iwwert den Transport ze verléieren. Meng Virriedner si schon zum Deel op déi Problematik agang.

Et gëtt bedauert, datt de BTB net ëmgesat gëtt. Allerdéngs gëtt dann awer verschwiegen, datt aner wichteg Moosname geplangt si fir den öffentlichen Transport méi attraktiv ze maachen an och ze verbessern.

Ech wëll zum Beispill drun erënneren, datt ronn 320,4 Milliounen Euro an d'Moderniséierung an an den Ausbau vun der nationaler Schinneninfrastruktur virgesi sinn, ënner anerem zum Beispill d'Verdueblung vun der Eisebunnslinn tëschent Péiteng a Lëtzebuerg, an et gëtt eng Etude de faisabilité gemaach, fir eventuell eng nei Eisebunnslinn tëschent Esch a Lëtzebuerg ze realiséieren.

Schlussendlech wëll ech drop hiweisen, datt soll e Park & Ride gebaut ginn zu Volmerange-les-Mines, fir datt do

kënnen d'Frontalieren hir Autoen ofsetzen an dann iwwert d'Schinn an d'Stad kommen, esou datt et net objektiv ass, wann een hei géing behaapten, datt dës Regierung um Niveau vun der Transportpolitik net géing déi néideg Moosnamen an d'Wee leeden.

Schlussendlech dierf een net vergiessen, datt den Transportminister Henri Grethen e Konzept wäert realiséieren, fir och de Findel an de Kierchbierg un d'Schinnennetz unzebannen.

En aneren Detail ass deem, datt d'Stad Lëtzebuerg, zesumme mat dem Transportministère, wäert d'nächst Joer dräi NE-Bussen (Now Emission) uschaffen, wou déi nei Technik vun der Brennstoffzell ausprobéiert gëtt. Ech mengen, grad do mussen nei Signaler gesat ginn an et muss gekuckt gi fir déi modernsten Technik nach besser anzusetzen.

Schlussendlech ass och virgesinn, fir eng Mobilitéits-zentral ze installéieren. Nach eng Kéier, et ass net objektiv, wann ee pauschal wëllt behaapten, datt dës Regierung um Niveau vun der Transportpolitik keng nei Akzenter géing setzen.

Natierlech muss een och op d'Akzeptanz vun de Leit zielen. Et muss ee wëssen, datt d'Leit musse matmaachen, datt deem Eenzelnen och bereet ass verstärkt den öffentlichen Transport ze notzen. Dat bréngt mat sech, datt da besonnesch d'national Eisebunnsgesellschaft gewëssen Effort muss maachen, fir hire Service an Zukunft vläicht nach besser de Leit unzebidden.

Wa mer vun der ganzer Transportpolitik schwätzen, da si mer natierlech och séier beim Aménagement du Territoire. Dat ass e wichtegt Element vun deem ganzen Transportpolitikkonzept, an et muss een drop hiweisen, datt an Zukunft, wa mer nei Betribler zu Lëtzebuerg usiedelen oder wa mer nei Aarbechtsplaze schafen, datt déi nëmmen nach do kënnen realiséiert ginn, wou eng direkt Ubannung un d'öffentlecht Verkäiersnetz besteet. Dat ass eng wichteg Prémisse, fir nach méi eng geziilt an effikass Transportpolitik kënnen ze errechen.

Et gëtt natierlech eng Rei aner Pisten, déi an Zukunft musse weider suivéiert ginn, ënner anerem zum Beispill d'Präispolitik. Do sollen lwwerleeunge gemaach ginn, wéi ee verstärkt kann déi extern Käschten mat integréieren, wat ouni Zweifel e wichtegt Element ass.

Mir wäerten och net derlaanscht kommen déi Energieformen, déi villméi Nuisancë fir d'Ëmwelt mat sech bréngen, ze besteieren. Selbstverständlech wäert et wéineg Sënn maache wa Lëtzebuerg do en Alleingang mécht. Dat muss prioritär um communautären Niveau erreecht ginn. Ech wëll drop hiweisen, datt mer d'lescht Joer hei eng Taxe d'électricité gestëmmt hunn. Leschten Estimatiounen no bréngt déi dës Joer 5,1 Milliounen Euro an. Dat ass u

sech jo schonn eng ökologesch Tax. Allerdéngs hätt se nach villméi eng staark Wierkung, wa se géing zweckgebundene ginn, wann och déi Recettë géinge spezifesch fir d'Ënnerstëtzung vun den alternativen Energie gebraucht ginn.

D'Stéchwuert „alternativ Energien“ ass natierlech d'Hauptelement vun enger moderner a geziilter Energiepolitik. D'Wand- an d'Sonnenenergie kennen de Moment jo en annuellen Zouwuess vu 15-20%. Et gëtt weltwäit domat gerechent, datt am Joer 2030 ee Prozent vun der gesamter Stroumproduktioun wäert iwwert de Wee vun alternativen Energien hiergestallt ginn. Dat sinn u sech „peanuts“, mä ech mengen, et sollt een awer un déi Technik gleewen an e Maximum maachen, fir datt déi Technik eng grouss Zukunft huet.

Ech wëll och drop hiweisen, datt d'DP an hirem Walprogramm vun 1999 sech scho ganz kloer fir dee Wee ausgeschwat huet: „Die DP wird ein Förderprogramm für alternative Energien, Windmühlen, Fotovoltaik, Sonnenkollektoren, Biogas, Holzhack-schnitzelheizung, Biodiesel aufstellen“.

Dat mannst wat een haut ka soen ass, datt de Charel Goerens an den Eugène Berger Wuert gehalen hunn. Déi zwee Reglementer, déi se geholl hunn, bewiese jiddefalls, datt et hinnen eescht gemengt ass.

(Interruption)

Mme Wagener, léiwer mat engem Joer Verspéidung wéi guer net! Ech mengen, et ass dat wat zielt.

Mir hunn hei elo zwee ganz wichteg Instrumenter an déi wäerten zu Lëtzebuerg ouni Zweifel, wat d'Notzung vun den alternativen Energien ubelaangt, nei Akzenter setzen.

(Interruption)

Wësst Der, Här Bodry, aner Leit hate vill méi laang Zäit fir déi Reglementer ze huelen.

(Interruptions diverses)

Här Bodry, Dir hätt och aner Méiglechkeete gehat. Ech mengen, Fakt ass, datt déi zwee Reglementer elo kënnen a Kraaft treden an datt dat nun eben de Mérite ass vun dëser Regierung a speziell vum Här Goerens a vum Här Berger. Dat kann een net ofstreiden, Här Bodry, dat ass esou!

(Interruptions diverses)

Et soll een an der ganzer Diskussioun awer objektiv bleiwen. Hei ass elo emol endlech eppes Konkretes geschitt.

Ech wëll iwwregens drop hiweisen, vu dass sech elo och eng Rei Kommunalpolitiker hei zu Wuert gemellt hunn, Här Bodry an Här Gira, datt Dir grad als Gemengen dovun kënn profitéieren bei den Investissementskäschten, wann Der alternativ Energie braucht, a bei der Ënnerstëtzung vum Stroumpreis.

(Interruption)

Ech sinn net dozou beruff, fir dem Här Wolter eng Lektioon ze ginn, mä och do muss ech ënnersträichen, datt et e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung ass, datt d'Gemengen elo d'Méiglechkeet hunn hir Investissementer subventionéiert ze kréien.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir hätt léiwer méi Gewerbesteier, dat hätt eis méi bruecht!

M. Gusty Graas (DP).- Do musst Der lech un aner Leit riichten!

M. le Président.- Kolleegen, ech géing lech bieten net dauernd ze ënnerbriechen, well et ass schonn halwer aacht. Mä mir maachen dee Projet haut fäerdeg. Et gëtt driwwer ofgestëmmt an d'Motioun ginn och gestëmmt.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir hunn Zäit bis Hallefnuecht, Här President.

M. le Président.- Da maacht dass Der och nach alleguer do sidd, wann ofgestëmmt gëtt!

M. Gusty Graas (DP).- Wann ee vun alternativen an erneierbaren Energie schwätzt, da muss ee selbstverständlech och e Wuert iwwert d'Waasserkraaft verléieren. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng Rei vun esou Mikrozentralen op eise Gewässerleef. Allerdéngs muss een do behaapten, datt d'Ausbauméiglechkeete vun der Notzung vun der Waasserkraaft awer trotzdeem limitéiert sinn. Ech muss drop hiweisen, datt d'Waasserkraaftanlagen natierlech och Nodeeler mat sech bréngen, datt se net ëmmer all naturschutzlech Aspekter erfëllen an datt eng Rei vun ökotechnesche Moosname missten op gewëssen Zentrale realiséiert ginn, esou datt, wéi gesot, den Ausbau oder d'Weidernotzung vun där alternativer Energie dach dierft hei zu Lëtzebuerg méi schwéier ginn.

Mir hunn awer nach aner Méiglechkeeten. Ech denken un d'Bedreiwe vu Biogasanlagen. Ech denken un d'Notzung vun Holzhackschnitzelfeuerungsanlagen, well mir hunn nach vill Reserven un Holz hei zu Lëtzebuerg. Ech muss elo op den Här Calmes hei kucken, e grouss Verfechter vun der Holzhackschnitzelfeuerungsanlag.

(Interruptions diverses)

Ech wëll och nach e Wuert iwwert d'Landwirtschaft verléieren, well an där ganzer Problematik een net ka verkennen, datt eben den Agrarsektor eng gewësse Roll ze spillen huet. Déi Form vu Landwirtschaft, déi manner intensiv wierken, déi also manner Stéckstoff fräisetzen, sollen op alle Fall nach méi verstärkt ënnerstëtzt ginn. Hei zu Lëtzebuerg ass sech ouni Zweifel amgaang e ganz interessante Marché ze entwéckelen. Och hei kënnen erëm eng Kéier de Stat an d'Gemeinde sech richtungsweisend behuelen, andeem

datt besonnesch um Niveau vun de Kantine vläicht méi regional Produkter géife konsuméiert ginn, wat och mat sech bréngt, datt eng Rei vun onnëtzten Déieren- a Wuerentransporter kéinten dee Moment entfalen.

(Interruptions diverses)

Da gëtt et op där anerer Säit, wa mer eise Strategieplang méi genee analyséieren, nach eng Rei vun anere wichtige Punkten, wou nach potentiell Ausbauméiglechkeete bestinn. Ech denken un d'Vergréisserung vum Äerdgasnetz, ech denken awer och un d'Uleeë vun neie Bëscher. Och hei erëm eng Kéier, Dir Häre Buergermeeschter, Schäffen a Conseillere, sinn d'Gemengen an éischter Linn gefuerdert, well eenzel Gemenge mam gudden Beispill virgaange sinn, fir nei Bëscher unzeleeën, wat e wichtige Beitrag zu der Reduktioun vun CO₂ ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Zweifel steet eis Gesellschaft virun enger grousser Erausforderung. Och mir sinn hei zu Lëtzebuerg un enger gewëssener Schnëttstell ukomm. An deenen nächste Woche wäerte mer an der Ëmweltkommissioun en entspreechenden Discours iwwert d'Nohaltegkeet, respektiv iwwert d'Zukunft vun dësem Land féieren. De Klimaschutz ass ouni Zweifel eent vun deene wichtigsten Elementer vun der Nohaltegkeet. Et däerf elo net méi eleng bei Absichtserklärunge bleiwen. D'Randifizierung eleng vum Protokoll vu Kyoto geet net duer. E muss och mat Liewe gefëllt ginn.

Mir müssen awer virun allem villméi e verstärkt Gefill vu moralescher Verflichtung vis-à-vis vun deene kommende Generatiounen entwéckelen. Och de Mensch muss unerkennen, datt hie sech selwer u Grenzen ze halen huet an datt net all Wonschvirstellung ka realiséiert ginn.

Ech wëll ofschléisse mat engem Zitat vum réimeschen Dichter Cicero, deen eng Kéier gesot huet: „Die Menschen sehen nicht ein, welche eine grosse Einnahme die Sparsamkeit ist“. Ech géing soen, dat ass eng Ausso, déi mer eis sollen zu Häerz huelen, besonnesch am Ëmgank mat der Energie.

Ofschléissend wëll ech dem Rapporteur Emile Calmes nach eng Kéier villmools merci soe fir säin ausgiebege mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass selbstverständlech, datt d'Demokratesch Partei dësem Gesetz wäert zoustëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn am Fong frou, datt et elo zum Schluss e bësse méi lieweg ginn ass heibannen, well et hat een iwwer laang Strecken d'Impressioun, wéi wann dat wichtegt Gesetz hei, wéinegstens vu senger

Zilsetzung hier, net onbedéngt déi Opmierksamkeet géing fannen, déi et verdéngt.

Ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur merci soen. En huet e remarquablen Effort gemaach, fir déi ganz Problematik op eng Aart a Weis duerzestellen, déi verständlech ass an déi och dee relativ komplizéierten, juristesche Volet op eng verständlech Aart a Weis duerleet.

Här President, ech wëll ufänke mat enger vläicht e bësse banaler Feststellung. Et ass am Fong geholl näischt de Menschen op dëser Welt méi gemeinsam wéi d'Loft, déi se alleguer ootmen. Et ass och näischt méi gemeinsam wéi d'Klima, dat duerch eis Aktivitéite beaflosst gëtt. Mir liewen, bildlech geschwat, an engem Raumschëff, vun deem mer net fortkommen, wann et eis net méi hei gefält, a mir sinn ee fir deen anere responsabel.

Et ass an deem Kontext wou ee muss feststellen, datt d'Klimaproblematik, déi real ass, eng absolut Prioritéit muss genéissen. Et gëtt Leit, déi am Zesammenhang mat der Klimaproblematik vun där gréisster Aggressioun schwätzen, déi d'Industriestate jee géint d'Länner vun der Drëtter Welt gefouert hätten, méi wéi all Kricher, déi jee gefouert gi wieren. A wann een déi Szenarië gesäit, déi opgezeechent ginn, zu wat d'Klimaerwärmung féiere kann, méiglecherweis féieren oder féiere wäert, da versteet ee wat gemengt ass.

Elo gëtt et jo Leit, déi froen: Wéi sécher sinn dann déi Prognosen? Ech mengen, mir als Politiker si gehalen dat zur Kenntnis ze huelen, wat seriö Wëssenschaftler eis soen, a wann ech soen, seriö Wëssenschaftler, stellen ech fest, datt eng ganz grouss Zuel vu Wëssenschaftler, déi Nobel-Präis-Träger sinn, sech hannendru stellen a schrëftlech ënnerzeechent hunn, datt mer amgaang sinn an eng Katastroph eranzerëtschen an et geet dann net, wa vun der Uelechlobby bestallten Expäre fannen, dat wier net grad esou an et wier scho guer net esou sécher, datt mir als Politiker esou eng Stëmme seriö huelen.

Op jidde Fall muss an esou enger Problematik wéi där heiter de Principe de précaution spillen. Dat hu mer och am Rapport festgehalen.

Et geet hei net nëmmen ëm d'Zukunft vun den Drëttweltstaten, déi eigentlech am éischten ënnert den Auswierkunge vun der Klimaerwärmung ze leiden hunn, mä et geet och ganz banal ëm d'Zukunft vun eisen eegene Kanner a Kandskanner. Dofir muss ee bedauern, datt et an där ganzer Problematik an an där ganzer Démarche, fir där Problematik entgéint ze wirken, esou lues virugeet.

Et muss een och bedauern, an ech mengen, mir solle bei aller Sympathie a bei aller Solidaritéit fir eis amerikanesch Frënn an där schwieriger Situatioun, an där se de Moment sinn, eis awer net esou vill Zréckhaltung operleeën, datt mer hinnen net ganz

däitlech soen, datt mer net kënne mat hinnen d'accord sinn, wa se erëm Ofstand huele vun deenen Engagementer, déi se eng Kéier agaange sinn.

A wann een d'Hannergrënn vun där Haltung hannerfreet, da fällt ee ganz séier op d'Schwächt vun eisen demokratesche Systemer. A ville Länner, a ganz besonnesch an den USA, sinn d'politesch Parteien an d'Präsidentchaftskandidaten an hirem Walkampf op ganz grouss Donen ugewisen, déi aus der Industrie, vu grousser Konzern hierkommen, an et kann een et hei mat zwou Hänn gräifen, datt d'Uelechlobby bei der Haltung vun den USA méi matzeschwätzen huet, wéi dat wat méiglecherweis d'Majoritéit vum amerikanesche Vollek vun där Problematik hält. Ech wollt dat hei gesot hunn, well mer jo scho verschiddeleech op dëser Plaz iwwert déi Problematik diskutéiert hunn an net ëmmer däerselwechter Meenung waren.

Den demokratesche Prinzip verlaangt, datt drop hingeschafft gëtt, datt d'Regierungen an d'Parlamenten net ofhängeg si vu Konzern a vu wirtschaftlechen Interessen, an datt se eenzeg an eleng d'Interesse vun hire Wieler, vun de Leit verrieden.

Déi Situatioun, datt d'USA sech zréckgezunn hunn a méiglecherweis Japan datselwecht mécht, entbënnt eis awer net fir de Maximum ze maachen, dee méiglech ass.

Ech wollt dofir kuerz d'Situatioun um nationale Plang belichten. Mir hunn et alleguer héieren am Rapport an ech wëll guer net op dat alles agoe wat de Rapporteur hei virgedroen huet. Dat ass seng Missioun gewiescht. Datt mer eis fir eng Reduktioun vun 28% engagéiert hu vis-à-vis vun 1990, datt eleng d'Ëmstellung an der Stolindustrie eis 32% bruecht huet, woubäi d'Diskussioun ze féieren ass, wéiwäit datt engersäits dee Gain, dee mer do kritt hunn, an de Stroumimport op där anerer Säit, sech géing ophiewen. Mir hunn an der Kommissioun gesot kritt, dat géing sech méi oder wéineger d'Balance halen. Ech wier trotzdeem frou, wann een eng Kéier wierklech kënnt alles écartéiere wat äusserlech Aflëss sinn a wierklech d'Nettoconsummation vum Duerchschnëttslëtzebuerger géing errechnen. Do ginn d'Zuele jo e bëssen ausernee, mä mir gesinn awer, datt mer um europäesche Plang an um Weltplang absolut mat am Spëtzepeloton leien.

Mir brauchen dofir, Här President, net nëmmen déi Erkenntnis, mä eng national Strategie, déi op dräi Piliere muss opbauen:

1. Reduktioun vum Verbrauch an do läit mat Sécherheet dat gréisste Potential.
2. D'Produktioun vun erneierbarer Energie, wou d'Meenungen ausernee gi wat dat Potential ass, mä wou een awer, wann ee sech e bësse méi wäit dra knéit, feststellt, datt dat net wéineg ass.
3. Datt déi Hëllef, déi mer an der Drëtter Welt leeschten,

muss drop ausgeriicht sinn, och déi modernsten Technologien hëllefen ze finanzéieren an opzerichten, an zwar Technologien an der Energiegewënnung, déi op eng erneierbar Energie, op eng ëmweltfrëndlech Energie opbaut.

Dat ass d'Strategie, mä mat der Strategie geet et bekanntlech net duer. Mir brauchen Instrumenter, fir se ëmzesetzen. An hei ass et ganz kloer, datt d'Politik an der Verantwortung steet an et ass och d'Primat vun der Politik a vu kengem aneren, fir déi Instrumenter a Kraaft ze setzen.

D'Wirtschaft reagiert ëmmer op dat wat d'Politik virgëtt. D'Wirtschaft ka ganz séier reagiere wann et muss sinn. Mir hunn dat verschiddeleech festgestallt, an dofir kann d'Politik sech hei net laanscht hir Verantwortung drécken. Si muss déi richteg Mesuren ergräifen, déi richteg Parametere setzen, fir datt d'Wirtschaft och an déi richteg Richtung geet.

Ech muss all deene widdersprieche, déi hei uklänge loosse, datt e Widdersproch géing bestoen tëschent ekonomeschen an ekologeschen Interessen. Kuerzfristeg mag dat stëmmen, wann d'Fro gestallt gëtt: Wat kascht dat? Mir hunn elo nach d'Sue fir dat an dat ze bezuelen. Mä laangfristeg sinn d'Investéierungen an eng erneierbar Energiegewënnung net nëmmen e Kostenfaktor, mä bréngen se op där anerer Säit sécherlech, an engem Land, dat seng Energie bal integral muss importéieren, méi eran, wéi et op där anerer Säit kascht.

Ech hu gesot, éischters Reduktioun vum Verbrauch. Dat kann een op verschidden Niveauen usiedelen. Fir d'éischt d'Haushalter.

Mir wëssen, datt mer, wat Wärmeschutz ubelaangt, zwar eng Wärmeschutzverordnung kennen, mä esou wäit wéi ech et an der Praxis gesinn, gëtt sech nach laang net ëmmer dru gehalen. Ech hunn elo kierzlech, Här Statssekretär, un engem praktesche Beispill erfuer, datt souguer Architektbüroen an hirem Lastenheft emol net déi Minimaë vurschreiwen, déi eigentlech misste sinn. Da kënnt een zur Konklusioun, datt do nach munches ze maachen ass. Et geet net duer, datt mer Reglementer a Kraaft setzen, wa mer net hannendrun och kontrolléiere wéi se ëmgesat ginn an ënner Ëmstänn och esouguer Sanktiounen ergräifen, wa sech net dru gehale gëtt.

Den zweete Volet wat d'Haushalter ubelaangt, sinn d'Haushaltsgeräter. Och do, wann ee seng Imaginatioun e bësse spille léisst, kann ee ganz viles nach an d'Wee leede fir déi Geräter ze favoriséieren, déi Energie spueren, déi mat ganz wéineg Energie auskommen.

Datselwecht betrëfft d'Autoen. Ech hunn dat eng Kéier hei ugereggt, an ech hat heftege Widdersproch vum Kollege Krecké, dee gesot huet, et wier net méiglech, fir ënnerschiddlech Tauxë vun TVA zum Beispill

unzuzuwenden, jee nodeem wéi ekonomesch datt e Gefier mat der Energie ëmgeet. Ech froe mech wéi sou et net méiglech ass, wa mer gesinn, datt an eisen Nopeschlänner ënner Ëmstänn ganz verschidden Tauxë vun TVA ugewannt ginn, deemno ëm wat et sech handelt. Ech ka mer net virstellen, datt mir hei zu Lëtzebuerg déi Fräiheet net sollen hunn.

An der Ekonomie ass et ganz kloer, datt mer all Intérêt drun hunn an och déi Ekonomie muss en Intérêt druffannen, fir energiespuerend Prozesser ze favoriséieren. Do gëtt et ganz vill Beispiller. Do gëtt et Léierbicher driwwer wat un Energie kann agespuert ginn a wat et leschten Enns laangfristeg dem Betrib ekonomesch bréngt. Allerdéngs muss een dann och de Courage hunn, fir d'Energiepräisser un déi real Käschen unzepassen.

Déi berühmte Interniséierung vun den externe Käschen. Ech weess, dass dat e gliddecht Eisen ass, mä et kann een net nëmme waarm Loft hei schwätzen. Et muss een och de Courage hunn, fir dann eng Strategie do opzezeechnen. Et ass net fir mam décken Hummer virzegoen, mä et muss een dat laangfristeg uleeën. Et muss ee Perspektiven opzezeechnen an ech sinn iwwerzeugt, da kritt een et ëmgesat.

Natierlech ass dee gréisste Problem, dee mer an där Bezéiung hunn, de Verkéier. Wann ee gesäit, datt eleng tëschent 1990 an 1998 den CO₂-Ausstouss vum Verkéier ëm 42% zougeholl huet, da gesi mer wou de Schong am meeschten dréckt a wou mer och am meeschte kënnen aspueren. Dat ass déi gréissten Erausforderung an der Zukunft.

Här President, ech wollt et opdeelen op zwee. Dat eent ass de Wuerentransport, wou mer, wa mer op eis Autobunne kucken, bal gro Hoer kréie wann ee gesäit wéi d'Zuel vun de Camionen a vun de Fernlaster zougeholl huet. Et gëtt europäesch Prognosen, déi soen, an deenen nächsten zéng Joer géing dat nach eng Kéier ëm 50% eropgoen. Ech muss soen, do muss jiddereen, och dee ferverntesten Unhänger vum Stroossentransport, soen, dat ka jo awer net esou virgoen.

Hei zu Lëtzebuerg, an och um europäeschen Niveau, muss sech Gedanke gemaach ginn, wéi een deem kann entgéintwierken. Mir fannen dee sougenannten „just-in-time“-System net gutt, wou d'Lagerhaltung op d'Strooss verluegt gëtt, well déi Wueren an de Produktiounsprozesser just esou sollen ugeliwwert ginn, wéi se gebraucht ginn an net wéi fréier, wou se op Stock louchen an doduerch iwwert d'Eisebunn konnten ugeliwwert ginn. Do musse Mesurë kommen, fir deem entgéint ze wierken; keng Subsidien, dat soll iwwert de Verordnungswee lafen.

Et muss kommen, datt déi Transporter, déi iwwer wäit Strecken ginn, obligatoresch müssen op d'Schinn. Et ass net normal, datt mir hei Fernlaster lafen hunn, déi aus Spuenien eropkommen, déi aus der Türkei eropkommen

asw. Dat ass net ze verrieden. Dofir muss natierlech och d'Schinneninfrastruktur ausgebaut a moderniséiert ginn. Et muss een de Courage hunn, fir vill Geld doran ze investéieren.

Ech kommen dann zum Persouneverkéier. Dat ass jo dat gliddecht Eisen. Jiddereen wëllt mat sengem Auto fueren a méiglechst mobil sinn. Dat war fréier schonn esou. Mir sinn der Meenung, datt een den öffentlechen Transport soll weider ausbauen, datt een e soll gratis maachen, datt e soll iwwert de Budget finanziert ginn an dann ass jiddereen un der Finanzierung bedeelegt an deen, deen en dann net benotzt, schuet sech a senger eegener Täsch.

Mir sinn och der Meenung, datt de Stat muss ganz geziilt iwwer eng Politik vun der Dezentralisatioun vu senger Verwaltungen a virun allem vun de Schoulen dofir suergen, datt kuerz Weeër néideg ginn, datt net muss kräiz a quier duerch d'Land gefuer ginn, fir op iergendeng Administratioun oder fir an eng Schoul ze kommen.

Eppes anesches ass dat wat den Ernst-Ulrich von Weizäcker nennt „Faktor vier“, dat heescht, mam halwen Verbrauch den dueblen Degré u Wuelstand an u Rendement ze errechen. Dat ass d'Effizienz.

Här President, mir hunn erlieft an der grousser Energiekris, dass d'Automobilproduzenten Moteuren gebaut hunn, déi vill méi spuersam waren, wéi déi Generatioun virdrun. A wéi déi Kris eriwwe war an dat Ganzt sech e bësse stabiliséiert a berouegt hat, dunn ass et mat deenen Effort vill méi lues gaangen.

Mir hunn haut effektiv Motoren, déi 3 Liter op 100 km verbrauchen. Si si vläicht net an esou vill Sekonnen vun Null op Honnert. Dat ass och net onbedéngt noutwendeg, mä wa mer de Standardverbrauch nëmme ëm 30 oder 40% reduzéiert kënne, dann hätte mer do schonn déi bal gréisstméiglechste Aspuerung erreecht. Et muss nëmme Drock gemaach ginn, dass et dozou kënnt. Domat si mir erëm eng Kéier bei der Besteuerung vun der Energie, wat e gliddecht Eisen ass, mä wou een awer seng Responsabilitéit muss iwwerhuelen.

Ee Wuert zu den erneierbaren Energien, der Energieproduktioun. Wa mer vun der Solarenergie schwätzen, dovu war de fréiere Wirtschaftsminister, den Här Goebbels, an esou wäit wéi ech weess ass och de jetzege Minister net esou schrecklech begeeschtert, well se der Meenung sinn, hei zu Lëtzebuerg wär mat der Sonn awer net esou vill unzefänken.

Ech muss awer soen an ech beruffe mech do op e Buch, wat vun engem Expär geschriwwen ginn ass, deen dat genau berechent huet, den Dokter Hermann Scheer. Ech erlabe mer e kuerz ze zitieren: „143 Millionen Kilometer von der Erde entfernt strahlt die Sonne unaufhörlich lediglich einen Bruchteil ihrer Energie auf

die Erde. In einer Viertelstunde bietet sie mehr Energie an als die Menschheit im gesamten Jahr verbraucht. Nicht alles davon ist für die Menschheit direkt oder indirekt nutzbar, aber an nutzbarem Potential verbleibt immer noch tausendmal mehr Energie als der jährliche Energieverbrauch der Menschheit.“

Dat sinn d’Fakte vu Wëssenschaftler. Den Hermann Scheer ass President vun der europäescher Solarenergiegesellschaft an e weess vu wat e schwätzt. E fiert da virun: „Schon in den OECD-Ländern wären das 170 mal mehr nutzbare Solarernte aus Solarzellen als der Endenergieverbrauch; in den GUS-Staten und in Osteuropa etwa 400 mal so viel. In den Entwicklungsländern 950 mal mehr.“

Dat theoretescht Potential ass do. Et muss een d’technesch Viraussetzungen schaffen, fir et ze notzen.

De Biogas ass vu menge Virriedner och schonn ugeschwat ginn. Gott sei Dank gëtt dat duerch d’Agrargesetz, duerch déi Reglementer, déi elo a Kraaft gesat gi sinn, favoriséiert, mä et geet net duer, dass een dat favoriséiert an de Leit seet, dann améséiert lech elo.

Här Statssekretär, just op deem Plang misst eng Strategie kommen, déi klor definéiert ass. Do mussen d’Acteuren, an dat sinn nun emol zu engem groussen Deel d’Bauern, awer et musse se net eleng sinn, encadréiert ginn. Et muss eng national Strategie kommen, déi drop erausleeft, flächendeckend iwwert de Biogas d’Biomass esou wäit ze notzen, wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass, net nëmmen d’landwirtschaftlech Offäll a Form vu Gülle, vu Fuddermëttelrester, déi ufalen. Mir sollen op eise Flächen, amplaz se Brooch ze leeën, Energieplanzen ubauen, déi an de Biogasanlage kënnen genotzt ginn. Och solle mir d’organesch Offäll net op d’Tippe féiere mä maximal notzen. Ech weess, dass do muss virdrun en Tri geschéien. Dat ass alles eng Saach vu politischem Wëllen a vun Ëmsetzung, mä et ass méiglech. Do läit e gewaltégt Potential, wann een et nëmme wëll maachen.

Ech komme bei d’Instrumenter. Et muss een de Courage hunn, fir et unzepaken. Et kann ee reglementéieren. Et kann een imposéieren. Dat hu mer plazeweis: d’Wärmeschutzverordnung, am Transport. Et kann een d’Transporter obligatoresch iwwer eng gewësse Streck oder op gewësse Strecken op d’Schinn verdonneren. Dat ass keng Distorsion de concurrence.

Dann d’Steieren an d’Taxen. Ech hu schonn zweemol gesot, dat ass e gliddecht Eisen. Ech sinn awer iwwerzeegt, wann ee mat de Leit dobausse schwätzt, a wann een hinnen e Scénario opzeechent iwwert 10 an 20 Joer, wou ee seet, mir gi moderat awer permanent mat der Besteuerung vun der Energie an d’Luucht a mir maachen et wéi Dänemark et gemaach huet, mir huelen den Ertrag vun deene Steieren integral fir energie-spuerend Moosnamen an erneierbar Energien ze

fördere, esou dass d’Rechnung, déi den eenzelne Steierzueler um Enn muss bezuelen, eng Nullrechnung ass, well e jo manner Energie consomméiert, quitte dass déi Mannerenergie eppes méi deier ass, da kënnt ee virun. Ech sinn och iwwerzeegt, dass eng Akzeptanz dobaussen ass, wann een dem Bierger dat erkläert, wéi et gewollt ass an zu wat et féiert. Déi Sensibiliséierungsaktioun ass e wichtegt Instrument, wat agesat muss ginn.

D’Fro ass: Wëllt d’Regierung dat?

Wann ech, an ech wollt dat als Beispill uféieren, bei där grousser TGV-Zentral gesinn, déi zu Esch gebaut gëtt, wéi wéineg Wëllen do ass, fir d’Wärmenotzung, déi do méiglech ass, ze erméiglechen. Systematesch misst gesot ginn, mir baue Wärmenetzer a mir blösen déi Ofwäermt net an d’Loft, mä mir maache se notzbar a mir spueren dofir op där anerer Säit Äerdgas a Masutt an. Do muss ech soen, wéi et elo gehandhaabt gëtt, kann een net d’accord sinn.

Ech hu virun e puer Deeg eisen Här Wirtschaftsminister - dofir hat ech en d’Éinescht genannt - héieren driwwer witzelen, dass déi Energie, déi ee géing an d’Solarzelle stiechen, vill méi héich wär, wéi dat, wat ee jeemools aus Solarzelle kënnt gewannen.

Ech hu mech dorophi kënneg gemaach. Ech kennen net alles dervun, mä ech hu gelies, dass bei där neier Dünnschichttechnik d’energetesch Amortisatioun 1,5 bis 2,5 Joer wär. Da gëtt et nach anerer: multikristallin Zellen, 3 bis 4 Joer, a monokristallin Zellen, wat méi eng al Technologie ass, bis 5 Joer. Mir wëssen awer, dass déi Panneae vill méi laang funktionnéieren.

Ergo ass dat, wat de Wirtschaftsminister do gesot huet, net richteg. Här Statssekretär, ech wär frou, wann Dir en iwwert dee Punkt kéint informéieren, dass en net, an enger sécher net beabsichtigter Onwëssenheet, Saachen an d’Welt setzt, déi net der Realitéit entsprechen.

Ech muss awer och soen, dass mer oftmoos mat sengem Virgänger, dem Här Goebbels, gekämpft hunn, well en der Meenung war, d’Potential vun erneierbarer Energie, dat wär leschten Enns ëmmer nëmmen héchstens 3% a méi wär net dran. Ech behaupten nach eng Kéier, dass et eng Saach ass vum politesche Wëllen, wéi een dat ëmsetze wëllt. Da kënnt ee wäit, wäit doriwwer eraus.

Mir sinn och der Meenung, dass een net soll als Lëtzebuerg waarden, an do deelen ech dem Här Bodry seng Meenung, bis de Quorum zweemol 55 erreicht ass, dat heescht: 55 Länner, 55 Prozent. Mir sinn an der Verantwortung a mir sinn ee Land, wou et net u Geld feelt. Mir mussen esou séier wéi méiglech ufänken. Et ass eng Note erauskomm vum Mouvement écologique déi seet, mir misste vun 20 Tonnen, anerer soe 16 bis 17, et ass och egal, erof op 2 Tonne kommen, fir wierklech

eng Klimastabilisatioun ze erreechen. Dat ass natierlech e gewaltegen Défi a mir mussen esou séier wéi méiglech ufänken. Ech sinn trotzdeem iwwerzeegt, dass et machbar ass. Wou e Wëllen ass, do ass och e Wee.

Ech wëll och nach e Wuert soen zu eiser Ofhängegkeet vun den Uelegimporter. Dat ass op Dauer keng Perspektiv. Mir wëssen, dass d'Uelegreserven esou oder esou begrenzt sinn, dass d'Mënschheet iergendwann eng Kéier muss ëmklammen an da muss ee sech d'Fro stellen: Woufir ass dann esouvill Widderstand op allen Niveauen, fir eppes dodrun ze änneren. Den Hermann Scheer, deen ech schonn zitëiert hunn, huet emol gekuckt, wann ee wëllt investéieren, wat zum Beispill an den USA, déi esou e gewaltege Widderstand leeschten, an d'Rüstung gestach gëtt. Hei sinn Zuele vun 1992, iwwert dat wat eleng an déi zéng wichtegst Waffesystemer investéiert gouf: 8.000 Milliarde Lëtzebuerger Frangen. An erneierbar Energien hu se 4,5 Milliarden deemools investéiert. Ech weess net, ob sech entre-temps vill geännert huet. Dat sinn 0,05%.

Et kann ee sech virstellen, wann d'ganz industrialiséiert Welt en notablen Effort géing maachen an nëmme 50% vun deem, wat a Waffesystemer investéiert gëtt, géing an erneierbar Energie investéieren, dann hätte mer eng Perspektiv fir a relativ kuerzer Zäit aus där Problematik erauszekommen.

Dat ass jiddefalls eng Perspektiv, déi méi nohalteg ass fir de Friden op dëser Welt ze hale wéi déi aner.

Ech soen nach eng Kéier, et ass kee Widdersproch dran, fir ze soen Economie an Ekologie, well et ass jo och op där anerer Säit de Facteur Aarbechtsplazen, deen domat verbonnen ass. Den Hermann Scheer seet, dass den Atomstrom pro 1000 GWh am Joer 100 Leit beschäftegt. De geothermesche Strom 112, de Kuelestrom einschliesslech Kueleförderung 116, de solarthermesche Strom 248, de Wandstrom 542, dat heescht, et ass net nëmme, dass mer manner ofhängeg gi vum Energieimport iwwer Ueleg, dee mer vu wäit hier musse komme loossen, wat och scho mat Energieverbrauch verbonnen ass, mä mir schafen zousätzlech Aarbechtsplazen, mer kuerbelen eis Economie op eng ganz ëmweltfrëndlech Aart a Weis un.

1990 huet den Hermann Scheer säi Buch erausbruecht: „Sonnenstrategie“, dat ech jiddferengem recommandéieren ze liesen, och wann et schonn 11 Joer al ass. Et ass e ganzt remarquabelt Buch. 1992 ass zu Rio mat grousser Euphorie, an den Här Alex Bodry huet et hei gesot, gemengt ginn, elo passéiert eppes, awer elo si scho bal 10 Joer erëm a säithier sinn d'CO₂-Emissiounen weltwäit weider geklommen. Säithier ass d'atmosphäresch Temperatur an engem Mooss geklomme wéi nach ni virun an dofir si mir an der verdammter Flicht a Schëllegkeet, fir esou séier wéi méiglech un de Problem praktesch erunzegoen, egal ob da 55 Länner dat ratifizéieren a 55% vum CO₂-Ausstouss beienee-

kommen. Mir jiddefalls wäerten dësem Gesetzprojet eisen Accord ginn an d'Regierung an allen Démarchen ënnerstëtzen a souguer, wann et muss sinn, Damp derhannert maachen, fir dass hei zu Lëtzebuerg dat gemaach gëtt, wat gemaach muss ginn, fir net nëmme déi 28% ze erreeche mä wäit doriwwer ze kommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Camille Gira.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Protokoll vu Kyoto wäert egal wéi an d'Geschicht agoen. Entweder als dee Moment, wou d'Mënschheet ugefaangen huet d'Kéier ze huelen, fir d'Klimaproblematik an de Grëff ze kréien oder awer als dee Moment vun der verpasster Chance mat Konsequenze fir déi déi kommend Generatiounen eis verfluche wäerten.

Et gëtt de Moment eng ganz Rei Zeechen an déi eng wéi an déi aner Richtung. Déi positiv als éischt.

Positiv ass sécherlech ze bewäerten, dass kaum nach een drun zweifelt, dass et eng vu Mënschenhand verursaachte Klimaproblematik gëtt an akuten Handlungsbedarf besteet.

Mir als Gréng gesinn et och als positiv un, dass zu Bonn, ënnert deenen Ëmstänn wéi déi Konferenz ugaangen ass, nach iwwerhaupt eng Eenegung fonnt ginn ass, och wann ech gäre mam Här Bodry d'accord sinn, fir ze soen, dass dat, wat elo erauskomm ass, dach relativ verwässert ass an nach méi verwässert ass wéi dat, wat zu Kyoto erauskomm ass.

Et ass sécherlech och positiv ze bezechnen - et ass vläicht net genuch no bausse gedroe ginn -, dass fir eng Kéier emol d'EU geschlossen an deene ganze Verhandlungen opgetrueden ass an et och emol, zumindest gesäit et esou aus, wéi wa se gewëllt wier, egal wéi, hir Hausaufgaben ze maachen an emol unzefänke virun hirer Dier ze kieren, ier se anere Leit géing Lektionen ausdeelen.

Et ass sécherlech positiv ze bewäerten, wa wichteg Firmaen amgang sinn d'Fronten ze wiesselen. Firmae wéi Ford, DuPont, an esou weider, déi viru kuerzem nach zum haarde Kär vun deene gehéiert hunn, déi Wëssenschaftler beoptraagt hunn, fir all Zeechen nozesichen, fir ze beweisen, dass keng Klima-problematik géing existéieren, hunn an deene leschte Méint agesinn, dass se op dat falscht Päerd gesat haten a se eigentlech besser hätten ëmzesuedelen.

Vläicht hat och do deen een oder anere Boykott, dee vun deem engen oder anere Konsument an de leschte puer Joer iwwer Internet ugekierbt ginn ass, éischt Reperkussiounen gehat. Als Klammer: Vläicht e positive Moyen vun enger allgemeng globaliséierter Wirtschaft.

Sécherlech féiert dat zu grousser Virdeeler a Muechtpositioune vu groussen internationale Konzernern. Mä

lues a lues entdecken och d'Konsumentinnen an d'Konsumenten, dass se iwwer Internet eng relativ effikass Waff zur Verfügung hunn, fir mat wéinege Moyenen awer ganz klor Messagen un déi richteg Plaze kommen ze loossen.

Och wann ee ka bedauern, dass net aner Firmaen dat bekäppt hunn, esou ass et awer en Zeeche fir d'Zukunft, wann een héiert, dass Shell a BP haut zu deene gréissten Hiersteller vu Solarzelle gehéieren.

A positiv si virun allem déi Dausenden Initiative weltwäit um Terrain ze bewäerten, wann ee sech e bëssen déi Netzer ukuckt, déi entstinn an déi och vum Virdeel vum Internet profitéieren, fir een deem anere seng positiv Erfahrung matzedeele, esou dass net jiddereen erëm muss d'Rad nei erfannen.

Ech erënneren u vläicht eng vun deene bekanntsten Initiativen, d'Klimabündnis, mä och wann ee gesäit, wéi zum Beispill an Däitschland a sëllege Gemengen an Agenda 21-Prozesser amgaang sinn, iwwer eng allgemeng Nohaltegekeetspolitik och déi Problematik vum Klima an de Grëff ze kréien, da léisst dat een eigentlech hoffen, well do kënnt jo eventuell en exponentielle Wuesstum och emol eng Kéier op där Säit entsto, a wann och heiansdo déi uewen e bëssen zéi a lahm sinn, dass se ferm Damp vun den Initiative vun enne gemaach kréien.

Positiv ze gesinn ass sécherlech och, dass ëmmer méi wichteg Organer de Klimaschutz net nëmme méi als ekologesch Nécessitéit, mä carrément als ekonomesch Opportunitéit gesinn. Ech erënneren un d'EU-Kommissioun, déi ganz kloer virgerechent huet, dass den Astieg an d'Solarzäitalter tëschent 1-2 Milliounen Aarbechtsplaze kéint schafen an esouguer déi sécherlech net als gréng bekannten OECD fënnt eraus, dass et eigentlech de Moment net gutt ass, wa mer déi extern Käschte vun eisen Energiepräisser net matarechnen.

An et gëtt esouguer riets a lénks zaghaft Versich fir eng Ëmstrukturéierung vun der Wirtschaft. Ech erënneren zum Beispill un eng ekologesch Steuerreform an Däitschland, déi vläicht vu ville belächelt gëtt, wou awer Wirtschaftsinstituter éischt Berechnunge gemaach hunn a ganz kloer feststellen, dass dat e ganz bescheidenen, awer trotzdeem wierksamen éischte Schrëtt ass fir eng Ekologiséierung vun der Wirtschaft a lues a lues wäert dozou féieren, datt mer den Energieverbrauch méi staark kënnen ofkoppele vun dem BIP, mat anere positiven Nieweneffekter.

Leider, Här President, gëtt et awer bal grad esou vill negativ Zeechen an där ganzer Problematik, déi ee leider muss opwerfen. Déi meescht Entwécklung ginn nach ëmmer an déi falsch Richtung. All westlech Länner si wäit ewech vun deenen Ziler, déi se missten erreechen. Bal iwwerall ginn d'Emissiounen weiderhin an d'Luucht,

an do wou se wierklech substantiell erfogaange sinn, do gëtt et wierklech atypesch Situatiounen wéi an Däitschland. Wann Däitschland haut relativ positiv do steet, dann huet dat näischt mat gréisseren Efforen a Westdäitschland ze dinn, mä virun allem mat dem Ënnergank vun der Wirtschaft an der Ex-DDR. Soss wieren déi Pourcentagen net méiglech.

Doniewent ass natierlech eng Entwécklung an den Entwécklungslänner amgaang, déi zwar nach ëmmer wäit ewech vun deene pro-Kapp-Tonnage vun eis westleche Länner ass, mä déi awer duerch hir grouss Bevölkerungszuel lues a lues dozou bäidroen e gewëssene Pourcentage vun den CO₂-Emissiounen duerstellen.

Negativ ass och ze bewäerten, dass de Protokoll vu Kyoto am Laf vun de Verhandlungen enorm verwässert ginn ass an dass mat der Zäit méi iwwert déi flexibel Mechanisme geschwat a gefeilscht ginn ass, wéi eigentlech iwwert dat initiaalt Zil, nämlech tatsächlech an der Praxis ëmgesate Reduktiounen vun den Zäregasen ze erreechen.

Et gëtt een dat Gefill net lass, dass vun de Länner aus dem Norden et fäerdeg bruecht gëtt, fir déi total Verantwortung, déi si eigentlech hunn, lues a lues erfiedzécken op d'Länner am Süden. Dat ass eppes wat ee wierklech net ganz positiv stëmmt an där ganzer Teppechändleratmosphär, déi an deene Verhandlungen ass.

Eent vun deenen negativsten Zeechen ass sécherlech dem President Bush seng Haltung, deen net nëmme, Här President, kloer an däitlech seet, mir si bei Kyoto net dobäi, mä dee scho bal provokativ higeet an an Naturschutzgebidder an Alaska nei Förderstelle fir Uelech a Gas wëllt ukierpen. Do freet ee sech wierklech, wou dat soll hiféieren.

Och wann hei de Rapporteur richtegerweis gesot huet, dass de Moment am Kyoto-Protokoll eigentlech net schrecklech vill Schlupflächer fir d'Atomenergie sinn, esou mierkt een awer, wann een e bësse ronderëm lauschtert, dass d'Atomlobby erëm erwächt ass a mengt, si hätt eng zweet Chance a kéint hir Technik trotz Tschernobyl a Three Mile Island erëm an d'Diskussioun bréngen. Ech hunn d'Gefill, dass mer eis zumindest hei an dësem Haus eens sinn, dass mer domat den Deiwel mam Beelzebub géingen ausdriewen, dass dat op jidde Fall net d'Zukunft fir d'Energiepolitik ka sinn.

Wat ass dann elo eiser Meenung no dat dréngendst wat ze maachen ass als alleréischts an de weidere Verhandlungen? Ech mengen, et misst een erëm zréckkommen zu dem initialen Objet, nämlech kloer an däitlech Reduktiounen vum CO₂ weltwäit ze erreechen a wierklech manner ze feilschen iwwert déi flexibel Mechanismen, mä kucke wéi mer an den nördleche Länner substantiell Reduktiounen kënnen kréien a wéi

een och dofir kënnst suergen, datt d'Emissiounen an den Drëttwëltlänner esou mann wéi méiglech an deenen nächste Joren a Jorzéngte géinge steigen.

Dat zweet, dat grad esou wichteg ass, dat ass, dass déi Resultater, déi zu Bonn erauskomm sinn, déi de Moment nach ëmmer nëmme politesch bindend sinn, wierklech an deenen nächste Verhandlungsrunde juristescht bindend gemaach ginn, fir dass och d'Leit sech e bësse gedrängt fillen, a wat hannendru steet, ass scho vun de Virriedner erwähnt ginn, nämlech dass eng Evaluatioun gemaach gëtt, an dass och Sanktiounen kommen.

Eng zweet wichteg Fuerderung an eisen Aen ass, dass mer eng total aner Astellung kréie vis-à-vis vun den Drëttwëltlänner. Et gëtt een d'Gefill net lass, wéi wann a sämtleche Verhandlungen, a sämtlechen Äusserungen no baussen, eng ënnerschwelleg, erofloossend Attitüd vun den Nordlänner vis-à-vis vum Süden ass. An alle Communiquéë schwieft ëmmer nach mat, wéi wann dat eenzegt méiglecht Zil am Liewe wier esou ze liewe wéi mir hei liewen, wéi wann d'ganz Welt sech misst eisekonomiechen a soziale Modell upassen a wéi wann et ouni Technologietransfert vum Norden an de Süden net géing goen.

Ech mengen, hei wier et dréngend noutwendeg, dass mer villméi bescheide géinge ginn, dass mer grad an deem heiten Domän vun der Klimaproblematik wierklech emol géingen Ambassadeuren an de Süde schécken, well do könnte mer schrecklech vill léieren a puncto Nohaltegkeet, mir kënnen a gewësse Länner a Kulturen an Afrika an an Asien eigentlech léiere wat d'Nohaltegkeet ass. Do sinn nämlech nach vill Länner, déi dono liewen an net nëmme, wéi heiansdo gemengt gëtt, Här President, aus Aarmutt, mä wierklech aus Tradition an aus Wëssen, well einfach nach e Besuch zur Natur do ass a well déi Leit keng aner Chancen hu fir ze iwwerliewen. Et kënnst een och do léieren, wéi mer eng Kéier misst mat zwou Tonnen CO₂-Emissiounen pro Kapp iwwerliewen.

Et kann een nëmme laachen, wann een elo vun Technologietransfert héiert. Mir si schrecklech houfreg, dass mer hei am Land elo 5 bis 6 Biogasanlagen hunn. Abbe, an Indien gëtt et dräi Milliounen där Installatiounen, vläicht méi bescheidener wéi déi hei, mä mat deemselwechte Resultat. A wa mer virun 10, 15 Joer emol an Indien kucke gaange wieren, wat déi mat hirem organeschen Offall an der Landwirtschaft gemaach hunn, dann hätte mer vläicht net bis d'drëtt Joerdausend gebraucht, ier déi Technik bei eis implantéiert gi wier.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Europäesch Unioun nach vill méi intensiv soll virgoen an eigentlech vun der Dynosauriermentalitéit vum Georges Bush profitéieren, fir wierklech de Leadership an dëser Problematik ze iwwerhuelen a sech als e fairen an engagéierten Alliierten vun der Drëtter Welt soll eraus kristalliséieren.

Mir sinn der Meenung, dass een an Europa Gelder misst fräimaachen, fir den Astieg an de Solarzäitalter bewosst unzegoen. An ech ka mech ëmmer nëmme wonneren, wéi all Frang fir d'Solarenergie, fir d'Wandenergie, fir d'Biomass muss 17-mol gerechtfäertegt ginn, an dat wat den Här Mehlen virdru vum Här Grethen zitéiert huet, ass erëm en typescht Beispill, wou probéiert gëtt einfach déi nei Energie lächerlech ze maachen, wéi wa jeemools ee gefrot hätt, wivill gro Energie stécht dann an engem Atomreakter, a wéi wa jee ee gefrot hätt, Här President, wivill öffentlech Gelder sinn dann an d'Atomenergie gefloss a wivill fléissen der haut dran. An Europa fléissen haut nach méi Fuerschungs- a Subsidiegelder an d'Atomenergie wéi a sämtlech Alternativenergien. Dat sinn einfach Saachen, déi een net sollt vergiessen.

A wann d'öffentlech Hand net während Jorzéngte Milliarden an d'Atomenergie gestach hätt, da wier bis haut nach kee Kilowatt aus där Technik entstanen. Dofir kann et mech ëmmer nëmme wonneren, wéi sou grad d'Alternativenergie sech ëmmer erëm muss rechtfäertegen, fir eng Rei Gelder ze kréien.

Mir sinn der Meenung, dass et néideg ass déi beschte Leit drop ze setzen, an Europa virun allem an an Amerika, fir an de Länner vun der Drëtter Welt eng aner Mobilitéit ze entwéckelen. Mir müssen dofir suergen, dass d'Atomenergie keen zweet Fréijoer kritt. Ech mengen, dass een déi Geforen net soll ënnerschätzen. Déi Leit hunn nach ëmmer vill Geld, déi hu vill Reserven an déi wäerte vun all Geleeënheet profitéieren, fir ze kucken iergendwou de Fouss an d'Dier ze kréien a mat hirer Technik erëm iergendwéi wëllen d'Mënschheet ze beglécken.

Mir sinn der Meenung, dass d'Klimaproblematik eng Chance ass, fir d'Ofhängegkeet vum Uelech wierklech ze verklengeren. An hätte mer an deene leschten 30 Joer no där éischter Uelechkris eis Hausaufgabe gemaach, da wieren a gewësse Regiounen vun der Welt potential manner Krisen a gewësse Leit hätte vläicht manner Intérêt fir do esou massiv present ze sinn.

Schlussendlech stëmme mer mat deene Virriedner iwwereneen, déi gesot hunn, dass de Knackpunkt sécherlech wäert de Verkéier sinn an och ginn. A wa mer et net fäerdeg bréngen de generelle Verkéier ze entkoppele vum Wuesstum vum PIB, dann ass all dat anert Makulatur. Da kënne mer déi gréissten Effizienzrevolutiounen am Beräich vum Energieverbrauch vun de Maschinnen, vun den Haushalter maachen, da frësst de Verkéier dat doten alles op an et geet dann och net nëmme duer iwwert d'Autoen an d'Camionen ze schwätzen, mä virun allem iwwert de Flugverkéier, deen et och alt erëm eng Kéier fäerdegbruecht huet an deem ganze Kyoto-Protokoll de Moment emol nach aussen vor ze bleiwen. Ech weess, dass et sécherlech kee gënschtege Moment ass, fir

iwwer eng Kerosintax ze diskutéieren. Däers si mer eis sécherlech bewosst. Dat heescht awer net, dass dee Problem net nach wie vor existéiert an dass et, wa mer un Internaliséierung vu Käschte schwätzen, einfach ekonomesch totale Schwachsinn ass, fir eng Transport-aart, déi wierklech ekologesch déi allerschlëmmst ass, esou massiv ze subsidiéieren an net korrekt duerstelle vis-à-vis vun aneren Transportarten, wou vill méi vun de Käschten an de Präis internaliséiert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wat ech allgemeng gesot hunn, dass et souwuel Positives wéi Negatives gëtt, gëllt eigentlech am Klengen och fir Lëtzebuerg.

Zu Lëtzebuerg, mengen ech, ass och kaum nach een, deen un der Problematik zweifelt an net mengt, dass wierklech eppes misst iwwerholl ginn.

Une voix.- Den Här Goebbels!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Et gëtt der, déi léieren et ni. Dat ass richtig.

Ech mengen, et kann een och fairerweis soen, dass et éischt zaghaft Usätz op Regierungsniveau gëtt, fir en Ęmdenken. Ech wëll wierklech net déi zwee Règlements grand-ducaux, vun deenen haut scho geschwat ginn ass, iwwerbewäerten, mä ech mengen, dass symbolesch hire Wäert vläicht méi grouss eng Kéier wäert sinn, wéi reell an Tonnen CO₂. Ech mengen, et ass wichteg, dass sech duerchgeronge ginn ass mat deem néidegen Drock vu baussen a vu bannen, fir sech dann och géint gewësse Kräfte am Energieministère duerchzusetzen an ze soen, mir gleewen un d'Solarenergie a mir fördern déi massiv.

Ech mengen, dass een och hei zu Lëtzebuerg ka soen, dass eigentlech dat Positiivst vun ěnne kënnt, nämlech vun de Gemengen. Déi Leit, déi am Klimabündnis dra sinn a regelméisseg do Réuniounen erlieden, wou den Informatiouns-austausch vun den Aktiounen téschent deene 17 Gemenge geschitt, do spiert een eng gewëssen Dynamik. Do spiert een och eng gewëssen Evolutioun am Denken an et mierkt een, dass déi Leit, déi deen Engagement geholl hunn, vläicht net ěmmer wousste wéi et hinne gaangen ass, mä wa se bis dra sinn a sech regelméisseg konfrontéieren mat deem wat se eigentlech nach ze dinn hunn, bekäppen, dass do och eng immens Chance fir hir Gemeng dra stécht.

Et mierkt een och, dass an deene Gemengen net němme méi d'Gemeng selwer sech konzernéiert fillt, mä déi Dynamik och deelweis op d'Betriber eriwwer amgang ass ze fléissen, och op d'Verwaltung. Ech mengen, dass do wierklech esou munches a Beweegung ka kommen an et wier flott, wann d'Regierung maximal all děs Initiative géing ěnnerstětzen. Et huet een d'Gefill, dass zumindest an deene Gemengen en Usaz vu Klimaschutzreflex amgang wier ze entstoen.

Ech brauch net hei un déi vill Initiativen um Terrain vun all méiglechen ONGen an den Drěttweltlänner an am Ęmweltschutzberäich ze erěnnern, déi wierklech och derfir suergen, dass net němme probéiert gětt hei am Norden d'Hausaufgaben ze maachen, mä lues a lues eng international Solidaritéit opgebaut gětt, ouni déi dat Ganzt net ka funktionnéieren.

Mä och zu Lëtzebuerg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gětt et leider nach vill Negatives ze vermelden. Och bei eis weisen all d'Zuelen an déi falsch Richtung. Mir solle wierklech net fixéiert op déi minus 30 vun 1998 kucken. Ech sinn iwwerzeegt, wann déi lescht Chiffre vun 2000 op den Děsch kommen, dass mer schonn net méi bei deene minus 28 si mä nach wäit drěnner. Den Transportberäich huet 42,5% zougehall vun 1990 bis 1998. Den Tanktourismus no u 50%. Och de Stroumverbrauch klěmmt nach ěmmer regelméisseg ěm 5% pro Joer.

Et gětt Berechnungen, fir dass bis 2010 am plaz minus 28% mer bei plus 20% leien. Ech wëll déi Zuel emol eng Kéier an d'Diskussioun werfen. Déi ass vun offizielle Stellen errechent ginn, dass wann alles esou weidergeet wéi elo, mir 2010 riskéieren bei plus 20% vis-à-vis vun 1990 ze leien. Do mierkt ee wierklech, dass et hei net ěm Peanuts geet, mä dass substantiell strukturell Reforme musse kommen. Ouni dat wäerte mer dat do net packen.

Dat zweet Negatiiv, wat ze bemierken ass, dat ass, dass Klimaschutz nach laang keng horizontal Aufgab ass. Ech géing deenen zwee Leit aus dem Ęmweltressort emol ěnnerstellen, dass si sech wierklech vill Méi maachen a probéieren an deem Beräich hei weiderzekommen, mä et vergeet bal keng Woch, wou net esou Stellungnahme vum Wirtschaftsminister, vum Energieminister a vum Transportminister kommen, déi awer nu wierklech an eng ganz aner Richtung ginn a wou een net d'Gefill huet, do géingen zwee Leit aus dārselwechter Regierung schwätzen.

Dat, wat ech elo éinescht gesot hunn, wat ee wěinegstens usazweis a Klimaschutzgemenge spiert, děse Klimaschutzreflex, deen ass bei děser Regierung iwwerhaapt net entwěckelt.

Ech stellen als negativ duer déi kontraproduktiv Décisiounen, déi děs Regierung scho geholl huet, nämlech d'Begruewe vum BTB, dat massiiv Ausbaue vum Stroossenetz, net němme eng Nordstrooss mä zwou, an niewent der Collectrice am Süden entdecke mer och do nach Plaz, fir déi eng oder aner Strooss hinzebauen. Dat sinn alles kontraproduktiv Décisiounen a wäerte sécherlech net zu enger Reduktioun vun dem CO₂ bäidroen. Derniewent gětt et carrément onverständlech Décisiounen, zum Beispill fir eng Tankstell op der Saaraubunn opzerrichten.

Da wollt ech - ech weess net ob een dat nach däerf - klammheimlich op dëser Tribün eng Kéier froen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wou ass déi berühmten ekologesch Steuerreform hin? Mir bréngen et elo fäerdeg an zwee Exercicer duerch zwee Gesetzer 40 Milliarden - ech vereinfachen emol - mat der Strenz iwwert d'Lëtzebuerger Land auszeschëdden, mä do ass keen Euro fir d'Ëmwelt virgesinn. Ech weess net, ob et jeemools e bessere Moment ginn hätt, wéi d'lescht an dëst Joer am Kader vun esou enger grousser Steuerreform, wou mer eng Masse critique vu 40 Milliarden hunn. Do hätt et misse méiglech sinn, eng ekologesch Steuerreform ze maachen, wou een einfach d'Charge verréckelt hätt, wou een ënnert dem Stréch hätt kënnen nach relativ vill Geld un d'Leit ausschëdden a wou et awer hätt misse méiglech sinn, lues a lues gewësse Reformen anzeleeden. Et ass roueg ginn ëm déi berühmten ekologesch Steuerreform a mir froen eis, wéi dës Regierung an deem Beräich bis zu den nächste Walen nach iergendeppes wëllt ronn bréngen.

Wat ass, eiser Meenung no, elo zu Lëtzebuerg ze maachen?

Als alleréisch, an ech hunn dat op dësem Pult scho gesot, eng klor Sprooch schwätzen. Esou laang den Ëmweltminister an de Statssekretär soen, dass et héich Zäit gëtt, fir eppes ze maachen, de Wirtschaftsminister awer gläichzäiteg seet, dat Zil vun 28, dat wier total irrealistes a praktesch net seriö ze huelen, wou sollen dann do en normale Bierger an eng normal Biergerin dobausse wëssen, wou se dru sinn. Et sollen endlech klor Zuelen op den Dësch kommen. Een, dee sech e bësse préparéiert huet fir de Projet vun haut de Mëtteg, deen huet gemierkt, wéi schwier et ass, zwou déiselwecht Zuelen ze kréien. Vun 12 bis 20 Tonnen CO₂ pro Kapp begéint een Allméiglech. Mir missten eis emol eng Kéier eenegen, wéi eng Zuele mer dann elo fir Kyoto huelen, wéi eng Zuele mer generell fir eisen Energieverbrauch huelen. Dat wier emol dat alleréisch, mä dat bréngt mer emol nach net fäerdeg. Ech froe mech, wéi mer de Rescht solle fäerdegbréngen. Wann een net weess, wou ee steet, wéi soll een dann erausfannen, wou ee wëllt hikommen.

Mir sollen och ophalen eis selwer an d'Täsch ze léien. Et huet mech e bësse gewonnert, dass den Här Calmes, dee fir de Rescht en excellente Rapport gemaach huet, dann och gemengt huet, e misst sech selwer an d'Täsch léien an och vun där atypescher Situatioun vum Tanktourismus schwätzen, awer net, an dat hätt e fairerweis missen hannendru soen, dass mer wierklech atypesch sinn am Plus, doduerch dass mer dee ganze Stromverbrauch net ugerechent kréien.

(Interruption)

Här Calmes, et steet net am Rapport, ech hat eng Remarque gemaach. Dir waart net d'accord, fir et dran ze setzen. Dat enttäuscht mech e bëssen, mä well et jo

bekannt ass, dass op där anerer Säit mer géingen dat ganzt Elektresch, wat mer am Haushalt an an der Industrie brauchen, mat grad esou vill CO₂ missten derbäi rechnen, wéi deen, dee mer beim Tanktourismus ugerechent kréien, mécht et dofir kee Sënn ëmmer vun där atypescher Situatioun ze schwätzen, mä endlech zouzeginn, dass mer Weltmeeschter an der CO₂-Emissioun sinn, an dann hätt een emol eng klor Sprooch gebraucht.

Eng klor Sprooch, mä och déiselwecht Sprooch misst geschwat ginn. Ech hu schonn opgeworf, dass verschidde Regierungsmitglieder mat ënnerschiddlechen Aussoen just d'Leit dobaussen duerchernee bréngen.

Et misst eng klor Strategie entwéckelt gi mat klore Ziler, klore Instrumenter a klore Aufgabeverdeelung, fir d'Acteuren alleguer, mat enger Evaluatioun. An deem Kontext kéinten déi Indicateuren, vun deene mer hei an der Ëmweltkommissioun geschwat hunn, eng wichteg Roll spillen. Déi wiere wichteg fir d'Politik vun der Regierung, vun de Gemengen. Déi wieren och wichteg, wa mer soen, mir musse klor Signaler no bausse senden, fir dass d'Leit wësst, wou se dru wieren.

Da froe mer, ob et wierklech net derwäert wär, trotz allem nach eng Kéier iwwert eng ekologesch Steuerreform ze diskutéieren, fir gewëssen Ëmstrukturéierungen an der Wirtschaft ze kréie mä och en anert Mobilitätsverhalen.

Da misst ee wierklech déi wichtegst Problemer ugoen, wouvun dee wichtegsten de Verkéier ass. Ech wëll net hei an den Detail goen. Mir wësse wat usteet. Mir wësse wou d'Problemer leien. Virun allem misst mer och do ophalen zweespureg ze fueren. Op där enger Säit maache mer sécherlech unerkennenswäert Efforen am öffentlechen Transport, am Beräich vun de Bussen, am Beräich Stonnentakt, mä gläichzäiteg ginn ëmmer erëm nei Stroosse gebaut. Och do fënnt keen dobausse sech erëm. Och do si keng klor Signaler, awer et gëtt gehofft, jiddferree géif do Sänt erëmfannen. D'Autofuerer kéint een zefriddestellen an zugläich och déi Leit, déi fir den öffentlechen Transport sinn.

Mir sinn der Meenung, dass bei dësem Spagat d'Regierung sech wäert déi zwee Bee brieche. Dat do geet schif aus. Mir gesinn et all Moien. Mir gesinn et all Owend an an deenen nächsten dräi, véier Joer wäert et sécherlech nach méi fundamental ginn. Mir sinn och der Meenung, dass et heiandsdo net mam décken Hummer muss goen, mä dass een och symbolesch eppes ka maachen. Ech wëllt an deem Kontext eng Motioun abréngen.

Mir haten dëst Joer fir d'éischte Kéier usazweis en 22. September, wou emol probéiert ginn ass e Message eriwwerzebréngen. Munches war gutt un deem Dag, aner Saache si schif gaangen. Elo wëllt den Zoufall, dass d'nächst Joer den 22. September op e Sonndeg fält. Mir

sinn der Meinung, dass et misst machbar sinn, wa mer elo scho géingen ufänken eng national Aktioun virzubereeden, fir en nationalen autofräie Sonndeg ze kréien.

An där Motioun, déi ech hannerleeën, gëtt d'Regierung opgefuerdert de Bilan ze maache vun dësem Joer a Préparativen opzehuelen, fir d'nächst Joer e wierklechen autofräie Sonndeg anzefeieren.

Motion 2

La Chambre des Députés

considérant

- *que les transports routiers sont responsables d'une part considérable des émissions de CO₂;*
- *que la liste des mesures nationales du protocole de Kyoto mentionne e.a. la réduction des émissions provenant du transport;*
- *que le plan national de développement durable prévoit un accroissement notable de la part de l'utilisation du transport en commun;*
- *que la "Journée européenne sans voiture", se déroulant annuellement à la date du 22 septembre, constitue un moyen idéal pour favoriser la prise de conscience collective quant à la nécessité d'agir;*
- *que la "Journée sans voiture" 2002 aura lieu un dimanche, présentant une occasion unique pour l'élaboration d'un concept réalisable au niveau national;*

invite le Gouvernement

- *à tirer un bilan des activités organisées au Luxembourg dans le cadre de la "Journée sans voiture" 2001;*
- *à entamer dès à présent les travaux préparatifs en vue de l'élaboration d'un concept de "Dimanche sans voiture" au niveau national, tout en assurant une coordination étroite entre tous les acteurs concernés.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

A wa mer wëlle weiderkommen, da mussen och gewësse Sujeten enttabouiséiert ginn. Ee vun dëse Sujeten ass fir eis den Tanktourismus. Ech fannen et hypokritesch, wa mer op där enger Säit eis permanent bekloen, mir krite hei 60% vun den CO₂-Emissiounen vum Bensin, vum Masutt ugerechent a mir ginn déi Problematik net un. Vläch wier et relativ einfach eis Ziler anzehalen, wa mer eng Strategie géingen entwerfen, fir lues a lues - ech betounen dat hei - aus där Problematik erauszeklappen. Och do wësse mir als Gréng, dass mir net vun haut op muer kënnen d'Präisser massiv an d'Luucht setzen an aus deem Tanktourismus erausklassen. Och do hu mer keng Zuelen am Grapp. Déi eng Leit behaupten, mir krite 12 Milliarden iwwert

den Tanktourismus eran, aner Leit hu behaupt et wärend der 25. Wou soll een do klor kommen.

Wa mer an zwee Joer kënne 40 Milliarde Steieren de Leit noloossen, da misst et jo méiglech sinn iwwer 10, 15 Joer eng Strategie ze entwéckelen, ob mer vun deenen 12 oder 15 Milliarden aus dem Tanktourismus net lues a lues kënnten e gewësse Chiffer ofbauen.

Och an deem Kontext wëilt ech, fir dass mer endlech do emol ukommen a wéinegstens emol Donnéeën op den Dësch kréien, eng Motioun hannerleeën, wou dra verlaangt gëtt, dass een emol eng Etüd mécht, wou een déi ekonomesch, ekologesch a finanziell Resultater vum Tanktourismus kann ukucken a wou ee sech dann iwwerleet, ob een den Impakt vum Tanktourismus op eis CO₂-Emissiounen net kéint lues a lues, mëttel- a laangfristeg reduzéieren.

Motion 3

La Chambre des Députés

- *considérant les objectifs de la convention-cadre des Nations Unies signée à Rio de Janeiro en 1992 et ratifiée en 1993 par la Chambre des Députés ainsi que les objectifs du protocole de Kyoto;*
- *considérant la responsabilité historique des pays industrialisés et notamment européens face au problème des émissions des gaz à effet de serre (cf. les émissions élevées de CO₂ par tête d'habitant);*
- *considérant qu'il est urgent d'apporter aux schémas de production et de consommation dans le domaine économique les modifications qui permettront d'atteindre les objectifs à long terme de la convention et du protocole précités;*
- *considérant que les problèmes planétaires associés aux changements climatiques pourraient avoir une incidence considérable sur la production et sur la productivité de l'agriculture mondiale, réduire la diversité biologique, conduire à la disparition de terres cultivables et à des déplacements de population et provoquer l'augmentation d'un certain nombre de maladies transmises par vecteurs;*
- *considérant que les données scientifiques attestant le changement climatique pourraient présager des conséquences sociales, économiques et écologiques inacceptables dans les décennies à venir et que les pays en voie de développement seraient frappés plus durement par ces phénomènes causés avant tout par les pays industrialisés;*
- *considérant que cette situation incite à adopter une politique préventive afin d'atténuer les effets des changements climatiques dont seront concernées surtout les générations futures qui devront supporter les coûts des conséquences et qui seront confrontées à des coûts économiques beaucoup plus élevés pour la réduction des émissions;*

- *considérant que le Luxembourg fait figure de pays grand producteur d'émissions de gaz à effet de serre;*
- *considérant que la consommation de carburants a une influence disproportionnée sur nos émissions;*
- *considérant que la majorité de la consommation de carburant n'est pas imputable à la flotte véhiculaire du Luxembourg mais qu'elle est le résultat du phénomène dit "Tanktourismus";*
- *considérant que dans la stratégie pour atteindre l'objectif contraignant de Kyoto un des axes consiste à freiner la tendance à l'augmentation intense du trafic routier et de la consommation des carburants d'ici 2010;*

invite le Gouvernement

- *à faire une étude d'évaluation sur les conséquences économiques, écologiques et financières du phénomène "Tanktourismus";*
- *à élaborer une stratégie concrète permettant de freiner la consommation de carburants d'ici 2010.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

Schlussendlech misst ee massiv d'Efforen op lokalem Plang ënnerstëtzen. Ech sinn d'accord, dass de Moment am Ëmweltministère dofir ganz vill Versteesdemes ass an iwwert den Ëmweltfong relativ vill Suen zur Verfügung stinn. Ech wëll awer nach hei betounen, dass nach laang net ëmmer engem gehollef ass, wann ee Sue kritt.

Ech wëilt en Appel maachen un d'Regierung, fir hirem Innenminister ënner anerem bäizebréngen, dass Klimaschutzpolitik massiv mat Gemengen ze dinn huet, a wa mer gären hätten, dass um lokale Plang eppes geschitt, da soll den Här Wolter wierklech eng aner Attitüd un den Dag leeë wéi déi, déi en déi lescht Zäit un den Dag geluegt huet, well wann een näischt anescht ze dinn huet wéi dem Här Calmes seng Wandmillen ze verhënneren, jorelaang zu Pëtscht derfir ze suergen, dass dee Projet net weidergeet an och op anere Plaze Schwierigkeete mécht, wa Gemeinde wëllen Nahwärmenetzer leeën, ech mengen, dat ass net grad dat, wat een ënnert horizontaler Aufgabestellung vum Klimaschutz versteet.

Wann den Här Wolter um Ufank vum 20. Jorhonnert Innenminister gewiescht wär, dann hätte mer haut nach alleguer e Pëtz an eisem Haus, well ech hu bis haut nach net dee fundamentalen Ënnerscheed verstanen tëschent enger Gemeng, déi hire Leit, déi bis dohi Pëtzer haten, op eemol eng Waasserleitung geluegt huet an enger Gemeng, déi hire Leit haut en Nahwärmenetz dohi leet, amplaz dass jiddferee seng Masutshheizung am Keller huet. Fir mech besteet do keen Ënnerscheed. Glécklecherweis hate mer um Ufank vum 20. Jorhonnert méi wäitsichteg Innenministeren, soss hätte mer nach alleguer haut eise Pëtz am Keller.

Dir kënnt lech virstellen, dass déi Gréng selbstverständlech dëse Projet stëmme wäerten. Mir maachen eis keng Illusiounen iwwert de konkreten Impakt vun dëser Konventioun. Mir sinn awer der Meenung, dass symbolesch et ganz wichteg ass, dëse Kyoto-Protokoll esou séier wéi méiglech ze ratifizéieren. Wichteg ass et, dass duerno dës Symbolik mat konkreten Inhalter gefëllt gëtt, well soss riskéiert de Protokoll nawell op déi falsch Säit ze kippen an als de Protokoll vun de verpasste Chancen an d'Geschicht anzegoen.

Merci villmools.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff als leschten Diskussiounsriedner.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, scho méi wéi virun 30 Joer konnt een an der wëssenschaftlecher Literatur Artikelen fannen, déi op eng Ännerung vun de Klimabedingungen higewisen hunn. An der Politik ass dat weening beuecht ginn, och bei verschiddene Spezialisten, besonnesch bei deenen, déi méi mat der Meteorologie beschäftegt waren, well déi Tendenzen, déi sech schonn déi Zäit gewisen hunn, awer nach ëmmer am Schwankungsberäich vun dem meteorologesche Gescheie waren an dofir ëmmer geduecht ginn ass, dat wär nach ënnert normale Bedingungen ze betruechten. Awer an deene leschte Joren huet déi Entwécklung sech staark beschleunegt a si wäert, wann näischt geschitt, sech nach ëmmer méi beschleunegen.

Mir wëssen, dass d'Klima op der Äerd laangfristeg beaflosst gëtt duerch d'Intensitéit vun de Sonnestralen, déi relativ konstant si mat Ausnahm vu klengen Schwankungen duerch déi 11-järeg Zyklen vun de Sonnenflecken. Déi Intensitéit vun de Sonnestralen, dat muss een awer soen, huet am Laf vun enger laanger Zäit zougehoen. Zënter dass d'Sonn existéiert, ass hir Strahlungsintensitéit ëm 30% gewuess, allerdings op engem Zäitraum vu 5 Milliarde Joer. Dogéint mécht d'Beaflossung vun der Äerdwärmt, déi aus dem Äerdkär kënnt, nëmme 0,09 Watt pro Quadratmeter aus vis-à-vis vun deenen 100 Watt pro Quadratmeter vun der Sonnestralung an ass also dofir ouni Bedeitung. Vill méi bedeutungsvoll sinn awer d'Parametere vun der Äerdbunn, déi och zäitlech schwanken, esouwuel wéi d'Exzentrizitéit vun der Äerdbunn, genau esou wéi d'Neigung vun der Rotatiounsax, wat jo awer Schwankungen sinn, déi sech hinzeien op en Zäitraum vu méi wéi 10.000 Joer.

Kuerzfristeg sinn et déi Facteuren, déi schonn öfters opgezielt gi sinn, déi op d'Klima vun der Äerd wierken, dat heescht d'Zäregaser. Den Zäreneffekt ass een onheemlech wichtegen Effekt. En ass absolut noutwendeg. Wa keen Zäreneffekt wär, hätte mer eng Duerchschnittstemperatur vu minus 18 Grad op der Äerd, woubäi d'Liewensbedingunge ganz bedäitend ageschränkt wäeren.

Deen zweete Facteur, dee wierkt, dat ass d'Transparenz vun der Ärdatmosphär: de Stëbs, d'Aérosolen a besonnesch dat, wat duerch Vulkaner ausgestouss gëtt.

Dann een drëtten Effekt, dee wéineger erwähnt gëtt, dat ass dee vum Albedo, dat heescht dee vun der Réckstrahlung vun der agestrahlter Sonnenenergie, dee scho ganz laang vun der Mënschheet beaflosst ginn ass. Viru 6.000 bis 8.000 Joer huet d'Mënschheet ugefaangen Ackerbau ze bedreiwen. D'Bëschfläch ass an engem groussen Ausmooss ofgeholzt ginn, Ackerfläch ass entstanen. Den Albedo vun der Ackerfläch ass méi grouss wéi dee vum Bësch an dofir huet d'Mëtteltemperatur op der Ärd vun deem Zäitpunkt un ëm ongeféier 1 Grad ofgehol. Et kann een natierlech elo net soen, kommt mer haen d'Bëscher alleguer ewech, da bremsen mer den Zäreneffekt, well de Bësch jo eng ganz aner Roll derniewent och nach ze spillen huet.

An der Vergaangenheet sinn et Klimaschwankunge ginn a Klimaschwankunge vun ausseruerdentlecher Gréisst, vill méi grouss wéi dat, wat elo erwaart gëtt. An deene leschten 2 Milliounen Joer hu mer sechs grouss Äiszäite gehat. Déi Schwankungen, déi hunn der Mënschheet awer weider näischt Besonnesches gemaach. Ech gi kuerz dorop an aus wat fir engem Grond.

No der leschter Äiszäit virun 10 bis 12.000 Joer, déi do zu Enn gaangen ass, ass eng Period gewiescht, wou eng mëttel Temperatur op der Ärd war, déi 2 bis 3 Grad méi waarm war wéi elo. Viru 6 bis 8.000 Joer war de Mieresspiegel ongeféier 3 bis 4 Meter méi héich wéi elo. Dat war déi Zäit, wou d'Mënschheet ugefaangen huet sesshaft ze ginn.

An der Paleoklimatologie gëtt den Zäitraum beziechent als klimateschen Optimum. Deemools war also den Optimum vum Klima gewiescht. Vun deem Zäitpunkt un huet d'Mëtteltemperatur vun der Ärd ëm 2 bis 3 Grad ofgehol. Firwat soll dat, wat elo virgesinn ass an deenen nächste 50 Joer vläicht erëm erreecht ze ginn, eng Klimakatastroph sinn, währenddeem et viru 6.000 Joer de klimateschen Optimum war? Dozou muss ee Folgendes soen:

Zum Schluss vun der leschter Äiszäit hunn hei an Europa ongeféier 50.000 Mënsche gelieft. Op der ganzer Ärd ongeféier 1 Millioun. Déi konnten Klimaännerungen ouni Problemer auswäichen a well déi Schwankungen och nach a laange Perioden a lues virsechgaange sinn, hu se fir si net vill uitgemaach. Elo ass dat net méi esou. Nach ni an der Ärdgeschichte ass et eng Spezies gi vun der Kierpermass vum Mënsch, déi esou zahlreich um Festland opgetrueden ass an dofir kënnen d'Klimaschwankungen net méi higehol ginn. Dat verflucht dozou, dass d'Mënschheet forcéiert ass, esou ze operéieren, dass keng Klimaschwankunge méi antrieden, well och kleng Schwankungen an iergendenger Form d'Liewensbedingungen vun de Mënsche

géinge beeinträchtigen. Dobäi muss ee soen, dass déi Schwankungen ongläichméisseg sinn.

D'Temperaturerhéijung an den nördleche Breedegraden, déi ass méi grouss wéi global. Wann d'Globaltemperatur ëm 2 Grad zouhëlt, hëlt se an de Breedegraden tëschent 60 an 80 - tëschent Helsinki an de Spitzbergen - ëm 3 bis 4 Grad zou, bal ëm dat Duebelt. D'Wanderung vun de Vegetationszonen, déi sech doduerch mécht, kann een ongeféier ugi mat 150 Kilometer pro Grad Temperaturschwankung. Ob elo d'Natur déi schnell Temperaturschwankunge kann ouni weideres matmaachen, muss dohigestallt sinn, well dat ass net esou sécher. D'Bëscher wandere net esou schnell erop wéi d'Liewensbedingungen fir si no uewe méiglech ginn, währenddeem déi méi schwéier Liewensbedingungen duerch wéineger Reen am Süde Bëscher verschwanne loossen.

D'Auswierkungen, déi dat wäert hunn, déi si ganz gewaltig. Et gesäit een et elo schonn. Déi lescht Dekad vun 1990 bis 2000, déi war déi wärmst vun 1860 un. D'Temperaturerhéijung am 20. Jorhonnert war déi gréisst zënter 1.000 Joer. Zënter 1970 ass d'Schnéifläch ëm 10% zrëckgaangen an - den Här Schank huet schonn drop higewisen - d'Reduktioun vun der Äisbedeckung vu Flëss a Séier ass ëm 2 Wochen zrëckgaangen. Et sinn daitlech Zeechen, dass mer eng Klimaännerung hunn an dass déi Klimaännerung muss ofgebremst ginn, fir dass net schwéierwiegend Folge fir e ganz groussen Deel vun der Mënschheet antrieden.

Een Effekt, deen ech hei wëllt uschneiden, deen an der ganzer Diskussioun net opkomm ass an deen och an der wëssenschaftlecher Literatur nach net quantifizéiert ginn ass, well dat héchstwahrscheinlech schwierig ass, dat ass dee vun dem Methan, vum CH₄, a besonnesch vun de Methanhydrater. De Permafrostbuedem, dat ass dee Buedem, deen dauernd gefruer ass. Deen enthält riseg Menge vun deene Methanhydrater. Si gi geschat op 10¹² Tonnen. Dat entsprécht der gesamter Meng vun dem bekannten Ärdgas an der totaler Meng vun dem CO₂ an der Atmosphär. Wann duerch d'Op-schmelzen, och nëmme vun Deeler vum Permafrostbuedem, gréisser Menge vun CH₄ an d'Atmosphär kommen, da gëtt d'Äerderwärmung ganz beträchtlech gesteigert.

Et ass also elo scho wichteg, fir op d'Brems ze drécken an zwar virun allem déi, déi am meeschten CO₂ produzéieren, dat heescht dora mussen och d'USA hir Roll spillen an domat gëtt dann natierlech eng weltpolitesch Fro ugschnidden. D'USA, déi verlaange Solidaritéit vun all deenen aneren, elo zum Beispill am Zesammenhang mat deene Schied, déi se kritt hunn duerch déi Attentater. Si selwer praktizéieren awer net grad esou déi Solidaritéit. Mir gesinn et elo bei Kyoto. Mir hunn et gesi bei der Konferenz vun Durban iwwert de Rassismus. Mir hunn et och gesi bei der Aariichtung

vum internationale Gerichtshaff vu Roum. Si diskutéiere mat. Si errechen, dass d'Kritären opgeweecht ginn an da refuséiere se dat och nach ze ratifizéieren.

Si waren déi, déi den Handel vun CO₂-Quoten duerchgesat hunn, fir dass déi Länner, déi zum Beispill hiert Zil net errechen, doduerch dass anerer CO₂-Quoten hunn, déi bei deenen opkafe kënnen an dann esou hiert Zil awer errechen.

Si hunn agefouert, dass sollt berücksichtegt ginn d'CO₂-Senken, haaptsächlech déi vun de Bëscher. Dobäi muss ee soen, dass dat absolut onsënneg ass. Derniewent misst een dann och als negativ dat berechnen, wat zerstéiert gëtt duerch Bëschbränn, déi ëmmer erëm optrieden an zwar am groussen Ausmooss iwwerall op der Äerd. A virun allem misst ee berücksichtigen, dass duerch Uplanzung vun neie Bëscher och gläichzäiteg den Albedo, dat heescht d'Reckstrahlung, ofhëlt, well de Bësch méi Sonnenstrahlen absorbéiert, esou dass also hei eppes ageleet ginn ass, wat sécher net deen Effekt huet, dee Verschiddener geduecht hunn, dass et misst hunn.

Wat elo eist Land ubelaangt, esou ass et absolut noutwendeg, dass mir déi Effore maachen, déi vun eis verlaangt ginn, ënner anerem an der TGV-Zentral, déi elo schonn do steet, déi geschwé soll ugefaang ginn, déi da relativ massiv CO₂ produzéiert, déi awer net ausgeluegt ass, fir och e Wärmenetz ze bedreiwen. D'Wärmenetz ass iwwerhaupt nach net ugefaange ginn. Et missten absolut Moossnamen ergraff ginn, fir e Wärmenetz an der Ëmgéigend ze leeën, dat heescht och an der Stad Esch. Do misst dann eng Struktur geschafe ginn, wou déi Escher Gemeng an déi Bieleser Gemeng zesumme mat dem Stat a mat dem Bedreiwer géingen dohiwierken, dass esou en Netz an d'Wee geluegt gëtt, well domat dann de Wierkungsgrad vun der ganzer Operatioun géing verbessert ginn.

Déi Fotovoltaik, déi elo soll ënnerstëtzt ginn duerch déi Hëllef, déi virgesi sinn, wäert, fäerten ech, sech net esou verbreed, well d'Leit net ëmmer richteg informéiert sinn a well se och oft net esou gesinn, wat fir ee Virdeel dass dat kënnt hunn, besonnesch wat fir ee Virdeel dass et fir d'Ëmwelt hätt. Déi Ënnerstëtzung misst een zum Beispill och kënnen ausdehnen op d'Gemengen, well déi verfügen duerch hir Gebaier iwwert déi grouss Daachflächen an et sinn déi, déi moralesch verpflichtet wäer grouss an esou Saachen anzeklammern. Dann natierlech och de Stat, dee bei all Neibaute Fotovoltaik misst ariichten. Mir hunn an der nächster Zäit iwwer verschidde Statsgebaier ze befannen. Do ass et absolut noutwendeg, dass keen neit Statsgebai gebaut gëtt, ouni dass Fotovoltaik verwennt gëtt.

D'Tax iwwert de Stroumverbrauch ass e puermol hei ugeschnidde ginn. D'Groussverbraucher vum Stroum, déi sinn net esou belaascht wéi d'Klengverbraucher

a sinn net esou incitéiert, fir de Stroumverbrauch erofzesetzen.

Wann och elo d'Zäregaser kënnt stabiliséiert ginn an hirem Usteigen an der Atmosphär, géing awer d'Temperatur ëm e puer Zéngtel Grad iwwer ee Jorhonnert klammern grad esou wéi och de Mieresniveau géing klammern, esouguer iwwer e puer 100 Joer eraus duerch d'Ausdehnung op där enger Säit an duerch d'Ofschmelze vum Äis op där anerer Säit. Et ass dofir absolut noutwendeg elo do ze intervenéieren. Dofir ënnerstëtze mir och dese Kyoto-Vertrag, obscho mir eis bewosst sinn, dass e vill Mängel huet an dass vun deem Vertrag aus elo am Fong eréischt de politesche Kampf ugeet, fir déi ganz Verfahre weiderzedreiwen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Ech wëll dem Rapporteur e grouse Merci ausschwätze fir säi Rapport. Dee war wierklech ganz pedagogesch opgebaut. Esou e Protokoll ass u sech eng relativ drèche Matière. Hien huet wierklech verstanen a sengem schrëftlechen a mëndlechen Rapport dat op eng Aart a Weis duerstellen, esou dass och d'Laien déi prinzipiell Punkte vun deem Protokoll verstanen hunn.

De Klimaschutz ass sécher ee vun deene gréissten Défien, déi eis Gesellschaft hautdesdaags kennt, an ech mengen, et ass dofir och wichteg, dass hei an der Chamber doriwwer geschwat gëtt, dass mer och vläicht e bësse méi Zäit dofir verwenden, fir driwwer ze schwätzen, an dass et sécher net ëmsoss ass, wann hei méi laang Diskussiounen sinn, well et ass einfach e ganz wichtige Projet.

Et ass kloer, datt d'Klima sech verännert. Et ass esou, dass iwwer Honnerte vu Wëssenschaftler dru schaffen, déi Saachen analyséieren, an déi kënnen sech sécherlech net ieren, wa si d'Feststellung maachen, dass op där enger Säit d'Temperatur lues a lues an d'Luucht geet an dass se dann och vu Projektiounen an d'Zukunft schwätzen a feststellen, dass ganz dramatesch Verännerungen kënnen op eise Planéit zoukommen.

Ech perséinlech hu bei mengem Hobby, dat ech nach an de Bierger bedreiwen, festgestallt, datt effektiv déi lescht 20 Joer d'Gletscher ganz staark zrëckgaange sinn, deelweis iwwer e puer Kilometer, wat sécherlech e kloert Zeechen ass - ouni datt een dofir d'Wëssenschaftler brauch -, dass an der Atmosphär amgaang ass sech eppes ze änneren.

Mä d'Weltcommunautéit war sech am Fong där Problematik scho bewosst viru 15, 20 Joer an en éischten Usaz ass gemaach ginn 1992 zu Rio, wou déi éischt Virsätz geholl gi sinn, fir eben d'Reduktioun vun den CO₂-Gasen ze bewierken, well dat jo en Haaptverursaacher ass an der Aktivitéit vum Mënsch, déi d'Klimaverännerung bewierken.

1992 ass zu Rio eng éischt Konventioun gestëmmt ginn, déi och Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet, wou et drëm gaangen ass, fir emol d'CO₂-Emissiounen ze stabiliséieren.

Duerno ass virun allem 1997 zu Kyoto eng ganz wichteg Etapp gewiescht, wou mer jo och dann haut iwwert dee Protokoll diskutéieren, well do fir d'éischt konkret Ziler festgeluegt gi sinn, net nëmme fir ze stabiliséieren, mä och, fir dass d'Weltcommunautéit sollt versichen déi CO₂-Emissiounen ze reduzéieren. Et ass gesot ginn, dass weltwäit soll ëm minus 5,2% reduzéiert ginn. D'Europäesch Unioun zesummen ëm minus 8%, Lëtzebuerg ëm minus 28% fir säin Deel.

Et muss een awer gesinn, dass schonn deemools zu Kyoto prinzipiell déi Systemer vu Mécanismes flexibles zréckbehale gi sinn. Am Nachhinein kann een nëmme soen, dass dat schonn deemools e gewëssene Kompromiss war, fir dass d'Vereenegt Staten oder aner "Umbrella-Staten", wéi Neuseeland, Australien oder Kanada iwwerhaupt sollte mat op dee Wee goen. Och elo kann ee soen, dass schonn zu Kyoto en éischte Kompromiss huet missten duerhalen, fir dass iwwerhaupt d'Weltgemeinschaft sollt mat an d'Richtung vu konkretem Klimaschutz goen.

Een Avantage vum Protokoll vu Kyoto ass deen, dass e virgesäit als Zil juristescht contrainant Instrumenter ze schafen, fir déi Reduktioun vun CO₂ ze erreechen.

Et dierf een och net aus dem Hannerkapp verléieren, dass, fir dass dee Protokoll kann a Kraaft trieden, zwou Konditiounen ganz wichteg sinn. Op där enger Säit musse 55 Länner dee Protokoll ratifizéieren. Op där anerer Säit muss en och 55% vun de weltwäiten Emissiounen vun den Industrielänner duerstellen.

Déi Prinzipie sinn also zu Kyoto festgeluegt ginn, mä et geet awer och im Nachhinein drëm, fir da genau am Detail ze fixéieren, wéi déi Mechanisme solle fonctionnéieren. Dat war ënner anerem d'Missioun vun der Klimaschutzkonferenz zu La Haye dat lescht Joer am Dezember. Dir wësst alleguer, dass dat ganz schwiereg Diskussiounen waren, déi gescheitert sinn, dass dunn en zweeten Usaz geholl ginn ass zu Bonn am Summer 2001, wou et zu engem Kompromiss komm ass, op deen ech nach wäert herno zréckkommen.

Ech wëllt awer vläicht kuerz soen - an ech mengen, dat ass och interessant fir eng Chamber, déi ëmmer erëm seet, si wëllt an d'Positiounen vun der Regierung agebonne ginn, respektiv déi kennen, wa se international Konventiounen oder Protokollen verhandele geet -, dass d'Positioun vu Lëtzebuerg an der Vergaangenheet, op jidde Fall säit ech d'Geleeënheet hunn op deenen internationale Konferenzen dobäi ze sinn, ëmmer e puer wichteg Punkte vertratt huet.

Déi ëmweltschützeresch Intégritéit vum Protokoll muss erhale bleiwen, egal wat fir eng Mechanismen datt een

erfënnt. Et dierf een net d'Zil aus den Ae verléieren, datt et drëm geet d'CO₂-Emissiounen ze reduzéieren.

Mir sinn och ëmmer dofir agestratt, datt et Effort sinn, déi een a sengem eegene Land mécht, déi den haapt Prozentsaz vun den Effort sollen ausmaachen.

Mir waren och ëmmer dofir, datt ee keng Senke soll an déi Mechanisme matabauen. Mir waren och ëmmer ganz kloer dofir, datt keen Atomstrom oder Projete vun Atomenergie an d'CDMen oder Joint Implementation mat ageplangt dierfe ginn.

Schliesslech ware mer och als Lëtzebuerg ëmmer dofir, dass de System fir Strofen anzeféieren, wann ee säin Zil net erreecht, soll duerchgezu ginn. Mir hunn déi Positioun zesumme mat eise 14 europäesche Kolleegen a Kolleeginnen ëmmer vetratt an op EU-Niveau koordinéiert. Zu La Haye hu mer ganz staark op deene Punkten an der Europäescher Unioun festgehalten. Deemools ass et net zu engem Accord komm a mir woussten, dass zu Bonn hu misste Kompromisser duerhalen, fir datt een e Schrëtt kéint weiderkommen.

Zu Bonn war et kloer, dass d'USA net méi géife matmaachen an et ass drëm gaange fir déi aner Länner weider am Boot ze behalen, insbesonnesch Japan, well dat och déi eng oder aner Undeitung gemaach hat, fir eventuell net wëllen ze ratifizéieren. Da wiere mer net an der Situatioun gewiescht, déi 55 Länner, déi 55% weltwäit vun den Emissiounen duerstellen, zesummenzehunn.

Mir sinn also och als europäesch Communautéit op Bonn gaange mat dem Bewosstsinn, dass mer do misste Kompromisser aushandelen, dass do sécher net all eis Positiounen, déi mer au départ haten, kënnte bis zum Schluss gedroe ginn. Zu Bonn war et einfach wichteg, fir virun ze kommen, fir de Prozess vum Klimaschutz net ofzebriechen a fir weiderhin dat Zil ze verfolge, datt mer kënnen dee Protokoll ratifizéieren, datt mer e juristescht contrainant Instrument fir de Klimaschutz kréien, dat déi international Communautéit wierklech kann engagéieren.

Et muss een och soen, dass zu Bonn Europa e gewëssene Leadership an engem ganz wichtigen Dossier fir d'ganz Welt iwwerholl huet an dass een och gewisen huet, dass ee kann ouni déi Grouss, wéi zum Beispill d'USA, a wichtigen Dossiere virukommen.

D'Verhandlungen zu Bonn ware ganz schwiereg. Si hunn dräi Deeg méi laang gedauert, wéi et virgesi war. D'Resultater kennt Der méi oder wéineger. Déi eng soen, et wier e Kompromiss, wou mer ze wäit gaange wieren als Europäer an och als aner Länner. Op där anerer Säit kann een awer soen, mir sinn e Stéck virukomm. Déi wichtegst Resultater zu Bonn sinn déi, dass e gewëssene Strofesystem, wann ee säin Zil net erreecht, festgehale ginn ass. Wann ee säin Zil als Land net erreecht, kritt een duerno 1,3 mol dat, wat een zevill

émettéiert huet an der éischter Period, an der zweeter Period drop gebrummt.

E manner flotte Punkt, aus eiser Siicht, ass dee gewiescht, dass, fir dass een iwwerhaapt kann CDMe gebrauchen oder Joint Implementatioun, keng Plafonge festgehalé gi sinn. Lëtzebuerg war ëmmer dofir, dass een all Effort soll bei sech selwer am Land maachen. Dat ass awer zu Bonn net méi zréckbehale ginn. Et ass gesot ginn, dass déi national Mesuren en "élément important" wieren, wat och ëmmer dat heescht.

Bei de Mécanismes flexibles kann ee positiv verbuchen, datt d'Atomenergie en tant que telle wirklech mat ganz vill Reserven am Text steet, dass een also keng Projete an deem Beräich soll maache fir d'CDMen oder Joint Implementation, dass och bei den CDMe keng Projete vu Forestatioun oder Déforestatioun solle berücksichtegt ginn. E Punkt, wou mer net zefridde waren, ass, dass d'Senke kënne matagerechent ginn. Dat heescht am Fong geholl all déi Saachen, déi den CO₂ afänken, insbesonnesch d'Bëscher, mä awer och zum Beispill landwirtschaftlech Uplanzungen. Déi kënnen och zu engem Deel mataberechent ginn. Och Bëscher, déi een 1990 hat, kann ee matarechnen. Dat ass eppes, wat hei bis elo net erwähnt ginn ass.

Op Grond vun deem Kompromiss, deen zu Bonn fonnt ginn ass, wou all d'Länner e gewëssenen Zousaz krute vu Senken, déi all Land sech kann zourechnen fir säin Zil ze erreechen, huet Lëtzebuerg 0,01 Milliounen Tonnen CO₂ zougestane krut, wat de facto heescht, dass mer net méi minus 28% erreechen. Wann een dat ëmrechent, heescht dat, dass mer nach ongeféier minus 26% solle konkret erreechen.

Bei den Hëllef zu Bonn si mer awer e Schrëtt virukomm. Do sinn eng Rei nei Fongen décidéiert gi fir den Drëttwëltlänner ze hëllef, fir dass déi net herno an déiselwecht Situatioun verfallen, wéi déi entwéckelt Länner se hunn. Et sinn insgesamt dräi nei Fongen décidéiert ginn. Ech zielen déi elo net op. Ënnert dem Stréch mécht dat ronn 450 Milliounen Euro aus an d'Participatioun vu Lëtzebuerg un deene Fonge bedeit da pro Joer ronn eng Millioun Euro. Mä déi Fonge ware ganz wichteg, fir einfach d'Länner vum G77 op d'Säit vun den Europäer ze kréien, fir virunzekommen.

Wat awer och ganz kloer gesot ginn ass, ass, dass mer d'Dier net wëllen zoumaache fir d'Vereenegt Staten, dass mer ëmmer prett sinn, fir dass och si an dee Prozess kënne matakammen.

Wat geschitt duerno? Déi nächst Réunioun ass zu Marrakesch. Et geet drëm déi politesch Décisiounen och a juristesche Texter ëmzesetzen. Et ass also Klengaarbecht, déi zu Marrakesch gemaach gëtt. An zwou Woche wäert dat ugoen. Ech wäert och do present sinn, mä ech wollt awer kuerz erwähnen, dass en eminente Member vun där Chamber, de President vun der

Ëmweltkommissioun, och d'Geleeënheet huet - zwar am Numm vum Conseil de l'Europe - do present ze sinn an déi Debatten ze suivéieren.

Zu Marrakesch misst dat u sech méi eng technesch Réunioun ginn. Et ass just ze fäerten, dass eventuell déi politesch Kompromisser, déi zu Bonn fonnt gi sinn, nees eng Kéier vun deenen engen oder anere Länner kënnen a Fro gestallt ginn. Et si schonn éischt Undeitunge gemaach ginn. Et geet einfach drëm zu Marrakesch ze soen, mir stellen dee politeschen Accord, dee mer zu Bonn fonnt hunn, net méi a Fro a mir këmmen eis just drëm, fir dat an Texter ëmzesetzen.

Wat awer och wichteg ass, dat ass, dass mer virukommen am Prozess vun der Ratifizéierung, dass mer eben op déi 55 Länner kommen, déi dat wäerte ratifizéieren.

D'Europäesch Unioun huet sech als Zil gesat, dass d'nächst Joer déi 15 Länner aus der Communautéit de Protokoll solle ratifizéiert hunn. Ech erënneren drun, dat nächst Joer ass och Rio plus 10, e wichtige Stéchdatum, well et dann zéng Joer hier ass wou déi éischt Basé fir de Klimaschutz geluegt gi sinn.

Als Lëtzebuerg iwwerhuele mer do eis Verantwortung. Hei hu mer deen éischten Akt gesat. Hei kann also d'Chamber de Wee fräimaachen, fir dass d'Regierung kann dee Protokoll ratifizéieren. Dofir wëllt ech elo schonn der Chamber merci soen.

Mir hunn dann hei zu Lëtzebuerg an deem Sënn eis Aufgab gemaach. Ech wëllt och erwähnen, dass bis elo just zwee Länner an Europa dee Schrëtt scho gemaach hunn, also och déi Preparativen an hire respektive Parlamenten ënnerholl hunn. Dat ass Frankräich an Dänemark. Mir sinn also och do bei deenen Éischten. Ech kann dann den nächste Méindeg, wann den Ëmweltconseil hei zu Lëtzebuerg ass, dat de Kollegen aus der Communautéit matdeelen, respektiv och da mat deem Bagage op Marrakesch goen.

D'Fro stellt sech natierlech, wann elo all d'europäesch Länner de Protokoll ratifizéiert hunn, och eng Rei aner Länner ratifizéieren, mä mer awer net op dee Quorum vu 55 Länner kommen, wat geschitt dann? De Protokoll trëtt dann net a Kraaft. Dat ass kloer. Déi 15 europäesch Länner hunn awer elo scho gesot, dass se dann net wäerten ophale mat hiren Efforten, fir eppes am Klimaschutz ze maachen, dass se dann och gewëllt sinn ouni Protokoll vu Kyoto weider ze fueren a wirklech konkret Mesure weider ze driwwen am Beräich vum Klimaschutz.

Ech wëllt dann op d'Situatioun zu Lëtzebuerg kommen. Et gëtt ëmmer vun där "situation atypique" geschwat, wou ech och nämme kann ënnersträichen, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng "situation atypique" hunn aus verschiddenen Ursaachen. Do gëtt zum Beispill geschwat vun der Situatioun, dass mer ganz vill Bensin verkafen, deen exportéiert gëtt.

Da gëtt zwar ëmmer rëm behaupt: Op där anerer Säit kréie mer jo awer och de Stroum net ugerecht, dee mer aus dem Ausland importéieren. Dat ass vläicht elo zu dësem Moment nach wouer, mä ganz geschwë wäert dat net méi wouer sinn, da wäerte mer déi Situation atypique vun deem Export vu Bensin nach vill méi staark ze spiere kréien. Dat ass dee Moment, Här Gira, wou d'TGV-Zentral en Drëttel vum nationale Stroum wäert produzéieren. Dee Moment kann ee net méi soen: Mir exportéiere grad sou vill Bensin wéi mer op där anerer Säit Stroum importéieren, spéitstens dee Moment - an dat wäert geschwë sinn - hu mer an deem Beräich eng ganz spezifesch Situatioun, déi een awer als atypesch ka bezeichnen.

Mol ofgesi vun där do Fro muss een och soen, datt, einfach vun der Configuratioun vun eisem Land, mer eng ganz spezifesch Situatioun hunn. Stellt Iech mol vir mir géife Lëtzebuerg erausschneiden, d'Surface mat deenen Aktivitéiten déi mer do hunn, an dann niewent een Deel vu Paräis setzen an da vergläichen. Wann een also eng ähnlech Surface mat enger ähnlecher Demographie géif op eng aner Plaz setzen, da géif vläicht de Verglach ganz anescht ausfallen, an da géife mer vläicht guer net esou schlecht an där Situatioun do stoen. Wat ech wëll soen, dat ass dass aner Länner vill méi grouss Surfacen hunn, dat kann een eventuell diluéieren, a mer do dann anescht do stinn. Mir hunn also hei, well mer eng kleng national Entitéit sinn, sécher keng Avantagen, wann esou Rechnunge gemaach ginn.

Eng aner Fro, déi virdu an Diskussiounen opkomm ass, dat ass déi: Ass dat Zil vu minus 28%, zu deem sech Lëtzebuerg zu Kyoto engagéiert huet, en ambitiëst Zil? Ech soe ganz kloer: Jo, dat ass en ambitiëst Zil! Firwat? Mä einfach scho nëmmen de Fait, datt een awer ka seng Emissiounen stabiliséieren, ass scho relativ ambitiëst.

Ech wëll do och nëmmen drun erënneren, datt dat jo och dat éischt Zil war, wat zu Rio festgeluegt ginn ass, datt een einfach mol seng Emissiounen stabiliséiert. A wa mer lo vergläiche mat anere Länner, zum Beispill an Europa, da si mer awer eent vun den eenzege Länner, dat et de Moment fäerdeg bréngt. Aner Länner, déi eis och alt mol déi eng oder aner Kéier wëlle Lektione ginn, Dänemark oder Holland, déi sinn nämlech op deem Tripp, datt se mol net kënne stabiliséieren, mä datt et nach weiderhin de Bierg of geet, datt se nach hir Emissiounen weiderhi vergréisseren amplaz se ze verréngeren. An anere Länner vun Europa ass dat deselwechte Fall. Lëtzebuerg ass de Moment eent vun den eenzege Länner an Europa, déi et kënne stabiliséieren, respektiv de Moment iwwert hirem Zil si bei minus 32%.

Mir sinn eis bewosst, datt dat an Zukunft net wäert einfach gi fir do derbäi ze bleiwen, mä mir sinn awer do net bei deene Leschten an der Rei, mä éischter bei

deenen, déi awer do am meeschten Effort maachen an eng gutt Bilanz kënnen opweisen.

Ech wëll och kloer soen, datt déi Ziler net a Fro gestallt ginn an datt mer eis bewosst sinn, datt mer awer eng Rei Effort musse konkret maachen hei zu Lëtzebuerg.

Et ass virdu gefrot ginn: Wat gëtt dann elo konkret gemaach? Wat mécht dës Regierung, fir dann deenen Ziler gerecht ze ginn, respektiv iwwerhaupt eppes konkret fir de Klimaschutz ze maachen? Ech wëll do rappeléieren, an och vläicht dem Här Bodry dat nach eng Kéier mat op de Wee ginn, datt schonn 1992, also viru bal zéng Joer, éischt Konventiounen getraff gi sinn, an datt also och scho Regierungen virun där heiter Geleeënheet haten, fir do eng Rei Strategien ze entwéckelen an ech ka just feststellen, datt bis '99 just e Protokoll mol matverhandelt ginn ass, mä datt awer hei zu Lëtzebuerg do ganz wéineg vu konkrete Strategien un den Dag geluegt ginn ass.

Ech ka just feststellen op där anerer Säit, datt déi nei Regierung '99 an Amt getrueden ass an datt se sechs Méint duerno en éischte Strategiepabeier fir d'Reduktiounen vun CO₂ presentéiert huet, wou eng Rei Pisten opgezeechent gi sinn, fir eben da mat nationale Moossnamen eisem Zil méi no ze kommen, respektiv eppes fir de Klimaschutz ze maachen.

Mir hunn och elo ugefaang - dat ass net nëmmen ee Pabeier, dee gutt ass fir Säiten ze schwärzen - konkret déi Strategien ëmzesetzen, an e besonnesch wichtege Punkt an där Strategie ass dee ganze Beräich vun der Energie. D'Energieeffizienz an engem éischte Stadium, wou et drëms geet ze kucken, éischens mol Energien op aner Aart a Weisen ze produzéieren. Mir hu ganz vill Potentialen, virdu ass et och schonn hei vun deenen engen oder anere Spriecher erwähnt ginn. Mir hu ganz vill Potentialen bei der Sonn, bei dem Wind, bei der Biomass, wou et also drëms geet, fir déi weider ze exploitéieren. Mir hunn och nach eng Rei Potentialen, fir méi eng rationnell Notzung vun Energie ze exploitéieren. Dat sinn Technologien, zum Beispill, am Beräich vun den Heizungsinstallatiounen, d'Cogénératioun, an esou weider.

Mir hunn awer net nëmmen theoretesch dovunner geschwat, mir hunn och Neel mat Käpp gemaach, mir hu konkret zwee Reglementer geholl, wou mer op där enger Säit Hëllef gi fir Investoren, wann d'Leit sou nei Technologien bei sech doheim installéieren. Mir hunn och e Reglement geholl, wou mer de Leit Primär ginn, wann se ebe Stroum produzéieren op eng ëmweltfrëndlech Aart a Weis, wann se also elektresche Stroum mat der Fotovoltaik produzéieren. Dat ass déi sougenannte Prime d'encouragement, an ech kann och elo haut an hei déi Nouvelle - wann nach net jiddferen se matkritt huet - soen, datt dat eent Reglement fir Investihëllef scho säit dem 23. Juni 2001 a Kraaft ass, réckwierkend op de Januar 2001; datt mer dat anert vun

de Primë fir d'Produktioun vum Elektreschen hu missen op Bréissel notifizéieren, well do och Betriber an de Genoss vun där Prime solle kommen. Mir hunn dat also op Bréissel notifizéiert, datt mer do relativ laang - muss ech soen -, bal ee Joer op d'Äntwert gewaart hunn. Mä, net méi spéit wéi gëschter - oder sou spéit wéi gëschter - krute mer d'Äntwert vu Bréissel, déi gesot hu si hätte kee Problem mat eiser Prime d'encouragement, mir misste just all Joer e Rapport ofliwweren.

Am Kloertext heescht dat, datt och de nächste Mount dann dat Reglement an d'Mille goe kann, fir datt et publizéiert gëtt, datt also dat dann och kann a Kraaft trieden, och nees réckwierkend op 2001. Mir hunn also hei zwee Reglementer, déi awer ganz effizient si fir am Beräich vun den erneierbaren Energië virunzekommen. Et ass awer sou, datt mer mat deene Reglementer, wann een se vergläicht mat Hëllef, déi et an anere Länner an Europa gëtt, wierklech absolut Spëttereider sinn a mir mierken och, datt déi Reglementer een enorme Succès hunn. Eis Servicer gi praktesch iwwerlaf mat Demanden an et ass einfach esou: Den Ufank ass gemaach a mir mussen elo do weiderfueren.

E grouse Potential ass natierlech och nach am Beräich vum Energie spueren.

M. le Président.- Här Berger, d'Madame Renée Wagener wollt lech eng Fro stellen. Ass et erlaabt?

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Jo, ech wollt den Här Berger froen, wéi et da mat deem drëtten Reglement steet, wat jo nach ënnerwee ass a wou awer eng Rei vu Kriticken och komm sinn, zum Beispill vun deene Leit, déi Wandanlage bedreiwen?

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Dat drëtten Reglement, ech huelen un, datt dat dat Reglement ass, wat de Moment an der Wirtschafts- an an der Ëmweltkommissioun nach diskutéiert gëtt, dat ass nach net definitiv ofgeseent, also do kann een da sécher nach driwwer diskutéieren.

Mä ech wollt awer och nach op eng aner Moosnam kommen, dat ass déi vum Energie spueren. Et ass mindestens e Pontential vun 30 Prozent Reduktioun vum CO₂, déi een hei zu Lëtzebuerg kann erreechen duerch Spuermoosnamen, besonnesch am Beräich vun de Konstruktiounen, je nodeem wéi een d'Haiser baut, respektiv wéi een d'Haiser assainiséiert.

Och do si mer ee gutt Stéck virukomm, dat wäert dann herno am Kader mat dem Carnet de l'habitat implementéiert ginn, wou dann den energetesche Bilan vun den Haiser gemaach gëtt an een de Leit da ka proposéieren, fir eben déi Mesuren ze ergräife fir déi Bilanz ze verbessern, fir manner CO₂ am Haus an d'Loft ze verpolfen.

Et ass esou, herno wann also de Carnet de l'habitage spillt, wann d'Leit déi Energiebilanz maachen an da konkret Mesuren ënnerhuele fir hiert Haus ze

verbesseren, datt mir als Environnement scho fir d'nächst Joer och e Budget virgesinn hunn, fir dann de Leit déi konkret Mesuren ze bezuelen. Mir hunn do schon e Budget d'nächst Joer virgesinn, dee ronn 1 Millioun Euro bedréit.

Et ass kloer, datt hei déi Reglementer sech un d'Privatleit adresséieren, deelweis un d'Betriber, mä och de Stat selwer an d'Gemenge si gefuerdert, fir e bësse Virreiderroll ze spillen an deem ganzen Dossier. Wat de Stat ubelaangt, wéilt ech awer do och déi eng oder aner Remarque rectifiéieren a soen, datt och de Stat bei senger neier Gebaier ëmmer elo Conditiounen gesat kritt, wéivill oder wat fir erneierbar Energien, oder Energieeffizienz, mussen do mat agebaut ginn. Mir kënnen och iwwert de Kommodo déi Conditiounen setzen. Och huet d'Regierung decidéiert, fir vum nächste Joer un en Assainissementsplang lafen ze loosseren, fir also all öffentlech Gebaier no an no op de Leescht ze huelen, fir ze kucken wou do an där Energiebilanz Schwächte sinn, fir dat dann ze verbessern. De Moment gëtt et en Aarbechtsgrupp deen op d'Bee gesat ginn ass, fir einfach emol ze kucken: Wat fir eng Gebaier huele mer vir? No wat fir engem Schema prozedéiere mer? An da ginn déi Saachen ëmgesat.

Wat op där anerer Säit och e wichtegen Acteur ass, dat sinn d'Gemengen. Ech schwätzen hei och all déi Gemengeresponsablen un, déi hei an der Chamber setzen. Och d'Gemenge sinn invitéiert, fir bei neier Projeten - wa se nei Projeten hunn -, respektiv bei bestehende Projeten, déi erneierbar Energien, Energieeffizienz, Energie spueren mat an hir Projeten anzeplangen. An ech muss soen, datt besonnesch no där interessanter Réunioun zu Mondorf beim Buergermeeschterdag, wou mer dat konnten eng éischt Kéier de Gemenge presentéieren, mer och do eng ganz gutt, positiv Resonanz fonnt hunn. Ech géif souguer soen, datt mer bal iwwerschwemmt gi si vun Demande vun de Gemengen, déi elo och sensibiliséiert si fir déi Matière. Mir hu méttlerweil iwwer 30 konkret Projete virleien an dat hält all Dag zou. Ech wëll preziséieren, datt dat also iwwert de Fong vum Environnement ka bezuelt ginn. Och kréien d'Gemengen, wa se Stroum produzéieren, well se an de Genoss vun deem Reglement kommen, fir dat eis Bréissel gëschter de Feu vert ginn huet, ronn zwielef Frang pro kWh vum Stat.

E ganz wichtegen Aspekt an den Energiefroen ass natierlech och d'Berodung, d'Sensibilisatioun vun de Leit. Mir hunn eng Brochure erausginn, fir d'Leit emol ze informéieren, wat fir eng Technologien et gëtt, respektiv se drop hinzeweisen, wat fir eng Hëllef se dofir kënnen kréien. Mir wëssen, datt dat eleng net duer geet, datt mer mussen d'Acteuren, fir ze sensibiliséieren, ausweiten, fir datt dat wierklech eng national

Couverture kritt. Och do hëllef d'Gemenge ganz vill, ech denke besonnesch un déi Aktioun, déi am Réidener Kanton scho viru Jore gestart ginn ass, wou se Energieberodung maachen, wou se praktesch Porte à porte bei de Leit maachen, bei d'Leit ginn, se opmierksam maache wou se kënnen Energie spueren, wat se kënnen besser maachen. Ech si gudder Dëng, datt déi Aktioun sech och ka weider ausweiden iwwert de Norden an de Weste vum Land, mä awer net nëmmen do, datt mer dat och herno, wat d'Flächen ugeet, iwwert d'ganz Land kënnen opweisen.

Mir hunn och verschidden aner wichteg Acteurs sensibiliséiert, zum Beispill d'Ingenieuren an d'Architekten, d'Chambre des Métiers, déi ganz gären do matmécht, an esou weider. Mir stelle fest, et ass elo eng gewëssen Dynamik do, déi sech wäert weider dévloppéieren an déi an déi richteg Richtung geet.

Och am Biogasberäich, Här Mehlen, hu mer mëttlerweil iwwer zwielef Projeten déi erakomm sinn - an de leschte Wochen hunn ech Kommodoen ënnerschriwwen, se si scho vläicht amgaang gebaut ze ginn -, esou datt mer also och d'nächst Joer wäerten eng ganz Rei vu Biogasanlagen hei zu Lëtzebuerg hunn, déi sécher net nëmmen interessant si wat de Beräich vun der Energieproduktioun ubelaangt, mä och well se e Produit mat sech bréngen, deen een herno och an der Landwirtschaft ka gebrauchen, an datt do op där enger Säit Hëllef vum Environnement an op där anerer Säit Hëllef vun der Agrikultur ausbezuelt kënnen ginn.

Nach e kuerzt Wuert zu der TGV-Zentral zu Esch, wou hei monéiert ginn ass, datt do sech keng Gedanke géifen driwwer gemaacht ginn, fir awer d'Effizienz vun där Zentral ze verbesseren. Ech wëll hei just soen, wann een nach eng Kéier misst vir ufänke mat där TGV-Zentral zu Esch, da géif ee se sécher méi kleng bauen, mä mir hunn e Projet geierwt, dee scho fäerdeg décidéiert an amgaang war, dee mer net konnte méi kleng plangen. Mir wäerten awer versichen, fir elo déi Effizienz esou grouss wéi méiglech ze maachen. Et ass ganz sécher, zum Beispill bei de Friches industrielles - wat jo awer e groussen, wichtige Projet fir de Süden ass -, ...

(Interruptions)

... datt décidéiert ginn ass vun der Regierung, datt all d'Energie an d'Hëtzt an de Frichë muss aus der TGV-Zentral kommen; datt mer och doniewent en Energiekonzept amgaang sinn auszeschaffen, fir déi ganz Friches industrielles, wou mer wierklech wëllen als Stat och eng Virreiderroll spillen an do all méiglech an onméiglech Technologie wäerte mat eraplangen am Beräich vun den erneierbaren Energien.

Ech muss soen, datt mer och, Här Bisdorff, e Pourparler hate mat der Stad Esch, fir eventuell scho kuerzfristeg e Réseau zum Beispill bei d'Badeanstalt ze leeën, well een do jo och kann Hëtzt gebrauchen. Mir hate virun

annerhalwem Joer déi Pourparleren, leider hu mer kee weideren Echo méi kritt vun der Gemeng Esch. Mir sinn awer als Environnement nach ëmmer prett, fir wann do en Intérêt ass, do mat eranzeklammen. Dat wier eng zousätzlech Méiglechkeet, fir eben och Är TGV-Zentral besser ze rentabiliséieren.

(Interruptions)

Här President, ech sinn e bësse méi laang op déi Energiefroen agaang, well dat awer e ganz wichtige Sujet ass, a well do e ganz grouss Potential - net nëmmen hei zu Lëtzebuerg - besteet, fir eben CO₂ ze reduzéieren, an datt mer eben och déi do Dynamik, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, musse kucken och an anere Länner an Europa an doriwwer eraus ze kréien.

Sécherlech sinn och aner Domainen wichteg, déi virdru schonn ugeschwat goufen, ënner anerem den Transport. Ech wëll elo net weider drop agoen, mä ech erënnere just un d'Ried vum Gusty Graas, deen awer eng Rei Initiative vum Transportminister opgezielt huet: nei Gleiser, e Model-Split dee muss verbessert ginn, an esou weider.

En anere Punkt deen hei erwähnt ginn ass, dat ass dee vun enger ökologescher Steuerreform. Ech wëll just d'Chamber drun erënnere, datt se virun e puer Méint hei eng Motioun gestëmmt huet, déi d'Regierung och ugeholl huet, wou gesot ginn ass 2003 dierft gekuckt ginn, fir ökologesche Aspekter an déi Steuerreform mat anzepaken. Wou sinn d'Aarbechten drun? Mir hunn de Moment een Aarbechtsgrupp Finanzen-Environnement, dee sech domadder beschäftegt a kuckt, wat fir eng Elementer een do kéint mat abauen. Mir sinn also sécher net inaktiv an deem Dossier.

E leschte Punkt, op deen ech nach kuerz wollt agoen, ass dee vun den CDMen, respektiv vun der Entwécklungshëllef.

Effektiv huet den Ëmwelt- a Kooperatiounsminister gesot, dass een u sech soll prinzipiell, ech betoune prinzipiell, net direkt op CDMen zrëckgräifen, fir säin nationaalt Zil ze erreechen. Dozou sti mer och, mä mir sollen eis déi Dier awer net ganz zoumaachen. D'Entwécklungslänner sinn onbedingt Demandeur fir CDMen. Den Här Calmes wäert dat zu Marrakesch gesinn. Si drängen drop, dass déi kuerzfristeg kënnen ëngesat ginn. Dat wäert zu Marrakesch ee vun den Haaptpunkten ginn. Si sinn un éischter Front, fir dat ze froen.

Ech hat d'Geleeënheet virun zwou, dräi Wochen am Nepal ze sinn. Och do an de Gespréicher déi ech mam Finanzminister, mam Ëmweltminister hat, ass gesot ginn, dass si Demandeur wieren, fir dass schnellstméiglech kënnent CDM-Projekte realiséiert ginn. Et ass eng Feststellung, déi ee maache muss.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Den Här Goerens huet ëmmer gesot, Dir géift dat maachen ouni dat op eis Emissiounsbilanen drop ze schreiwen. Dat ass awer en Ënnerscheed.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Dat ass sécher esou. Dat wat ech gesot hunn ass och dat, wat den Ëmweltminister a Kooperatiounsminister d'selwecht seet, dass een déi Dier net soll zoumaachen. Et soll ee versiche Projeten ze maachen ouni op CDMen zrëckzegräifen, mä dass wann een an d'Situatioun kéim, dass ee säin nationaalt Zil net erreecht, een net einfach soe soll, dat wëlle mer guer net a Betruecht zéien.

Ech wëll awer preziséieren, an dat steet och an eiser CO₂-Strategie, dass eis national Mesuren am Virdergrond stinn a mir do wëllen all Effore maachen, esou wäit et geet.

Sécher ass dee Sujet vun dem Klimaschutz en eminent wichtege Sujet an der Nohaltegkeet a mir wäerten an den nächste Wochen, wann dës Chamber iwwer Nohaltegkeet diskutéiert, méi wéi eng Kéier op dat Thema zrëckkommen.

Ech hat am Ufank gesot, de Klimaschutz ass een Défi planétaire. Et ass ee vun deene wichtegsten Défien a mengen Aen. Lëtzebuerg kann zwar nëmmen e bescheidene Beitrag derzou bäidroen, huet awer seng Verantwortung iwwerholl. Och d'Chamber iwwerhëlt haut hir Verantwortung, wa se hir Zoustëmmung zu dësem Protokoll gétt.

Mir sinn eis bewusst, dass mer weiderhin dru schaffe müssen, fir konkret Mesuren ze ënnerhuelen, fir dat kënnen an d'Realitéit ëmzesetzen.

Ech kommen nach zu deene verschiddene Motiounen, déi hei déposéiert gi sinn.

(Interruptions diverses)

Här President, wann ee Problem ass mat den 20 Minutten, do gétt et een Artikel an der Verfassung, den Artikel 80!

M. le Président.- Huelst lech Zäit, Här Statssekretär, mir lauschteren lech no.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Wann et net de Wonsch ass, huelen ech net Stellung zu de Motiounen.

M. le Président.- Fuert virun, Här Statssekretär.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Bei der Motioun 1 wollt ech soen, dass d'Regierung mat deem zweete Punkt e kleng Problem huet. Deen éischte Punkt ass eppes, wat souwéiso scho geschitt. Déi Chiffre gi publizéiert, mä mir kënnen se ni a real time publizéieren. Mir kënnen ëmmer nëmmen ee bis zwee Joer méi spéit dat maachen. Mir müssen dat

och un d'Kommissioun, un den IPCC liwweren. Fir d'Aarbechte vun der Kommissioun hu mir vill Effore gemaach, fir all d'Chiffren, déi mir zur Verfügung hunn, der Kommissioun zoukommen ze loossen.

Den drëtten Punkt, dass mer déi national Mesurë prioritär kucken ze realiséieren, dat ass evident.

Mam zweete Punkt hu mer e bësse méi Schwierigkeiten. Ech wëilt drun erënneren, dass mer do e Strategieplang hunn an et schwéier gëtt vum Aarbechtvolumen hier, fir 2002 en detailléierte chiffrierte neie Programm virzeleeën. Ech géif proposéieren, dass ee vläicht géif soen: "à présenter pour 2003 un premier bilan de la stratégie nationale pour la réduction de CO₂ et de le soumettre à la Chambre des Députés". Wann d'sozialistesche Fraktioun kënnt mat där Propos d'accord sinn, dass se deen zweeten Alinéa bei dem Invite géif an deem Sënn änneren, da kéinte mer déi Motioun unhuelen.

Déi zweet Motioun vum Här Gira, mat där hu mer u sech kee Problem. Mir musse kucken, wat fir eng Donnéeën eis Gemenge kënnen liwweren. Déi eng Gemengen hunn Enquête gemaach, aner Gemengen net. Mir kucken, déi Chiffren ze kréien, respektiv méi eng subjektiv Evaluatioun ze maachen. Mir wäerten och kucken eng Koordinatioun ze maachen, fir d'nächst Joer eng national Aktioun ze starten.

Bei der drëtter Motioun hu mer verschidde Bedenken. Do gëtt d'Regierung invitéiert, eng Evaluatioun iwwert den Tanktourismus ze maachen. Ech wëll just soen, dass dat eng Etüd wäert sinn, déi net den Environnement eleng maache kann. Ech ka mech net engagéiere fir aner Departementer vun der Regierung. Et wär gutt, wann een déi Motioun an déi zoustänneg Kommissiounen Ëmwelt an Economie, oder och nach Finanzen, géif verweisen, dass een do kann driwwer schwätzen an déi Suite maachen. Ech hoffen, dass d'Chamber domat d'accord ass.

Ofschléissend deene verschiddenen Deputéierten a Fraktiounen e Merci, dass se dës wichtege Projet wëllen unanime stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun dem Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4512.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass unanime mat 57 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Nicolas Strotz), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motions

Mir kommen zu de Motiounen. Bei der Motioun 1 wollt ech den Här Bodry froen, ob en d'accord ass, fir d'Proposition vum Här Statssekretär unzehuelen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, den Här Bodry ass net d'accord, fir déi Proposition unzehuelen, well et eng ganz aner Iddi ass. Dee Programme national ass eppes, wat an der Konventioun vu Kyoto virgeschriwwen ass. All Land muss e Programme national maachen, kee Strategiepabeier.

Fir mech heescht e Programme national, dass ee sech kloer an deenen eenzelne Secteuren Ziler festleet, dass een d'Moossnamen detailléiert, déi een do wëllt huelen an dass ee sech och en Zäitplang gëtt, fir dat ze maachen. Dat verstinn ech, a meng Fraktioun, ënnert engem Programme national. Fir mech gëtt de Strategiepabeier nëmmen deelweis deem do gerecht.

Dofir sinn ech der Meenung, dass et wichteg ass, dass no deem Strategiepabeier nach méi een detailléierten a chiffrierte Programm kënnt iwwert déi nächste Joren. Dat steet iwwregens am Regierungsprogramm dran. Do verstinn ech eigentlech de Statssekretär net. Et geet net Rieds vun engem Strategiepabeier. Bis elo hunn ech ëmmer héiere vun de Fraktiounen, wa se anerer Meenung waren, dass dann nach ëmmer de Regierungsprogramm zielt.

Ech zitieren: "Le Gouvernement finalisera le plan de réduction des émissions de CO₂ et mettra en oeuvre un programme pluriannuel y relatif".

(Interruptions diverses)

Mir kënnen et och 2005 maachen.

Et ass fir klor ze maachen, dass mer eis Hausaufgaben an eis Obligationen, déi d'Regierung sech selwer ginn huet an déi am Protokoll vu Kyoto stinn, net erfëllen, wann net dee Strategiepabeier nach verfeinert a complétéiert gëtt an nächster Zäit duerch e méi detailléierte Programm. Dofir insistéieren ech, dass déi Iddi an deem Text dra bleift.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Statssekretär Berger.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Här President, ganz kuerz zu deene Bemerkungen, déi den Här Bodry gemaach huet.

Dat heescht zwar Strategiepabeier, mä do ass awer e Programm dran, do si Chiffren dran. Mir hu gekuckt wat am Ausland als sougenannte Programm presentéiert gëtt am Kader vun der Konventioun vu Kyoto. Do ass et awer deelweis vill méi moer.

Wat ech wollt proposéieren, dat ass, dass een einfach fir d'éischt emol e Bilan mécht an dann dorop opbaut a méi en detailléierte Programm dann zesumme mat der Chamber ausschafft. Fir d'éischt wär et ubruecht e Bilan ze maachen an da virunzefueren.

Ech géif d'Chamber bidden, deen Text unzehuelen, deen ech proposéiert hunn, soss d'Motioun ofzelehnen.

M. le Président.- Här Bodry sidd Dir domat d'accord?

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, ech sinn d'accord Bilan mat Programm ze verbannen. Dat ass déi lescht Bemerkung, déi de Statssekretär gemaach huet. Seng éischt Proposition léisst am Fong déi Iddi Programm total falen a schwätzt nëmme vu Bilan.

Ech kënnt mer virstellen, dass mer den zweeten Dispositif kënnte formuléieren: "à arrêter après la présentation du bilan intermédiaire en 2003 un programme national détaillé ...".

Dat gëtt d'Iddi erëm, déi de Statssekretär elo gesot huet. Ech hoffen, dass mer eis dorop kënnen eenegen, soss bleiwen ech bei mengem éischten Text.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir stëmmen of. De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 1 ass mat 34 Stëmmen géint 24 ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot);

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nicolas Strotz), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Mir kommen zur Motioun 2, déi den Här Gira abruecht huet an déi den Här Statssekretär ugeholl huet. Mir stëmmen par main levée of.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, hiewen d'Hand an d'Luucht.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 2 ass eestëmmeg ugeholl.

Dann d'Motioun 3, déi ebenfalls vum Här Gira abruecht ginn ass. Do huet den Här Statssekretär virgeschloen, fir déi an d'Kommissioun vum der Economie, dem Environnement an de Finanzen ze iwwerweisen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 20.28 heures)